
n°3 / 2025













# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL

DU 05.05.2025

#maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°3/2025 - Parution: juillet 2025 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE


Rapport succinct en français 4

**1. Correspondance** **9**

**2. Circulatioun** **9**

2.1. Modification du règlement général de la circulation – règlementation de la rue Emely Arnoldy-Loos
2.2. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion de l'activité « Velosummer 2025 »
2.3. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation – rue de la Libération (CR184)
2.4. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation – rue Théodore Thiel

**3. Approbation du projet définitif (plans et devis) relatif à la reconstruction de l'école Baltzing avec maison relais située 36a, rue Robert Schuman** **17**

**4. Finances** **39**

4.1. Approbation d'un contrat de bail avec l'a.s.b.l. Œuvres paroissiales Saint Martin Dudelange au sujet de la location de logements dans l'immeuble 15, rue Antoine Zinnen
4.2. Approbation d'un contrat de bail avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg concernant un terrain sis rue Louis Rech
4.3. Maison d'habitation sise 71, rue de la Paix
4.4. Emprises – approbation d'actes de vente
4.5. Autorisation pour la vente aux enchères d'un camion-vidangeuse-hydrocureuse
4.6. Approbation du rôle supplétif de la taxe sur les chiens de l'exercice 2024
4.7. Maison sise 43, rue Ribeschpont
4.8. Subsides extraordinaires à allouer

**5. Approbation des modifications à apporter au règlement communal de police générale** **55**

**6. Nomination de délégués dans différentes commissions communales et constitution des commissions consultatives** **56**

**7. Personnel** **58**

7.1. Création de deux postes d'employés communaux à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducation et accueil)
7.2. Création de trois postes d'employés communaux à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducation et accueil)
7.3. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète relevant de la catégorie d'indemnité A ou B, groupe d'indemnité A2 ou B1, sous-groupe administratif (sports)
7.4. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe administratif (égalité des chances)

**8. Questions au collège des bourgmestre et échevins** **60**

# RAPPORT SUCCINCT EN FRANÇAIS

**Présents :** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Diogo Costa ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer, Yves Steffen, Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Messieurs Patrick Bausch, secrétaire communal ; Yves Goergen, secrétaire communal adjoint.

**Absents :** Mesdames Rosella Spagnuolo et Semiray Ahmedova, conseillères communales, excusées.

**Délégations :** Madame Rosella Spagnuolo a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte pour l'ensemble des points à l'ordre du jour à Monsieur Marc Meyer, conseiller communal. Madame Semiray Ahmedova a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte pour l'ensemble des points à l'ordre du jour à Monsieur Yves Steffen, conseiller communal.

Début de la séance publique à 08.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les présents.

Il a de suite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

**1 – Correspondance**
Monsieur le bourgmestre informe le conseil communal que la Chambre des Députés a adopté récemment le projet de loi concernant la suppression du fonds communal de péréquation conjoncturale, créé à l'origine pour soutenir financièrement les communes en période de crise. Ledit fonds n'était plus alimenté depuis 1975. Toutefois, le fonds subsistait formellement en tant que fonds d'argent de tiers auprès du Trésor de l'État. En raison de l'absence d'alimentation pendant près de 50 ans et de l'inertie des avoirs constatée, il a été décidé de supprimer ce fonds. Un avoir de 3'016'046,04- € sera remboursé à la Ville de Dudelange. Monsieur le bourgmestre poursuit pour informer que le compte provisoire de l'exercice 2024 de l'administration communale clôt avec un boni définitif de 10'214'000,- €, ceci sans qu'il n'y ait eu besoin de recourir à une deuxième tranche d'emprunt de 15 millions d'euros.

**2 – Circulation**
Les décisions suivantes au sujet de la réglementation de la circulation sont prises à l'unanimité :

2.1 modification du règlement général de la circulation concernant la rue Emely Arnoldy-Loos pour interdire l'accès aux camions à l'exception de fournisseurs ;

2.2 réglementation temporaire de la circulation à l'occasion de l'activité « Velosummer 2025 » ;

2.3 confirmation d'un règlement temporaire de la circulation dans la rue de la Libération (CR184) à l'occasion des travaux de démolition de l'immeuble n°200 ;

2.4 confirmation d'un règlement temporaire de la circulation dans la rue Théodore Thiel à l'occasion de la réalisation de travaux de raccordement de réseaux.

**3 – Projet définitif (plans et devis) – reconstruction de l'école Baltzing avec maison relais**
Un nouveau projet d'école et de structure d'accueil est prévu dans le quartier de Baltzing.

Ce projet et son concept de fonctionnement ont été élaborés ensemble avec les riverains dans le cadre d'un dialogue consultatif.

Le projet concerne la construction d'une nouvelle école fondamentale à structure intégrée, combinant établissement scolaire et maison relais, destinée à accueillir environ 236 enfants, de l'éducation précoce jusqu'au cycle 4. L'objectif est de proposer une infrastructure moderne, évolutive et adaptée aux besoins pédagogiques contemporains, tout en assurant un accompagnement périscolaire de qualité.

Le concept architectural privilégie la compacité, la fonctionnalité des circulations, et la mixité des usages entre les fonctions scolaires et l'éducation non-formelle.

L'école comprendra un total de 11 salles de classe dites basiques, dont 3 en réserve. Une salle dédiée au cycle précoce permettra d'accueillir les plus jeunes enfants dans un environnement adapté. Le programme inclut également 4 salles d'ateliers, destinées à des activités créatives, scientifiques ou manuelles, ainsi qu'une cuisine pédagogique.

En complément des espaces d'enseignement, le projet intègre un hall sportif scolaire, répondant aux besoins des cours d'éducation physique ainsi qu'à un usage partagé avec la maison relais.

La restauration sera assurée par une cuisine de régénération.

La maison relais étant directement intégrée à l'établissement, des espaces communs seront mutualisés dans une logique de gestion efficiente et de continuité pédagogique entre le temps scolaire et périscolaire.

Après que le projet a été présenté en détail par les responsables de l'équipe de planification et après discussion, le conseil communal approuve, à l'unanimité, le projet définitif (plans et devis) du 25 avril 2025, établi par le service de l'architecture et des domaines, travaux neufs et le bureau d'architecture WW+ d'Esch-sur-Alzette, d'un montant de 40'200'000,- €, taxes et honoraires compris, relatif à la reconstruction de l'école Baltzing avec maison relais située à 36a, rue Robert Schuman à Dudelange.

**4 – Finances**

Les dossiers suivants en matière de finances communales sont approuvés à l'unanimité par le conseil communal :

4.1 le contrat de bail avec l'a.s.b.l. Œuvres paroissiales Saint Martin Dudelange au sujet de la location de logements dans l'immeuble 15, rue Antoine Zinnen.

Il s'agit plus précisément de 3 logements en vue de leur attribution, par la Ville, à la location abordable, conformément aux dispositions de la loi modifiée du 7 aout 2023 relative au logement abordable. Le contrat prend effet le 1er janvier 2025, et est conclu pour une durée de 20 années. Le loyer mensuel par unité de location est de 972,97-, soit au total 2'918,90- € pour les 3 logements ;

4.2 le contrat de bail, prenant cours à partir du 1er mars 2025, conclu avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg au sujet d'un terrain au lieu-dit « rue Louis Rech », place contenant 20 centiares, pour être utilisé par la Ville de Dudelange comme chemin d'accès à un terrain adjacent, propriété de la Ville ;

4.3 l'acte de vente notarié, aux termes duquel l'association sans but lucratif « SOLINA Solidarité Jeunes », avec siège social Strassen, vend à la Ville de Dudelange une maison d'habitation (à rénover, libre de 3 côtés) avec jardin, sise à L-3541 Dudelange, 71, rue de la Paix moyennant un prix de 500'000,- € et le devis estimatif, établi par le service de l'architecture et des domaines, travaux neufs, d'un montant de 485'000,- € TTC, relatif à la remise en état et l'assainissement énergétique dudit immeuble ;

4.4 les actes de vente suivants relatifs à l'acquisition d'emprises :

• Etat du Grand-Duché de Luxembourg, parcelle de terrain sise route de Zoufftgen ;
• époux Jean Jacques Marc Dany – Claudine Edith Maria Schummer et Jean Marie Kontz, parcelle de terrain sise route de Burange ;
• Monsieur Jean Eugène Dennewald et Madame Jeanne Cito, parcelle de terrain sise route de Burange ;
• Monsieur Pasquale Georges Seil, parcelle de terrain sise rue Ste Barbe ;
• époux Daniel Cunha Jorge et Adriana Tinelli, parcelle de terrain sise rue Belair ;
• Madame Marianne Kuffer et Madame Simone Amélie Kuffer, parcelle de terrain sise rue du Commerce ;
• époux Jean Paul Camille Gasperini et Gabrielle Suzanne Lazzarin, parcelle de terrain sise rue du Nord ;
• époux Serge Schmol et Marie France De Marchi, parcelle de terrain sise rue Schiller ;
• époux Joseph Jean Claude Muller et Marcelle Yolande Faber, parcelle de terrain sise rue Lentz ;

4.5 l'autorisation pour la vente aux enchères d'un camion-vidangeuse-hydrocureuse vétuste, mis en service en 2001. Il s'agit d'un camion spécialisé utilisé principalement pour entretenir les réseaux d'assainissement, de nettoyer, déboucher et entretenir entre autres les canalisations d'eaux usées, les égouts, les regards et les fosses septiques. L'âge du véhicule et son kilométrage élevé génèrent des problèmes techniques de plus en plus importants et coûteux. Il a dès lors été décidé de procéder à la vente aux enchères du véhicule d'autant plus que celui-ci été remplacé par un véhicule neuf en 2024 ;

4.6 le rôle supplétif de la taxe sur les chiens de l'exercice 2024 ;

4.7 la résiliation d'un commun accord avec effet au 30 avril 2025, du contrat de bail commercial du 24 février 2023, conclu entre le collège des bourgmestre et échevins et l'association Sourrire a.s.b.l. au sujet de la location, aux conditions retenues dans ledit contrat de bail commercial, la maison sise 43, rue Ribeschpont, L-3548 Dudelange, et le projet de convention avec l'association Inter-Actions a.s.b.l. pour la mise à disposition gratuite de la maison, 43, rue Ribeschpont à l'association Inter-Actions a.s.b.l. en vue de reprendre et d'assurer les services offerts par Sourrire a.s.b.l. et pour y développer son projet de service thérapeutique aux personnes socialement défavorisées.

Inter-Actions entend pérenniser les activités mises en œuvre sur le site par l'association Sourrire a.s.b.l. alors que ces activités incluent notamment des actions à caractère socio-éducatif ainsi que l'accompagnement de personnes marginalisées, confrontées à des situations sociales précaires. Une intégration des activités de Sourrire a.s.b.l. au sein d'Inter-Actions a.s.b.l. permettra de professionnaliser ces services, d'améliorer leur visibilité et de bénéficier de l'expertise d'Inter-Actions pour structurer et renforcer l'offre existante ;

4.8 l'allocation des subsides extraordinaires suivants :

• 750,- € à la Sécurité Routière a.s.b.l. en tant que subside communal pour l'année 2025 ;
• 250,- € au Conseil national des Femmes du Luxembourg ;
• 300,- € à SOS Détresse pour soutenir son engagement en faveur des personnes en détresse ;
• 500,- € à l'a.s.b.l. Médecins sans Frontières Luxembourg afin de soutenir les multiples projets en faveur des femmes et jeunes filles afin de leur garantir le droit fondamental à des soins médicaux de qualité.

**5 – Règlement de police générale**

Le conseil communal approuve à l'unanimité les modifications à apporter au règlement communal de police générale du 26 mai 2023.

Il s'agit plus spécialement d'inclure 3 établissements pour leur accorder l'autorisation d'établir une terrasse et d'en délimiter le périmètre. Les autres modifications concernent des redressements d'erreurs dans les surfaces des terrasses accordées.

**6 – Commissions communales**
Le conseil communal décide unanimement :

a) de désigner les membres dans les commissions suivantes :

**1. Commission de l'enseignement musical**

| | | |
|---|---|---|
| Membres | Délégué des sociétés de musique de Dudelange et des communes conventionnées | Paul Klein |
| | Délégué des sociétés de chant de Dudelange et des communes conventionnées | Monique Biren-Kettel |

**2. Commission des bâtisses et du développement urbain**

| | | |
|---|---|---|
| Membres | | Georges Bemtgen |

**3. Commission de la culture**

| | | |
|---|---|---|
| Membres | LSAP | Alain Klein remplace Guy Schubert |
| | Amis de l'Histoire | |
| | DKollektiv | |

**4. Commission du jumelage et du tourisme**

| | | |
|---|---|---|
| Membres | LSAP | Guy Schubert remplace Steven Hansen |
| | Syndicat d'Initiative et du Tourisme Dudelange | |

**5. Commission de l'environnement, de l'énergie et de la protection de la nature**

| | | |
|---|---|---|
| Membres | Natur & Emwelt asbl | |
| | Coin de Terre et du Foyer | |
| Expert | Service écologique | Serge Birchen |

**6. Commission du 3e âge**

| | | |
|---|---|---|
| Membres | Gëlle Joeren | |
| | Amiperas | |

b) de constituer constitution les commissions consultatives suivantes et à la désignation des membres dans les commissions :

**7. Commission pour l'Aménagement communal et le Programme d'action local (PAL)**

| | | |
|---|---|---|
| Membres | Collège échevinal | Biancalana Dan, Spina Loris, Di Bartolomeo-Ries Josiane, Manderscheid René, Dall'Agnol Claudia |
| | LSAP | Zuang Romain |
| | CSV | Gangler Jean-Paul |
| | Déi Gréng | Ahmedova Semiray |
| | Déi Lénk | Thoma Carole |
| | ADR | Spagnuolo Rosella |
| | DP | Rapado Laetitia |
| Membres suppléants | LSAP | Goergen Roby |
| | CSV | Martini Claude |
| | Déi Gréng | Seil Celia |
| | Déi Lénk | Erpelding Thessy |
| | ADR | Kremer Claude |
| | DP | Ombri Natacha |
| Experts | Service architecture et domaines | Mambourg Cathy, Gottschalk Eva, Bernard Tom, Da Silva Carreira Frederico Christophe |
| | Bureau Zeyen + Baumann | Zeyen Chantal, Brodeur Jean, Faber Lex, Sauerhöfer Marie |

**8. Commission « Gesond Diddeleng »**

| | | |
|---|---|---|
| Membres | | Goergen Roby, Aniset Luc, Becker Alain, Biancalana Dan, Gangler Jean-Paul, Haag Manon, Keller Myriam, Loscheider Sven, Meyer Serge, Saffran Jennifer, Vesque Yves |

**9. Commission pour la Promotion du centre commercial**

| | | |
|---|---|---|
| Membres | Collège échevinal | Biancalana Dan, Spina Loris, Di Bartolomeo-Ries Josiane, Manderscheid René, Dall'Agnol Claudia |
| | FCAD | Clement Alain, Geisen Chantal, Kryeziu Gledis, Wirtz Alphonse, Wohl Romain |
| | Architecte de la Ville | Mambourg Cathy |
| | City Manager | Leners Claude |

**10. Commission pour la Mémoire collective audiovisuelle**

| | | |
|---|---|---|
| Membres | | Christoffel Gilbert, Christoffel Lauri, Goergen René, Engel Jean, Lorenzini Emile, Michaux Marc, Pavan Louis, Sagrillo Lex, Kugeler Claude, Schmit Raymond |

**11. Commission Sustainable Urban Mobility Plan (SUMP)**

| | | |
|---|---|---|
| Membres | Collège échevinal | Dall'Agnol Claudia |
| | LSAP | Fay Paul |
| | CSV | Martini Claude |
| | Déi Gréng | Mahnen David |
| | Déi Lénk | Thoma Carole |
| | ADR | Spagnuolo Rosella |
| | DP | Meyer Marc |
| | Komobile | Molitor Romain, Clees Liette, Krack Paul |
| | Gestion et maintien du patrimoine | Krumlovsky Nic |
| | Service écologique | Cloos Lis |
| | Service de la circulation | Demuth Pit, Schaack Steven |
| | Service des travaux publics | Da Silva Micael |

**12. Commission d'Expertise en Urbanisme**

| | | |
|---|---|---|
| Membres | Bourgmestre | Biancalana Dan |
| | Architecture et domaines | Mambourg Cathy, Gottschalk Eva, Da Silva Carreira Frederico Christophe, Bernard Tom |
| | Gestion et maintien du patrimoine | Krumlovsky Nic |
| | Service de la circulation | Demuth Pit |
| | Service écologique | Cloos Lis |
| | Université du Luxembourg | Hertweck Florian |
| | BENG Architectes | Bidaine Marco |
| | Komobile | Molitor Romain |
| | Schroeder & Associés | Welscher Serge |
| | Mersch Ingénieurs Paysagistes | Mersch Carlo |
| | Zeyen + Baumann | Faber Lex, Zeyen Chantal |

**13. Commission de surveillance de la restauration scolaire et des crèches**

| | | |
|---|---|---|
| Président | conseiller communal | Zuang Romain |
| Membres | échevine du ressort | Di Bartolomeo-Ries Josiane |
| | chef du service éducation et accueil | Hoffmann Ernest |
| | service éducation et accueil | Libardi Ginette |
| | Chargée de mission à la prévention de la santé | Haag Manon |
| | service santé scolaire | Fernandes Susana |
| | représentant des parents (écoliers fondamental) | |
| | représentant des parents (enfants crèches) | |

**7 – Personnel**
Le conseil communal décide unanimement :
• de créer deux postes d'employés communaux à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducation et accueil) ;
• de créer trois postes d'employés communaux à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducation et accueil) ;
• de créer un poste d'employé communal à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe administratif (égalité des chances).

Avec 18 voix et une abstention, le conseil communal marque son accord à la création d'un poste d'employé communal à tâche complète relevant de la catégorie d'indemnité A ou B, groupe d'indemnité A2 ou B1, sous-groupe administratif (sports).

**8 – Questions au collège des bourgmestre et échevins**
Les questions suivantes ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins :
• question « Déi Gréng » – supports pour bicyclettes ;
• question « Déi Gréng » – nouveau quartier « A Bëlleg »;
• question « Déi Lénk » – TICE.

Il est répondu aux questions par le collège des bourgmestre et échevins séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

Des décisions relatives au personnel de l'administration communale sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos.

Fin de la séance vers 13.20 heures.

Les prochaines séances du conseil communal auront lieu comme suit :
• lundi, 2 juin 2025 à 17.00 heures – séance officielle – organisation scolaire de l'enseignement fondamental et liste 1 ;
• vendredi, 13 juin 2025 à 08.00 heures – séance officielle ;
• vendredi, 18 juillet 2025 à 08.00 heures – séance officielle ;
• vendredi, 24 octobre 2025 à 08.00 heures – séance officielle ;
• vendredi, 5 décembre 2025 à 08.00 heures – séance officielle – budget I ;
• vendredi, 12 décembre 2025 à 08.00 heures – séance officielle – budget II. •

# GEMENGEROTSSITZUNG VUM 5. MEE 2025

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech géif proposéieren, dass mer ufänken. Ech géif lech ganz häerzlech begréissen hei ulässlech eiser Gemengerotssitzung vun haut. Zu de Formalitéite wéilt ech hei matdeelen, dass d'Madamm Rosella Spagnuolo haut net dobäi ass an dofir hei dem Marc Meier eng Procuratioun ginn huet an dass d'Madamm Semiray Ahmedova och verhënnert ass an dofir dem Yves Steffen eng Procuratioun deementspriechend ginn huet.

## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà, ech géif proposéieren, dass mer op den éischte Punkt iwwerginn, ënnert Korrespondenz.

Ech kucken hei d'Kolleegen aus dem Schäfferot, ob si eppes hätten. Dat ass net de Fall.

Da géif ech hei awer zwou Kommunikatioune wëlle maachen, an zwar eng, déi den nationalen Niveau betrëfft. Net méi spéit wéi d'lescht Woch ass am Fong de sougenannte Fonds de péréquation effektiv opgeléist ginn. Dir wësst, dass dat e Pott war, wou souwuel de Staat an d'Gemengen abezuelt hunn an dee Fonds communal de péréquation conjoncturale. Deen ass effektiv an de Mëtt 60er Joren entstanen, grad eebe wann elo e bësse Krisesituatioune wären, fir effektiv dogéint ze steieren, respektiv wou d'Gemenge kéinten dorop zréckgräifen. Bon, deen ass iwwert déi lescht Joerzéngten och weider net méi agespeist ginn.

Mir als Stad Diddeleng hate gutt dräi Milliounen an deem Fonds de péréquation conjoncturale. Déi dräi Millioune ginn elo un d'Gemengen ausbezuelt. An d'Gemengen an hir Autonomie communale hunn also zwou Méiglechkeeten: Entweeder affektéiere se dat direkt un de Budget oder setzen dat an d'Gemengereserv.

Mir wäerten op de Wee goen, dass mer dat an d'Gemengereserv setzen. Dat changéiert zwar quant au fond, wat de globale Montant vun eiser Gemengereserv ugeet, näischt. Mee et ass eeben am Fong just eng Verlagerung vun engem Pott, wéi gesot, an deen aneren. Voilà. Dat ass emol déi eng Kommunikatioun.

Déi aner Kommunikatioun ass déi iwwert de provisoresche Kont vum Joer 2024. Mir haten am initiale Budget 2024 jo am Fong ronn 1.381.503 Milliounen ausgewisen als definitive Boni mat engem Emprunt vu 35 Milliounen, déi mer ageschriwwen haten.

Mir haten an eisem Budget rectifié, dee mer gestëmmt hunn am Dezember 7.295.922 Milliounen ausgewisen. Och dat mat engem Emprunt vu 35 Milliounen Euro. An elo am provisoresche Kont vum Joer 2024 hu mer en definitive Boni vun 10.214.472 Milliounen. Also, wéi gesot, e groussen Ënnerscheed par rapport zum Initial, zum Rectifié an zum Provisoire.



Da kënnt nach dobäi, och wann de Gemengerot dem Schäfferot de Feu vert ginn hätt, fir déi zousätzlech Tranche ze zéie vu 15 Milliounen Euro. Mir hate schonn eng Tranche gezu vun 10 Milliounen Euro fir de Kont 2024. Soudass mer am Fong déi 15 Milliounen net hu brauchen ze zéien. Soudass mer dat net brauchen ze maachen a just en Emprunt hu vun 20 Milliounen Euro.

## 2. CIRCULATIOUN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): An da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn. Dat ass d'Circulatioun. An da ginn ech hei dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

### 2.1. Modifikatioun vum allgemenge Verkéiersreglement – Reglementatioun vun der Rue Emely Arnoldy-Loos

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, merci fir d'Wuert. Mir kommen da beim éischte Verkéiersreglement an d'Rue Arnoldy-Loos, dat ass op der Lëtzebuerger Strooss beim Lidl. An deen ass och un eis erugetrueden, well d'Camionneuren do d'Entrée blockéieren an och alles verknaschten.

Déi nämmlecht Informatiounen, déi krute mer awer och vun eisem Personal, dat heescht d'Gäertner an och eis Botzekippen, déi reegelméisseg dohinner ginn, respektiv reegelméisseg da méi dacks mussen dohinner goen.

Ëm wien handelt et sech do? Dat sinn déi Camionneuren, déi an de Multimodal u sech liwweren, an duerno ginn déi da mat hirer Zuchmaschinn sech do um Parking parken. An déi profitéieren u sech dovunner, datt vun aacht bis sechs Auer, also vun aacht Auer moies bis sechs Auer owes et erlaabt ass, sech laanscht d'Strooss ze parken.



Bon, se spueren natierlech do déi Parkgebüren, déi se missten am CRS bezuelen, well se bei eis vill méi bëlleg ewechkommen, wa se ageheien. An natierlech behalen se och eng gewësse Flexibilitéit, well se kënnen dann zu all Moment fortfueren.

An dofir géife mir Iech proposéieren e permanente Camionsverbuet, natierlech mat Ausnam fir Liwwerungen ze maachen an där Rue Emely Arnoldy-Loos. Et wunnen och keng Leit do, also et ass keen Awunner, keng Awunnerin betraff. A mir kéimen domadder net nëmmen der Demande vun deem Supermarché, mee virun allem och de Clienten, déi och elo ugefaangen hunn, sech bei eis ze beschwéieren, no. Voilà.

An eist Personal virun allem och, well déi ginn do net fäerdeg mat botzen. A wa se dohinner musse permanent botze goen, da wësst Der, da bleift eppes anescht op der Streck.

Voilà. Dat wär et zu mengem Deel. A wann nach Froe sinn, Dir gesitt eise Pit vum Service Circulatioun ass och hei.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools merci. Mir hunn nach just eng Fro dozou, vu dass mer vun deene Kamerae schwätzen. De selwechte Problem ass op der Lëtzebuergerstrooss alleguer déi och gläichzäiteg dohinner tanke ginn.

Ass do iergendeppes en vue, dass mer dee Problem iergendwann eng Kéier an de Grëff kréien? Well trotzdeem nach ëmmer all Woch immens vill Stau entsteet, well déi alleguerten d'Stroosse blockéieren a sech an d'Mëtt stellen. An de Problem ass jo ganz, ganz laang bekannt, ech muss deen net nach eng Kéier auspaken hei. Ass do iergend eppes en vue, dass mer dee Problem eng Kéier kënne verbesseren?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Also, dee Problem, dat hu mer jo och schonn dausend Mol hei diskutéiert, dee kréie mir net geléist. Do muss d'Police protokolléieren. A se muss virun allem kontrolléieren, well u sech däerfen se d'Transitstreck eigentlech net verloossen.

Du hues natierlech Ausnamen, et sinn och Camionen, déi an Diddeleng liwweren an duerno do tanke ginn. Ech mengen dat ass duerchaus legitim. Mee all déi, wou d'Transitstreck verloossen, déi misste vun der Police protokolléiert ginn.

A bon, Dir wësst, déi Rumeuren, wou da lafen, jo wa se protokolléiert ginn, dat d'Tankstell, déi bezilt dann de Protokoll, fir datt se awer solle kommen. Se kommen dohinner, well se e gratis Kaffi kréien oder gratis Croissant.

Bon, dat kënne mir als Gemeng natierlech net kontrolléieren. Ech ka mer net elo e Camion lounen an dat dann testen. Mee et ass natierlech besser ginn duerch de CRS. Mee mir selwer als Gemeng, mir kënnen dat doten net änneren. Wéi gesot, d'Police weess et, mir begéine si jo och reegelméisseg do, mee eng aner Handhab hu mir do net.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen. Wa keng weider Remarke sinn, géife mer zum Vott iwwergoen.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Wien ass mat deem heite Reglement averstanen? Dat ass **unanime**.

Da soe mer Iech villmools merci. An da geet weider bei de Vëlosummer.

### 2.2. Approbatioun vum temporäre Verkéiersreglement fir d'Aktivitéit « Vëlosummer »

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, genau. Mir komme bei de Vëlosummer. D'Ministèren, déi hunn am November d'lescht Joer erëm opgeruff, alleguerten d'Gemengen, fir datt se solle beim Projet Vëlosummer 2025 matmaachen.

Deen ass dëst Joer vum 19. Juli bis de 17. August, well et d'lescht Joer e ganz, ganz grousse Succès war, sote se.

Se hunn de Vëlosummer allerdéngs 14 Deeg no vir verluecht. Firwat, soen ech Iech direkt, dat krute mer net matgedeelt, dat war hir Entscheedung. Dir wësst, dat ass en nationale Projet, wou deen Datum eebe vun deenen zwee zouständnege Ministèrë festgeluecht gëtt an net vun eis.

Mir haten dëst Joer e groussen Tour zwëschent de Gemenge Beetebuerg, Réiser, Fréiseng an Diddeleng eragereecht. Dee Projet, dee gouf leider net zréckbehale mam Argument, e wär ze geféierlech, well den Iwwergang um CR 161 zu Diddeleng, deen Iwwergang wär eeben ze geféierlech. Mee awer och, well se soten, se hätten ze vill Projeten erakritt.

Bon, trotzdeem maache mer dëst Joer véier Projeten. Dräimol déi selwecht wéi d'lescht Joer, plus een neie Projet dann. Den autofräien Zentrum, de Vëloswee zwëschent Diddeleng a Beetebuerg an d'Ribeschponterstrooss.

Nach dobäi kënnt d'Vëlosstrooss an der Rue Pasteur. Dat ass eigentlech e Versuch fir ze kucke wéi d'Leit op esou eng Strooss reagéieren. An déi Demande, déi koum och vu Vëlo Diddeleng.

Fir dann dee Vëlosummer awer kënnen ze realiséieren, ech mengen dat wësst Der, musse mer all Joers hei am Gemengerot e Verkéiersreglement huelen.

An do géif ech dann elo drop agoen. De Vëlosummer gouf och den 11. Februar an der Verkéierskommissioun virgestallt.

An ech géif dann einfach ufänke vläicht mam autofräien Zentrum par rapport zum leschte Joer, also zu 2024, ännert sech elo näischt Grousses um Vëlosummer. Trotzdeem da vläicht e klenge Rekapitulatif:

Gespaart sinn also tëschent dem 19.07. an dem 17.08. fir den Autosverkéier, jeeweils vu mëttes 12:00 bis den Dag drop moies 06:00 Auer, d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte zwëschent der Rue Dominique Lang an der Gemengeplaz, d'Rue du Commerce, dat heescht d'Place Kinnen, d'Rue Jean Jaurès tëschent der Niddeschgaass an der Rue de l'Étang,

déi ganz Gemengeplaz, an d'Rue de la Libération zwëschent der Gemeng an der Rue du Commerce.

An dat ass och aktuell duerch d'Reglement vum Shared Space matgereegelt, soudatt mer dat net nach eng Kéier musse fir de Vëlosummer maachen. Mir profitéieren einfach vun deem Reglement, wat schonn a Kraaft ass.

An dann zousätzlech zum Späre ginn dann och déi opgezielte Stroossen an eng Zone de rencontre oder Foussgängerzon, mat Erlabnis fir de Vëlo ëmgewandelt, soudass de Foussgänger sécher vun där enger Stroossesäit dann och op déi aner ka goen.

D'Awunner vun der Place Hôtel de Ville, de Rescht vun der Rue Jean Jaurès an der Liberatiounsstrooss, déi kënnen iwwert d'Rue Jean Jaurès oder iwwert d'Rue Karl Marx erafueren. Dat ass och keen neie Moment. Wéi gesot, dat bleift alles wéi et war.

D'Automobilisten aus der Rue de l'Étang, déi musse bei der Barrière an der Rue Jean Jaurès rieds ofbéien, ausser natierlech, et ass een Awunner. Fournisseuren an d'Busser dierfen awer no lénks ofbéien. Och dat ass keen neie Moment. Dat ass genau sou wéi et och d'lescht Joer scho war.

An dann och un de Cyclist selwer, et ass jo e Vëlosummer, hu mer natierlech geduecht. Wann et ronderëm d'Gemengeplaz geet, wéi 2024, also wéi de leschte Vëlosummer, ass et méiglech beim Café Joker laanscht De Good Fellow Richtung Liberatiounsstrooss mam Vëlo iwwert d'Strooss ze fueren. Dëst Joer gëtt näischt an d'Mëtt vun der Strooss gestallt fir déi Spueren ze spären.

An der Verkéierskommissioun, wéi gesot, den 11. Februar gouf festgehalen, näischt méi ze setzen, well et eng Zone de rencontre jo ass.

Déi maximal Vitess ass dann domat och 20 km an der Stonn. An fir dass dëst och agehale gëtt, setze mer dann e Berliner Kissen.

Déi ganz Strooss gëtt och als Zone de rencontre reglementéiert. Fir d'Kontrolle vun den Accèsen an de Vitessen hu mer och d'Hëllef vun der Police gefrot, déi och an der Verkéierskommissioun dobäi war, matdiskutéiert huet, an dat alles matkritt huet.

D'Parkplazen hei laanscht d'Strooss, déi kënnen natierlech als Terrassen ëmgewandelt ginn, wa se dat wëllen.

Fir de Schwéierverkéier dann och aus dem Zentrum erauszekréien, gëtt et ee Sens recommandé fir Gefierer iwwer 3,5 Tonne bei der Rue de l'Étang an der Kräizung Keel-Lëtzebuerg-Gafelt gëtt dat opgestallt, an da féiert dee Wee dann och duerch d'Gafelt.

Zum Ribeschpont. Ma mir spären och d'Ribeschponterstrooss tëschent der Näerzengerstrooss an der Schoul Ribeschpont fir de motoriséierte Verkéier. Genau och wéi d'lescht Joer, do gëtt et dann och erëm eng Kéier keen neie Moment.

An och wéi d'lescht Joer, fir datt all Mënsch sech drun hält, gëtt d'Strooss uewe bei der Näerzengerstrooss an ënne bei deem Wendehammer mat schwéiere Bléck gespaart. An dat gëtt dann och esou opgestallt, datt de Vëlosfuerer natierlech problemlos laanscht kënnt, mee den Autofuerer dann och keng Chance huet. An den Accès fir d'Ambulanz an d'Baueren ass ëmmer iwwer Nieweweeër garantéiert. Dat war d'lescht Joer och eng Fro hei am Gemengerot.

D'Autosfuerer ginn an d'Rue Soibelkaul wärend dëser Zäit ëmgeleet. Fir d'Awunner awer vun deem Quartier Soibelkaul ze schützen, gëtt e Fuerverbuet, en C2 also opgestallt, dat heescht mat Excepté Bus, Riverains et Fournisseurs, soudatt d'Awunner an d'Awunnerinnen natierlech nach weider bei hir Haiser kommen, respektiv de Bus och kann duerch de Quartier fueren. An och dës Mesure ass näischt anescht wéi se d'lescht Joer scho war.

Fir de Projet Vëloswee zwëschent Diddeleng a Beetebuerg, deen den Titel dréit „Family Tour am Süden“, do ass e Parcours vu ronn 15 Kilometer, do musse mer och kee Reglement huelen. Hei gëtt den Tracé duerch Schëlder an e Marquage gezeechent a féiert iwwert déi bestoend Vëlosweeër zwëschent de Gemengen.

Den neie Projet ass, wéi gesot, d'Vëlosstrooss an der Rue Pasteur zwëschent der Rue Flemming an der Route de Hellange. Bon, et ass haut schonn eng 30km/h-Zon, an eise kommunale Vëloswee, dee féiert och do doduerch. D'Automobilisten däerfen da wärend deem Vëlosummer hei d'Vëlosfuerer net méi iwwerhuelen an zousätzlech däerf nëmmen op markéierte Parkplaze stationéiert ginn.

Voilà, dat wär et elo mol vu menger Säit. Ech kucken och eise Chef de service, ob ech alles richteg erëmginn hunn an näischt vergiess hunn. Dee wackelt scho mam Kapp, dee wëllt da bestëmmt nach eng Zousazinformatioun ginn, ier vläicht de Buergermeeschter d'Diskussioun kann opmaachen.

PIT DEMUTH, SERVICE CIRCULATIOUN: Merci fir d'Wuert. Et war fir mech elo e bësse konfus, well ech mengen, et sinn e puer Saachen duerchernee geheit ginn, dofir wëll ech vläicht eng Kéier eng Rekapitulatioun maache vun deene verschiddene Plazen, dass et och méi kloer ass, net dass dann herno Froe kommen.

Also d'Spärung vun der Niddeschgaass ass jo mam Reglement vun der Niddeschgaass reglementéiert. An déi aner Plazen, d'Place de l'Hôtel de Ville, Rue Jean Jaurès a Rue de la Libération, déi si permanent fir de Verkéier gespaart.

A mir schwätzen och net vun engem autofräien Zentrum vun autoaarmem, well ganz d'Auto kréie mer net eraus. Ech mengen dat war och d’leschte Kéier eng Demande vu verschiddene Memberen hei vum Conseil, fir dat och esou ze nennen.

An da mam Vëloswee zwëschent Diddeleng a Beetebuerg. Dat ass jo op besteeënde Vëlosweeër. An da gëtt mat Plackette gemaach, déi op d'Schëlter vum Vëloswee kommen. Ech weess net, ob dat elo richteg duerchkomm ass. An de Rescht war awer alles richteg.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. An och e grousse Merci un éischter Plaz un de Schäfferot, fir d'Decisiounen de Vëlosummer ze organiséieren, och wann de Projet net vum Ministère esou zréckbehale ginn ass, wéi sech dat initial virgestallt ginn ass.

Mir sinn der Meenung, dass fir Verännerungen an och en Ëmdenken, dass dat ka stattfannen, dass et dofir wichteg ass, laangfristeg ze gesinn. An do ass et vun der Akzeptanz bei de Leit hier wichteg, och kontinuéierlech esou eng Aktioun wéi de Vëlosummer duerchzeféieren. De Succès vun de leschte Joren duerch d'ganzt Land gëtt der Aktioun Recht.

Et si ganz vill Dossieren, déi beim Ministère landen a se kënnen duerno net all zréckbehale ginn, dat huet d'Verkéiersschäffin och grad gesot. De Succès ass awer och lokal ze erkennen. An dass de Vëlo eng wichteg Roll zu Diddeleng huet, konnt een nach de virleschte Weekend gesinn, wou Vëlo Diddeleng hiert Critical Mass elo scho fir d'fënneft organiséiert huet an eng ronn 150 bis 200 Leit gezielt konnte ginn. Wat immens vill ass, wann ee kuckt, wat alles op deem Weekend doruechter och lass war.

Merci awer och un de Pit a seng Ekipp fir dat oppent Ouer bei deem Theema. An och d'Pläng, déi mir an eisem Dossier haten, déi sinn nees ganz komplett a verständlech an erméiglechen eis en Iwwerbléck ze kréien iwwert dat, wat mer haut wäerten deliberéieren.

En Iwwerbléck, deen een esou an der Diskussioun net ëmmer direkt huet, wann een iwwert déi eenzel Stroosse schwätzt, iwwert déi eenzel Schëlter, do maachen déi dote Pläng et weesentlech méi einfach.

Mat de Contrainten an den Diskussiounen, déi scho gefouert gi sinn, op déi wéilt ech elo net weider agoen, sinn eebe just nach e puer Froen déi, déi mer géife bleiwen.

Mer hate kuerz iwwert d'Terrasse geschwat. Si Blummebacken an Terrasse virgesinn op de Parkplaze virun der Stadhausplaz an an der Liberatiounsstrooss?

Dat lescht Joer ass de Commerçanten iwwerlooss ginn, eppes do ze maachen. Do hat dat net stattfonnt. Do wier hei am Fong d'Fro, ob hei proaktiv mat de Geschäftsleit gekuckt gëtt, wéi een dat kéint gestalten, dass d'Parkplazen net just ewechfalen, well gekuckt gëtt eeben d'Autoen erauszehalen, mee dass Plazen, Bänken, Dëscher oder Änleches, esou Lieux de rencontre och kéinte geschafe ginn. Dëst och virun allem fir d'Akzeptanz ze steigeren allgemeng bei de Leit.

Mir sinn och der Meenung, dass Alternative musse geschaf ginn, an dass een net herno just d'Gefill huet, dass een eppes ewechgeholl kritt huet, also dass een d'Parkplazen ewechgeholl kritt huet, wa sech de Commerçant elo net dofir decidéiert, do eng Terrass ze maachen, ob mir als Gemeng do vläicht kéinten eis Iddien ëmsetzen.

An ech menge mir haten och bei der Motioun zu de Jardins éphémères, do hate mer esou alternativ Propose gemaach, wéi een hei kéint och mat Begréngung schaffen a wéi den ëffentleche Raum eeben nach kéint genotzt ginn op Parkplazen, wa keng Autoen do stinn.

Dann, an deem Kader do, hu mir eis dann eebe och d'Fro zu der Kommunikatioun vum Vëlosummer gestallt. An och hei erëm, fir d'Leit ze begeeschteren, déi kee Vëlo fueren. Et kéint beispillsweis am Zentrum, eeben, wéi elo grad gesot ginn ass, vum autoaarme Summer méi prononcéiert geschwat ginn, wou d'Plus-value vun där heiter Aktioun am Zentrum net just dem Vëlo zougeschriwwe gëtt, mee eeben duerch déi Terrassen, d'Gréngs an d'Verkéiersberouegung ervirgehuewe ka ginn, dass d'Flanéieren an d'Akafen, d'Iessen, d'Drénken am Zentrum vill méi attraktiv ass iwwert dee ganze Mount, well se eeben anescht amenagéiert ass wéi mat Parkplazen. Sou kéint een an eisen Aen de Fokus e bësse vum Vëlo ewechhuelen an d'Virdeeler einfach fir méi eng grouss Masse critique an de Vierdergrond hiewen.

Dann, deen drëtte Gedanken, dee mer hunn, dat ass d'Kommunikatioun och a puncto Rue Ribeschpont. Hei kéint et flott sinn, an der Kommunikatioun ronderëm de Vëlosummer dann och ze erklären, wéi wichteg dës Strooss ass, fir Butschebuerg sécher mat der Nord-Süd-Achs ze verbannen, fir an deen autoaarmen Zentrum dann ze kommen.

Och hei kéinten d'Leit, déi net souwisou scho vill Vëlo fueren, e bëssen de Wee kenneléieren, wéi se dann elo vu Butschebuerg duerch d'Plus-value vun der Rue Ribeschpont an den Zentrum méi sécher mat hirem Vëlo kommen.

An dann, zum Schluss nach, kënnt Der Iech bestëmmt denken, zu der Vëlosstrooss an der Rue Pasteur, an engem éischte Schratt fanne mer dat immens gutt, well dësen Tracé mat der Rue Theodor Thiel an der Eiffesstrooss sech wierklech zu der Nord-Süd-Achs fir an den Zentrum ze kommen, etabléiert huet bei de Leit, déi vu Beetebuerg iwwert de Vëloswee erakommen.

Dat ass e Wee, dee gëtt immens vill genotzt, dee gëtt vun allen Altere genotzt an et mierkt ee virun, allem am Summer, un der Unzuel vun E-Bike-Fuerer, déi sech ëmkucken an eiser Strooss an déi dann och wierklech lénks a rieds kucke wat do sou ass, dass et keng Diddelenger sinn, déi wierklech erakommen an Diddeleng an einfach emol kucke wou sinn ech hei? An dat schéngt gutt ze klappen, dass dat de Verkéier am Fong a Richtung Zentrum leet.

Zwou Froen, wou mer eis hei awer gestallt hunn, engersäits mat Bléck op Beetebuerg an d'Stad Lëtzebuerg, sinn am Fong déi: Wann een an enger éischter Phas, also d'Stad Beetebuerg an d'Stad Lëtzebuerg, si hunn dat do schonn an si hu schonn Erfarungen domat gemaach, mat esou Vëlosstroossen, et wier am Fong d'Fro, dass wann een an enger éischter Phas reng op Schëlter an e Verkéiersreglement setzt, ouni baulech Moossnamen, wat och normal ass am Pop-up-Charakter vun der Durée vun dräi Wochen, stellt sech d'Fro wéi een d'Leit awer sensibiliséiert an opgekläert kritt, wat eng Vëlosstrooss ass a wéi eng Reegelen do gëllen. Well soss huet dat Ganzt relativ vill Konfliktpotential.

An déi Zäit, wou ech de Fürerschäi gemaach hunn, an dat si jo nach keng drësseg Joer hier, do sinn et nach keng Vëlos-

stroossen hei zu Lëtzebuerg ginn. An ech denke mer, dass et ville Leit hei esou geet. An dass et schwéier virstellbar ass, dat doten iergendwéi vermëttelt ze kréien, ouni wierklech eng Campagne do ronderëm ze maachen.

Do wier eis Fro: Wat gedenkt de Schäfferot hei ze maachen, fir d'Leit ze sensibiliséieren? Wier et envisageabel, dës Vélosstrooss eventuell méi laang lafen ze loossen, beispillsweis an enger Testphas am Juni an da vu Juli bis Oktober als Pilotprojet, wou mir dann eventuell am Gemengerot vum Oktober kënne kucke wat eventuell ugepasst soll a ka ginn, fir et eventuell dauerhaft kënne bäizebehalen?

D'Durée wier jo hei eng onkomplizéiert Stellschrauf, well jo mat dësem Reglement kengem eppes ewechgeholl gëtt, weeder Parkplazen nach Fuerverbuet. An do wier eis Fro am Fong, ob dat machbar wier?

Dann, zum Schluss vun eeben deem Theema vun der Vélosstrooss, hu mir eis gefrot, ob d'Albert-Schweitzer-Strooss, dee klengen Deel, net och der Logik halber misst zu der Vélosstrooss ginn? Dann hat een nämlech den Tracé ab dem Véloswee, also ab dem Véloswee vu Beetebuerg aus bis an déi manner befueren Théodore Thiel-Strooss, einfach an der Kontinuitéit. Dann hätt een d'Vélosstrooss vum Enn vum Véloswee bis an de Quartier eran. An da wier d'Entrée am Fong nach méi visibel fir de Véloswee op d'Nord-Süd-Achs ze leeden. Voilà, dat war et. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools merci. Merci Yves, fir Deng flott Interventioun, wou vill Saachen dran erëmkommen, déi mir och absolut deelen.

Mir hunn eis de Plang hei ugekuckt an eis ass et e bësselche gaange wéi dem Pit an dem Claudia, mir haten e bësselche Schwieregkeeten, fir alles ze strukturéieren an e Ganzt erëmzefannen an et war e bësselche lusteg, wou s de gesot hues, dass et e bësse komplizéiert war, och fir eis Verkéiersschäffin da fir sech an deem Ganzen dann erëmzefannen.

Et wär flott gewiescht, wa mer e Plang gehat hätten, dee ganz Diddeleng erëmgezeechent hätt, fir de Kommiteesmemberen eng Kéier ganz global an easy ze weisen, wéi ee fuere kann a wéi de Wee ass. Esou ass et relativ schwiereg, sech an deem Ganzen erëmzefannen.

Trotzdeem ass et en nationale Projet, dee wichteg ass matzedroen, fir d'Promotioun vum Vélo, fir de Leit och ze weisen, dass mer eppes maache fir eng Alternativ zum Auto ze fannen.

Mir hunn an de leschte Joren, do hate mer e puer Projeten, e puer Iddi scho gedeelt, déi mer och dës Joer eng Kéier deelen. D'lescht Joer hate mer gesot, dass een eventuell och nach hätt kéinten den Tourismus nach méi mat abannen, wéi zum Beispill och de Floater, déi lokal Lokalitéite fir ze schlofen an den Nopeschgemengen, dass een déi och vläicht an de Projet vum Vélosummer ka mat abanne fir dass dat wierklech esou e lokalen Tourismusprojet nach kéint ginn.

Wa mer awer d'Stroossen nach kucken, déi wou alleguerte gespaart sinn, hu mer e bësselche Bedenken, e bësselche Problemer och gehat hei virun der Gemengeplaz.

Mir sinn absolut dofir, fir d'Terrasse méi grouss ze maachen. Dat si Proposen, déi mer scho gemeet haten. An awer kënnt et hei e bësselchen herno erëm esou eriwwer, d'Strooss gëtt just gespaart fir d'Vélosfuerer. An dee Message ass deen, wou mer net däerfen eriwwerginn, dat ass dat wat geféierlech ass, well mer dann am Fong nees e bësselchen esou en Haass op Vélosfuerer schafen domadder, wa gesot gëtt, d'd'Strooss ass zou wéinst de Vélosfuerer.

An dem Yves seng Propos ass genau d'selwecht wéi déi wou ech do am Hannerkapp hat gëschter Owend, wou ech driwwer nogeduecht hunn. Et ass effektiv, fir esou en autofräien Zentrum ze maachen, fir dat einfach ze promovéieren, dass en autofräi ass. Mee et ass fir jiddwereen, et ass fir d'Foussgänger, et ass fir aner Aktivitéiten. Oder dass mer soe mir maachen d'Terrasse carrement och vill méi grouss, et ass dann och fir de lokale Business méi ze stäerken, dass mer op déi Spuer ginn. Mee wa mer awer higinn a soen, d'Strooss ass zou wéinst dem Vélosfuerer, da fäerten ech e bësselchen, dass mer de Géigeneffekt wäerten an der Kommunikatioun erreechen, fir dat wat mer wëllen hunn.

Fir de Rescht wäerte mer de Projet mat deelen, vu que dass en en nationale Projet ass, wéi mer gesot hunn ass et wichteg fir eis. Ech denken awer, dass mer virun allem am Zentrum hei an den nächste Joren nach e bësselche méi u verschiddene Schrauwe kënnen dréinen, fir d'Promotioun besser ze maachen. Voilà.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech kann ëmmer méi lues maachen. Ech loossen ëmmer d'Experte vu Vélo Diddeleng schwätzen an da lauschteren ech, wat déi sou soen, an da weess ech, wat ech herno soe soll.

Neen, also ech sinn net bekannt als Vélosfuerer, mee ech wollt awer eppes opgräifen, wat elo déi zwee Virriedner gesot hunn. Ech sinn nämlech ganz gären als Foussgänger ënnerwee. An dat autofräi oder autoaarm, wat jo dann effektiv méi richteg ass, do geet et jo net nëmmen ëm d'Vélosfuerer, mee do geet et jo och allgemeng, wa mer och soen e Quartier soll autofräi ginn oder e Quartier soll autoaarm ginn, da geet et jo och ëm d'Froe vu Mobilité douce, awer och zum Beispill ëm Froe wéi schafe mer ëffentlech Plazen nei oder wéi huele mir eis als Gesellschaft ëffentlech Plazen nees méi zeréck?

An ech mengen effektiv, dass do de Vélosummer kann eng flott Initiativ sinn, wou een och e bëssen experimentéiert a wou ee vläicht dann net nëmme seet d'Commerçante kënnen, wa se wëllen, eng Terrass maachen, dat fannen ech gutt. Mee vläicht schonn am Virfeld mat hinne kucken, wien huet do Interessi? A wann do Commerçante sinn, déi do vläicht kee Besoin hu fir déi Plaz, dass ee sech dann aner Iddien iwwerleet, wéi een déi Plaz ka wärend deene puer Wochen anescht notzen, fir eeben ze weisen, dass vun engem autoaarmen Zentrum effektiv déi ganz Stad an alleguerten d'Leit, déi hei wunnen, kënne méi profitéieren. Ech mengen dat ass eng ganz, ganz interessant Iddi.

Fir de Rescht, och wann ech elo net ganz vill mam Vëlo ënnerwee sinn, begréisse mir awer, dass d'Gemeng ëmmerhin och nach um Vëlosummer festhält an och probéiert, dat lues a lues weiderzeentwéckelen an och aner Saachen auszeprobéieren.

Mir sinn da mol gespaant, ob dat elo dës Kéier am Zentrum virun allem besser funktionéiert an hoffen dann, dass d'Police awer och heiansdo do ass, an d'Vitess dann och agehale gëtt. Well soss stellen ech mer dat éischter geféierlech vir, mee dat gesi mer dann, ob dat funktionéiert. An voilà, dat war et vun eis. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. De Vëlosummer. Ech hu mech gefrot, wat kënnt dann alles haut, wann dat Theema kënnt? Heiansdo hunn ech d'Gefill, dass ëmmer erëm eppes muss fonnt ginn.

Mir begréissen op alle Fall, dass mer och dëst Joer erëm dobäi si mat véier Projeten.

Am Joer 2024 hu 67 Gemenge matgemaach an deem Kader. Déi meescht vun deene just am Kader vun thematesche Routen, wou wärend dem Weekend sinn.

Hei zu Diddeleng maache mer méi, andeems mer iwwer Woche Stroossen zoumaache fir de Vëlo an dem Foussgänger eng nach méi eng grouss Plaz ze ginn. Hei gëtt sech ausgetosch an ëmmer erëm ajustéiert. A wann et net direkt ka geschéien, da probéiere mer fir d'Joer duerno.

Ech fuere méi Hobbyvëlo, am Verglach zu aneren. Awer ech fueren och mam Vëlo mol bis an d'Stad. An net méi spéit wéi leschte Weekend sinn ech op Beetebuerg gefuer. An ech kann Iech soen, d'Beschëlderung an Diddeleng, wat de Vëlo ugeet, ass super. Ech fanne mäi Wee duerch Diddeleng, ech fanne mäi Wee eraus.

Mee wann ech bis a Beetebuerg erakommen, da sinn ech verluer. Also Beetebuerg, den Ufank geet nach. An herno, bon, ech sinn éierlech, ech sinn einfach herno duerch Beetebuerg gefuer, ouni de wierkleche Wee vum Vëlo ze fannen. Dofir soen ech, d'Beschëlderung an Diddeleng, wat dat alles ugeet, si mer zum Deel wierklech wäit viraus mat ganz, ganz ville Gemengen hei am Land.

Mir begréissen also och dëst Joer erëm de Vëlosummer. An dofir virun allem nach eng Kéier dem Pit a sengem ganze Service Merci. Well ech weess, dass e belagert gëtt, dass en ëmmer erëm Maile kritt, dass en hei an do, an ech weess net wéi vill mol am Laf vum ganze Joer. Hie probéiert ëmmer ze reagéieren, ze adaptéieren. A wann et net direkt ka geschéien, da geschitt et awer iergendwann, wann en eng Léisung fir de Problem fonnt huet.

Well et ass net ëmmer alles esou einfach, dass ee seet, majo do ass eng Strooss komm mir stellen e Bac dohinner an dann ass dat do lo eng aner Strooss. Sou einfach ass et eeben net ëmmer. Dofir begréisse mer et a mir freeën eis op de Vëlosummer. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci. Ech hu just eng ganz kleng technesch Fro, et ass scho soss alles gesot ginn. Ech hunn op engem Plang gesi bei der Rue Jean Wolter, do steet Punkt 1, 2, 3. Ech mengen dat ass e Feeler, oder?

Bei der Rue Jean Wolter, op deem Plang, do steet d'Case 1, 2, 3.

1, 2, 3, dat géif heesche Circulation interdite. Ech huelen un, dass dat muss niewendru kommen an an d'Niddeschgaass. Ass dat richteg? Okay. Gutt, Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Voilà. Merci och fir Är Interventiounen. Vläicht emol direkt eng kleng Richtegstellung, also de Pit ass Ingenieur, dee ka seng eege Pläng liesen an ech hat déi grouss Chance, datt ech jorelaang an engem technesche Service geschafft hunn, dat heescht, ech kann och seng Pläng liesen.

Wat dat komplizéiert ass, ass datt mir mussen den Awunnerinnen an den Awunner e Plang oder Pläng a Wierder faassen an esou erëmginn. Déi Leit gesinn dee Plang jo net onbedéngt oder se fannen en och online, mee se ginn en awer net kucken.

Mee mir mussen hei fir den Analyteschen dat erëmginn, wat op deene Pläng ass, sou datt den Otto Normalverbraucher, deen, deen net wëll déi Pläng kucke goen, dat och versteet. An dat ass net ëmmer esou einfach, all eenzelt Schëld ze erklären. An dofir hunn ech och probéiert, dat, wéi de Pit sot, e bësse méi kuerz ze maachen, well dat meescht schonn all Joers hei gesot gouf.

Dann zu der Kommunikatioun. Do ass e puermol gesot ginn den autoaarmen Zentrum, d'Ribeschponterstrooss an och den Tourismus. Ech mengen d'Nathalie Reckinger vun eisem Service Comm, dat sëtzt do, dat huet dat alles matkritt. Si wäerten dat dann och kënnen an enger Campagne opgräifen.

Dat nämmlecht gëllt mengen ech fir d'Awunner och vun der Pasteurstrooss. Mir mussen deene jo och soen, datt hir Strooss eng Vëlostrooss ass wärend dem Vëlosummer. An déi mussen natierlech och adequat informéiert ginn.

Et bleift awer dobäi, dat ass d'Äntwert op den Här Steffen, datt dat do elo mol an enger éischter Phas getest gëtt. Mer d'Reaktiounen ofwaarden, net nëmme vun de Vëlosfuerer, mee och vun den Awunner vun der Strooss an iwwerhaapt vun deene Leit, déi déi Strooss gebrauchen.

En huet sech d'Äntwert selwer ginn. Ech mengen et ass e Pop-up, dofir maache mer elo keng baulech Moossnamen. Dat géif ze vill ginn. Mee nichtsdestotrotz, ech mengen, wa mer gesinn, datt dat dote Succès huet, da kann een natierlech dat doten entweeder widderhuelen oder, wéi den Här Steffen et wëll, „veréiwegen".

Zu der Albert-Schweitzer-Strooss, do kann de Pit eppes soen, ob dat Sënn mécht, dat mat eranzehuelen.

Jo, d'Madamm Thoma huet nach eng Kéier gesot, d'Police. Jo, mat der Police steet a fält Verschiddenes. Déi wëssen,

wéi gesot, Bescheed. Déi sinn informéiert. Déi kréie souwisou och all Verkéiersreglement vun eis. Se sëtzen an der Kommissioun dobäi. Se hunn och mat diskutéiert.

Mee et soll ee sech awer elo och keng Illusioune maachen. Déi erwëschen net all Falschparker an all Ze-Schnellfuerer, gell. Déi Moyenen, déi huet d'Police dann och erëm net. Mee wéi gesot, si wäerten op hiren Tier natierlech dat maachen, wat néideg ass.

D'Madamm Dimmer huet dem Pit Merci gesot fir seng vill Aarbecht a seng gutt Nerven. An ech mengen do kënne mer eis alleguerten uschléissen.

Dann zu den Terrassen an zu de Blummen. Dat ass e puermol erëmkomm. Also mir hunn och an de leschte Jore mat de Leit geschwat, fir hir Terrass méi grouss ze maachen. Natierlech kënne mir keen zwénge, wann ee keen Interêt huet, da mécht en dat net.

Ech hunn och deemools schonn, wou et ëm de Jardin éphémère gaangen ass oder an der Verkéierskommissioun, ech ka mech net méi genau erënneren, wéini ech et sot, datt mir effektiv kucken dat Ganzt ze begréngen, fir datt dat besser ausgesäit, datt dat flott ausgesäit, datt dat aluedend ausgesäit.

Mee wéi gesot, d'Gemeng stellt net d'Terrassen. Wa si wëllen hir Terrasse méi grouss maachen, da kënne si dat natierlech maachen. Mir encouragéiere se och. Mee ëm d'Blummen, respektiv ëm d'Begréngung, dat musse jo net onbedéngt Blumme sinn, do kënne mir eis këmmeren.

Voilà, ech hoffen, dann hunn ech näischt vergiess. An da mengen ech de Pit wëll nach eppes zu der Schweitzer-Strooss, respektiv alles dat, wat mer elo vergiess oder verdréint hunn, soen.

PIT DEMUTH, SERVICE CIRCULATIOUN: Merci. Jo, ech wollt just nach eng Kéier zréckkommen hei op den Zentrum. Also mir hunn och schonn d'Iddi gehat, d'Terrassen ze späre mat Blummebacke, déi sinn och bestallt.

Wéi d'Claudia och richteg gesot huet, si mer un d'Geschäftsleit erugetrueden, dat iwwert den FCAD, och am Allgemengen, den FCAD ass hei am Projet mat involvéiert. Ech këmmere mech leider nëmmen ëm de Mobilitéitsdeel.

Geschäftsdeel an Tourismus, dat sinn aner Servicer hei op der Gemeng, déi si mat involvéiert ginn. Ech kann elo net fir déi schwätzen, mee ech tippen, dass onse City Manager oder de Service vum City Manager mat dem FCAD awer a Kontakt ass, och mam President. Ech hat nach de Freideg mam President rieds an dee weess Bescheed.

Si sinn och, wann ech richteg informéiert sinn, amgaangen do eppes auszeschaffen, dass de Vëlosummer besser promouvéiert gëtt, dann hoffen ech, dass och e bësse méi Terrasse gemaach ginn.

Och d'Kommunikatioun selwer. Ech mengen, mir hunn déi Jore virdrun och ëmmer Kommunikatiounen un déi betraffe Leit aus de Stroosse ginn. Do kréien dann och d'Leit ronderëm d'Pasteurstrooss, déi kréien e separate Flyer, wou een dann erkläert kritt, wat ass eng Vëlosstrooss? Wéi muss ee sech verhalen? Op wat muss ech oppassen? Ech mengen domadder misst dann deelweis de Bedenke vum Här Steffen Rechnung gedroe ginn. Ech mengen, méi wéi hinnen, d'Schrëftschinner *[34:12 – Wuert net verstanen]* dat kënne mer hinnen net maachen. Jiddweree muss et nach herno selwer maachen.

Bei der Albert-Schweitzer-Strooss. Also mir hunn ons elo just op d'Stroosse begrenzt, wou haut vill Trafick ass a wou och d'Busser duerchfueren. Ech mengen duerch d'Schweitzerstrooss ass ganz wéineg Trafick, also ganz wéineg motoriséierten Trafick. Ech mengen do fuere méi Vëloen deelweis wéi Autoen. Duerfir hunn ech se elo an enger éischter Phas net erageholl. Mee wa mer der Meenung sinn, dass mer déi sollen derbäihuelen, da kënne mer déi eventuell, wann et gutt klappt, d'nächst Joer mat eranhuelen.

Ech mengen dat ass just eng Saach vun der Reglementatioun a respektiv, dat kéint een och noutfalls eng Kéier noschéissen, wann et misst sinn. Sou, dat wier et awer och vu menger Säit.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech wollt just eng Kéier kuerz drop reagéieren, wat d'Madamm Dall'Agnol grad och gesot hat, mat der Durée elo, a mat de bauleche Moossnamen an der Pasteur, dass een do effektiv an deem Pop-Up-Charakter net vill kéint maachen.

Do, wou ech am Fong drop erauswollt, dat ass, dass beispillsweis déi an der Stad, déi Vëlosstroossen, déi ech reegelméisseg huele fir op d'Aarbecht ze fueren, do war effektiv e ganze Mount Virlafzäit, wou einfach Schëlder do stoungen, voilà, dat heiten, dat gëtt zu enger Vëlosstrooss. An da waren déi Clôturë mat engem Banner drop, wou einfach drop stoung, wat heescht dat: An enger Vëlosstrooss dierf de Vëlo net iwwerholl ginn an et ass souwisou 30 km/h, an, an, an.

Dat heescht et war éischter esou eppes. An dunn ass et a Kraaft getrueden. Dat heescht, et hat een am Fong déi Virlafzäit iert et ëmgesat ginn ass. An déi Virlafzäit vun där Opklärung, Sensibiliséierung, déi war e Mount.

An dofir war meng Fro virdrun, wa mer et dräi Woche goe loossen oder e Mount goe loossen, dann notze mer jo u sech, also dann ass dat am Fong, wéi bei deenen anere Beispiller, just d'Virlafzäit dovun.

An do hunn ech mech gefrot, ob et dann déi néideg Akzeptanz an deem Moment fënnt, op béide Säiten, oder ob d'Leit herno soen, ah, keng Anung, wat dat dote war. Dat do war elo dräi Wochen. Ech weess och net richteg, ob wat et do gaangen ass. Mer kruten e Flyer.

Ech fannen awer, wann et eppes ass, wou mer soen, okay, mir wëlle vläicht och laangfristeg kucken, ob et och op anere Plazen an Diddeleng vläicht sënnvoll ass, dat doten eng Kéier ze maachen, da kéint ee sech hei d'Zäit ginn, et e bësse méi laang ze probéieren, well een eebe kengem domat wéi deet, well een näischt muss ëmbauen, keng Sue muss an d'Hand huelen, well keng Parkplaze verschwannen an, an, an.

Dat war elo e bëssen de Gedanken dobäi. Ech weess net, ob dee richteg ukomm ass elo an der Diskussioun, déi awer hin an hier gaangen ass. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, ganz kuerz. Ech mengen de Pit Demuth ka sech jo eng Kéier kuerz mam Service Circulation vun der Stad Lëtzebuerg kuerzschléissen. Déi hu genuch Leit, mengen ech, fir ze erklären, wéi si virgaange sinn. A wann dat da Sënn mécht, da kann een dat natierlech kucken, ob mer vläicht e bëssen am Virfeld Schëlter do opstellen. Et muss ee kucke wat Sënn mécht.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà, villmools Merci och nach fir déi doten Erklärungen. Da géif ech proposéieren, no de ganzen Diskussiounen, zum Vott iwwerzegoen.

Wien ass mat deem heite Reglement ronderëm de Vélosummer fir dëst Joer averstanen? Dat ass **unanime**. Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.3. Confirmatioun vun engem temporäre Verkéiersreglement – Rue de la Liberation (CR184)**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt. Dat ass d'Rue de la Libération. Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo bon, Dir hutt sécher alleguerte matkritt, datt um Site vun NeiSchmelz vill geschitt. An do musse verschidde vun deenen ale Gebaier verschwannen. Zum Beispill an der Rue de la Libération, do mussen elo déi al administrativ Gebaier dru gleewen.

An der Verkéierskommissioun vum 13. November 2023 gouf de Memberen de Projet vum Ofrappe virgestallt a gouf do och guttgeheescht.

Firwat 2023? Ma et war eigentlech geplangt, dass déi Aarbechten am Abrëll 2024 scho sollte lassgoen. Dofir ware mer sou fréi an der Verkéierskommissioun, respektiv well d'Aarbechten eeben elo méi spéit lassginn, si mer sou spéit am Gemengerot.

A fir dass déi Gebaier eebe kënnen ofgedroe ginn, muss aus Sécherheetsgrënn eng Spuer vun der Rue de la Libération gespaart ginn. An de Verkéier gëtt dann do mat roude Luuchte gereegelt.

Den Entrepreneur vum Fonds du Logement, deen huet eis den 9. Abrëll, dëst Joer also, bei eise Servicer ugefrot, fir eeben dierfen d'Strooss ab dem 22. Abrëll fir eng ronn sechs Wochen ze spären. A well den nächste Gemengerot eréischt haut ass. A bon, fir dem Projet awer net och nach aus administrative Grënn nach méi Retard ze ginn, ech mengen ech hunn Iech den Timing gesot gehat, huet de Schäfferot e Règlement d'Urgence geholl, respektiv huet mussen eent huelen, fir datt d'Aarbechte kënnen ugoen.

A fir datt dat Reglement dann och weider a Kraaft bleift, bieden ech Iech elo dat Reglement ze approuvéieren, fir datt se mat den Aarbechten och weiderkommen. A fir déi technesch Froen ass, wéi gesot, weiderhin de Pit Demuth hei. Merci.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer doriwwer ofstëmmen. Wien ass domat averstanen? Och dat ass **unanime**. Da soen ech Iech villmools merci. An da gi mer eriwwer an d'Rue Théodore Thiel.

**2.4. Confirmatioun vun engem temporäre Verkéiersreglement – Rue Théodore Thiel**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, den nächste Punkt op eisem Ordre du jour, dat ass erëm eng Bestätegung vun engem Règlement d'Urgence, wat de Schäfferot huet missen huelen.

An éier mer zum Ofstëmme kommen, vläicht nach e puer Informatiounen. Dir wësst, datt mer no dësem Reglement de Bau vun enger neier Schoul an deem Quartier um Ordre du jour hunn. An ech wëll deem elo net virgräifen, mee ech muss awer, well mer dat Reglement stëmme scho soen, datt déi Schoul soll un d'Fernwärmenetz ugeschloss ginn, wat d'Sportshal, de Quartier Brill an och de CIPA hëtzt.

An aus deem Grond schléisse mer eis op der Kräizung vun der Rue Pasteur mat der Rue Dupong eeben un dat Netz un a leeën dann och nei Leitungen duerch d'Pasteur an d'Rue Thiel iwwert de Fousswee dann eebe bei déi nei Schoul.

A fir d'Aarbechten ze realiséieren, mussen natierlech déi Stroosse schrëttweis gespaart ginn. Lassgaange sinn d'Aarbechten an der Ouschtervakanz um Foussgängerwee zwëschent der Schoul an der Rue Thiel. Duerno geet et weider a Richtung Rue Pasteur, fir sech dann um Enn op der Kräizung mat der Dupongstrooss herno unzeschléissen.

Den Entrepreneur, deen huet eis de 4. Abrëll matgedeelt, dass en ab der Vakanz mam Chantier wéilt lassleeën. A well kee Gemengerot war, huet de Schäfferot dunn de 7. Abrëll e Règlement d'urgence mussen huelen. An dat bieden ech Iech elo ze bestätegen.

An, wéi gesot, deen nächste Punkt um Ordre du De jour wäert Iech méi Informatiounen zu der Schoul ginn. Ech bieden Iech elo just, wann nach technesch Froe sinn, déi ze stellen. De Pit ass nach ëmmer hei. A wann net, dann dëst Règlement d'Urgence ze bestätegen. Merci.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem heite Reglement averstanen? Och dat ass **unanime**. Da soen ech Iech och do villmools Merci.

# 3. APPROBATIOUN VUM DEFINITIVE PROJET (PLÄNG AN DEVISEN) FIR D'REKONSTRUKTIOUN VUN DER SCHOUL BALZENG MAT MAISON RELAIS OP 36A, RUE ROBERT SCHUMAN



DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen, vum Ordre du jour. Dat ass am Fong d'Approbatioun vum definitive Projet, respektiv dann och emol d'Presentatioun hei am Gemengerot vum Neibau vun der Balzenger Schoul, zesummen och mat der Maison Relais, also en zimmlech groussen a wichtege Projet, dee mer haut hei am Gemengerot hunn.

Dofir begréissen ech och eis Gäscht vum Architektebüro WW+, de Luc Wagner an den Alain Poeckes vu Schroeder & Associés, d'Madamm Lynn Lecorsais an den Här Romain Cosnier, a vum Büro Felgen den Här Marco Weber, a vun eisem Service Architecture et Domaines, d'Cathy Mambourg an de Jeff Peiffer. Also e bësse méi eng gréisser Delegatioun ronderëm dee grousse Projet.

Haut am Gemengerot ass effektiv d'Ëmsetzung vun engem Punkt aus eiser Schäfferotserklärung, also d'Virstellung vum Neibau an och de Vott vum Budget vun der Balzenger Schoul am Birenger Quartier.

Wëssend, dass dat aktuellt Gebai u seng Limitte stéisst. An ech mengen Dir wësst, hei zu Diddeleng setze mer säit iwwer 100 Joer op de Prinzip vun de Quartiersschoulen. Si sinn an der Proximitéit an am kuerze Wee. Also keen zentrale Campus, wéi dat emol an anere Gemengen de Fall ass.

A mir hu jo och schonn emol bei der enger oder anerer Situatioun, déi mer hei am Gemengerot haten, och am Kader vun de Budgetserklärungen, mengen ech ganz kloer konnt sech erausschielen, dass mer aktuell, an och duerch déi Choixen, déi mer gemaach hunn, déi och politescher Natur si vun de Quartiersschoulen, an deene leschten – allez - 4 bis 5, 6 Joer an enger duebeler Situatioun si wat den ëffentlechen Invest an eise Quartiersschoulen ugeet.

Éischtens sinn et déi besteeënd Schoulgebaier, déi mer hunn, déi quasi viru gutt 100 Joer gebaut goufen, déi och e gewëssene Patrimoine duerstellen, an eng gewëssen Architektur och duerstellen, déi am Fong prinzipiell iwwert all déi Jore fundamental renovéiert, sanéiert, moderniséiert ginn, och d'Mise en conformité gemaach ginn, fir och d'Openthaltsqualitéit ze verbesseren.

Wéi zum Beispill d'Briller Schoul oder awer Schoulen, wou an der 70er Joer Jore gebaut goufen, notamment wéi d'Gafelter Schoul, déi energeetesch renovéiert ginn ass, well se eng energeetesch Schleider war. Dat ass deen een Deel.

Deen zweete Volet ass, dass mer als véiertgréisst Stad mat eisen 22.200 Awunner eng Gemeng sinn, déi weider wiisst, déi sech weider entwéckelt, wann och moderat. An do ass et natierlech dann och wichteg, dass d'Infrastrukturen och matzéien. An duerch d'Entsteeung vun neie Quartiere baue mer natierlech och nei Schoule mat Maison Relais zesummen integréiert.

Et ass natierlech och en Impakt op d'Stadentwécklung. Déi lescht Schoul, déi hei gebaut gouf, war am neie Quartier Lenkeschléi beim Kräizbierg. A mengen ech, dass mer d'Balzenger Schoul elo komplett och nei bauen, wëssend, dass se am Fong 1992, also virun 33 Joer a Betrib geholl gouf.

Deemools, wann ee kann noliesen, huet dat Ganzt ëmgerechent, 1 Millioun Euro kascht – 1992. Also d'Präisser, déi haut sécherlech ee schmunzelen dinn, wann een driwwer kuckt an driwwer liest, wéi dat deemools entstanen ass.

Wéi gesot, Balzeng, den Neibau, fousst natierlech op der Entwécklung vun neie Projeten am Bierenger Quartier oder no beim Bierenger Quartier, de PAP A Bëlleg, mat 177 Wunnunitéiten, neie klenge Projeten, déi effektiv am Bierenger Quartier entstinn, deen natierlech historesch bedéngt e rurale Charakter huet. Ee vun den éischte Quartieren hei vun Diddeleng war, an elo éischter semi-ruralen oder semi-urbane Charakter huet, wann een dat esou nenne kann.

Dee sech awer och demografesch weiderentwéckelt huet. Am Quartier selwer ëmmer méi och jonk Familien hinzéien, well et och e Quartier ass, deen eng gewësse Liewensqualitéit huet. Awer och am Quartier iwwert déi lescht Joren an och mam neie PAG eng liicht Densifikatioun och entstanen ass an och deementspriechend besteeënd Baulücke bebaut goufe mat neie Wunnprojeten.

An ech mengen alles dat ass d'Toile de fond, déi een effektiv dozou bréngt, och virausschauend ze plangen an deen eis och natierlech dohinner bréngt, dass mer deementspriechend aus demografescher Siicht a Stadentwécklungssiicht och hei deen Neibau plangen an och wëllen ëmsetzen.

Also Schoule bauen an Infrastruktur fir formal Bildung an informal Bildung zur Verfügung stellen ass, dat wësst Der, eng vun de Käraufgabe vun enger Gemeng. Ech mengen national gesi gehéiert et zu enger Mission obligatoire.

Mee et ass sécherlech keng Missioun, déi een alldeeglech mécht, eng Schoul bauen. Et ass awer schonn e grousst a wichtegt Virhaben an dee méi ass wéi nëmmen Invest a Bëton a Steng an an Architektur.

Et ass virun allem och wichteg, an dat gesi mer och herno am Laf vum Mueren an der Duerstellung, dass et jo natierlech och en Invest ass an d'Raim, an d'Gestaltung, an d'Architektur,

an d'Volumetrie, fir dass herno och kann eng gutt Bildung do stattfannen. Souwuel vum Léierpersonal fir d'Kanner, vum edukative Personal, dass eng gutt Pädagogik an och Chancëgerechtegkeet do kann erméiglecht ginn.

An dass och, an dat hoffe mer mengen ech alleguer, net nëmme mam Bau vun dësem Gebai, dass d'Schoul och erëm hire Rôle als soziale Lift soll a ka kënne wouerhuelen.

Ech mengen an deene leschte Jore ware mer éischter gewinnt an nei Infrastrukturen an der non-formaler Bildung ze investéieren, well mengen ech och dat och e Besoin hei an der Gemeng ass, am Kader vun Neiplanung oder awer och Extensioun in situ selwer, notamment d'ailleurs um Ribeschpont.

Mir wëssen awer och, déi Diskussioun hate mer jo och hei, dass Bildung a Beweegung och zesumme solle gekuckt ginn, wat och hei an dësem Projet de Fall deementspriechend ass.

Also haut tätege mer op alle Fall en Invest an d'Zukunft an och e weideren Invest an d'Diddelenger Bildungslandschaft.

An natierlech stinn dofir och ganz kloer hei am Mëttelpunkt d'Bildung an déi politesch Prioritéiten an den Agenda, mengen ech, dee weist dat och deementspriechend hier.

An dofir och vun dëser Plaz aus e ganz, ganz grousse Merci och un de Planungsbüroen, d'Bureaux d'études, un eis verschidde Gemengeservicer, déi eis hei begleet hunn an awer och dee gudde Kontakt, dee mer hate mat de staatlechen Administratiounen.

Éier ech elo hei d'Wuert weiderginn nach un eis Schoulschäffin, un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, dat sécherlech och nach op eng ganz Rei Elementer hei am Projet wäert agoen, wéi gesot, nach eng kéier e klenge Fokus awer, ech hat nämlech net fir näischt ugefaangen, e bësse mat der Stadentwécklung, e Fokus op Balzeng respektiv Biereng.

Do hu mer no de leschten Zielungen déi mer gemaach hu ronn 666 Haushalter, bal 1900 Awunner, déi an deem Quartier och wunnen. A wéi gesot, an der aktueller Schoul si jo ëmmer ëm 62 bis 64 Kanner, 4 Klassen. A mir sinn do un de Limitten ukomm.

A wann een natierlech kuckt, de PAP A Bëlleg mat 177 Unitéiten, de PAP Pasteur-Balzeng direkt nieft der Schoul, deen zwar de Moment jo gestoppt ass, well et e private PAP ass, do kënnen nach 30 Unitéite bäikommen.

Wann ee kuckt, de Masterplang, dee mer hunn, respektiv de Schéma directeur ronderëm Menkeswiss, ronderëm de Retentiounsbecken. Ech mengen och do ass nach Potenzial fir ze bauen. Esou dass et wichteg ass, sech hei elo schonn dee Kader ze ginn.

Well do ongeféier 340 Menagë kënnen dobäikommen, wann dat ganzt Potenzial och ausgenotzt gëtt.

Esou mengen ech, dass mer och am Kader vun deem heite Bau deem Potenzial och Rechnung gedroen hunn, andeems hei an dës Schoul 236 Kanner kommen.

A mengen ech, wat bei dësem Punkt och wichteg ass, ass dee ganze Volet vun der Bedeelegung, engersäits d'Biergerbedeelegung, awer och déi Bedeelegung vum Léierpersonal a vum educative Personal, fir och déi Konzepter hei mat auszeschaffen.

Vun Ufank u war et fir eis als Schäfferot wichteg, dee Volet Biergerbedeelegung, wéi mer dat och bei Lenkeschléi gemaach hunn, mat aféieren ze loossen, notamment beim educativen a beim Léierpersonal. Awer och mat den direkten Anrainer.

Do hate mer eng ganz Rei Workshoppen. Dat ass eng reell Plus-value och gewiescht. Mir haten do e ganz gutt Echangen, e ganz gudden Dialog. Dräi Reuniounen, déi mer mat de Bierger geplangt hunn. An awer och, mengen ech, wat wichteg war, zwee informell Gemengeréit, wou mer iech de Projet konnten deementspriechend och presentéieren a wou de Gemengerot och d'Méiglechkeet hat, eng ganz Rei Froen ze stellen.

Sou dass och an deem ganze Prozess, vum initiale Projet wéi e geduecht war, bis dat wat mer haut am APD presentéieren, och eng Rei Adaptatioune virgeholl goufen, fir och de Projet en temps que tel verträglech ze maache fir de Quartier.

Och dat war eng politesch Prämisse, déi fir eis vun Ufank un och wichteg war. An dofir mengen ech weisen och déi Bedeelegungen, déi mer gemaach hunn, dass dat och an déi richteg Richtung gaangen ass.

Soudass mer och hei e Projet wäerte presentéieren, dee sech gutt an de besteeënde Quartier och am Kader vun engem Neibau an och am Kader vun engem méi grousse Bau och ganz kloer awer gutt wäert integréieren, well et jo och wichteg ass, dass en och déi néideg Akzeptanz huet.

Voilà, dat e puer méi generell Ausféierungen, wat dëse Projet ugeet. An ech géif elo hei d'Wuert direkt och weiderginn un eis Schoulschäffin, un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Villmools merci. Ier mer elo vläicht zur Presentatioun kommen, wëll ech op dat pedagogescht Konzept och einfach eng Kéier agoen.

Mir hunn elo d'Erfarung vun der Lenkeschléi, do war ech schonn derbäi, do war ech vill an Aarbechtsgruppe mat derbäi. Mir sinn elo 4, 5 Joer ënnerwee an der Lenkeschléi a mir kënnen elo haut awer och e Bilan do zéien a kucke wat ass gutt a wat ass net gutt.

A fir eis war et am Fong ganz kloer, dass mer, sou wéi mer elo fonctionéieren an der Lenkeschléi, mat Ofwäichungen, do ass ëmmer e spezifescht Gebai, dat sech da säi Konzept gëtt. Mee dass et awer genau d'selwecht soll fonctionéieren.

Datt d'non-formal Bildung an d'formal Bildung zesummen an engem Gebai sinn a sech och zentral Raimlechkeeten deelen. Dat ass ganz wichteg.

Mir gesinn an der Lenkeschléi, datt dat positiv sech auswierkt och op d'Ambiance. Mir mussen natierlech d'Konzept nach schreiwen. Mir hunn awer schonn den Aarbechtsgrupp, den Här Buergermeeschter huet et scho gesot, wou d'Léierpersonal, awer och d'Educateuren zesummesëtzen an zesumme schaffen.

Elo gëtt d'Gebai geschwë gebaut an elo gëtt dat aalt ofgerappt, sou dass et elo un der Zäit ass, datt se d'Konzept wéi se schaffe wëllen, zesummen dann op Pabeier bréngen.

Ech menge vun eis aus, souwuel vum Här Hoffmann wéi och vum Här Mischo, ass dat awer wierklech dat, wéi et soll fonctionéieren. D'Gebaier sollen net méi eidelstoen. Déi gemeinsam Notzung, dat erlaabt eis dann natierlech och, d'Gebaier voll auszenotzen an net einfach eidelstoen ze loossen.

Dat et fonctionéiert, ech hunn d'Lenkeschléi genannt, et gesäit een et awer och an der Gaffelt, wou mer mëttlerweil awer och gemeinsam Säll hunn, déi mer gemeinsam notzen.

Et ass awer och am Ribeschpont. Do wäert och dëst Joer déi éischte Kéier eng Schoulklass erakommen. Mir hu jo do d'Maison Relais gebaut, mee mir hunn awer Klassesäll dran, sou datt dat geet.

Wou mer musse kucken, dat geet zwar elo nach e bësse wäit, mee dat si gemeinsam Budgeten och fir déi Schoulen. An net deen huet dee Budget an deen huet dee Budget. Ech mengen dat kënnt awer alles.

Bon, wat an dësem Projet ganz wichteg war, an och do ass den Här Buergermeeschter drop agaangen: Mir ware vun Ufank un an der Kommunikatioun. Dat heescht, souwuel mat der Schoul, mat de Bierger. An dat ass extreem wichteg, well d'Akzeptanz dann och méi grouss ass, wa se esou eppes mat plange wat am Quartier selwer ass.

An dat muss ech soen, d'Awunner si hunn zwar Doleancen, si hunn eis hir Doleancen och gesot, mir sinn och dorobber agaangen. An dat war vun Ufank un dee richtege Prozess, fir et esou ze maachen, fir och d'Akzeptanz vun där Schoul an deem Quartier ze kréien, deen awer, dat ass eng zentral Plaz.

Wat och wichteg ass am Projet, an do hu mer och vill, mir hunn eis jo mëttlerweil bal dräimol de Mount, wéinstens zweemol de Mount gesinn, Mëttwochs mëttes, fir dann ëmmer erëm ze kucken: Si mer gutt? Wat musse mer nach änneren um Projet? An do ass et ganz wichteg, dat gesäit een herno an der Presentatioun, dass mer ganz vill kleng Raim schafen. Mir hu ganz vill Appuis-Säll, déi mer kënnen notzen, well de Projet Alpha steet virun der Dier, dee wäert iergendwann eng Kéier ufänken.

A beim Projet Alpha ass et esou, datt een och méi kleng Säll brauch, wéi dat klassescht 64 m$^2$, well mer jo ni wëssen, wie gëtt säi Kand an déi franséisch Alphabetisatioun oder wie gëtt säi Kand an déi däitsch Alphabetisatioun.

Sou datt dat eppes war, wat eis ganz wichteg war. Mir hunn och dräi Klasseräim Reserv. Dat heescht, wann do Kanner bäikommen, da kënne mer och do dann nach der méi Kanner ophuelen.

Vläicht awer, d'Quartiersschoule sinn ugeschwat ginn. Ech wëll einfach eng Kéier op d'Quartiersschoulen agoen, a mir gesinn et all Joer, de Service Enseignement, den Tom, Michel an och den Här Hoffmann, dat spillt eng enorm grouss Roll, wann ee Quartiersschoulen huet. Dat heescht, mir kënnen d'Stroossen, wa mer gesinn, datt e Gebai ze vill voll ass, da kënne mer mat de Stroosse reagéieren, ouni datt d'Kanner musse mam Bus iergendwouhin transportéiert ginn.

Dat ass e grousse Virdeel. Also mir gesinn dat wierklech ëmmer erëm bei der Schoulorganisatioun. An duerfir sinn ech och frou, datt mer hei och erëm eng Quartiersschoul bauen.

Wat fir mech awer och nach wichteg ass, dat sinn déi Alentouren, déi net nëmmen de Schoulhaff, mee och d'Alentoure ronderëm dat Gebai betreffen. Wat awer ganz vill Qualitéit erabréngt. Do kënnen d'Awunner awer dovu profitéieren, dee ganze Beräich ronderëm d'Schoul gëtt mat erneiert. An ech mengen, dat kréie mer och jo an der Presentatioun elo eng Kéier gewisen. Dat ass awer och eppes, wann een esou e bësse parkméisseg ronderëm huet, wou een och emol ka sech setzen oder mat de Kanner spille goen. Dat ass awer och eppes, wat gutt ass.

An da kommen ech, d'Madamm Thoma hat et virdru gesot, autoaarm. Ech wëll net ze vill op de Verkéier agoen. Dat ass net elo onbedéngt u mir. Mee ech wëll awer soen, datt mer hei net op de Wee gaange sinn, datt mer gesot hunn, mir bauen e Parking a mir kucken, datt d'Autoen esou vill wéi méiglech dohinner kommen.

Jiddereen, deen dohinner kënnt, schaffe geet, dee weess ganz genau, datt en do net ka mam Auto hikommen. Mir leien do op enger gudder zentraler Plaz, wou souwuel Bus wéi och Zuch dohinner kënnt. An duerfir si mer do op de Wee gaang, wou mer gesot hunn, mir wëlle keng Parkplazen um Site selwer, ausser fir technesch Servicer oder och fir wa mol d'Léierpersonal oder d'Educateure musse Material bréngen, an och fir personnes à mobilité réduite natierlech kënne se da ran.

Mee prinzipiell a soll et en autofräie Beräich ronderëm déi Schoul sinn, mat Vëloen natierlech. Dat ass och alles virgesinn. Ech mengen dat kréie mer och elo nach eng Kéier presentéiert.

An duerfir, wéi gesot, fir mech, vu menger Säit aus, ech mengen den Architektebüro, si kënnen Iech elo nach eng Kéier d'Presentatioun maachen, mee allgemeng wierklech e gudden, duerchduechten, iwwerluechte Projet. Merci.

ALAIN POECKES, WW+ ARCHITEKTUR + MANAGEMENT SÀRL, ESCH-SUR-ALZETTE: Villmools merci. Ech mengen et si lo scho vill aleedend Wierder zu deem ganze Prozess vun der Schoul erkläert ginn. Ech mengen dat war fir eis vun Ufank un e ganz wichtegt Element, datt mer probéieren, all déi verschidden Acteuren esou fréi wéi méiglech mat an de Projet eranzehuelen.

Wéi gesot, dat geet vun de Bierger bis hin zum Notzer, bis hin zu de ganze Servicer vun der Gemeng. Also mir probéieren an deem Sënn ëmmer e Projet esou gutt wéi méiglech mat alle spéideren Acteuren ze plangen. An deementspriechend benéidegt dat och eng gewëssen Zäit. An do hu mer eeben da probéieren an deenen éischten zwou Planungsphasen all Acteur mat, iwwer eenzel Workshoppe respektiv iwwer Planungsreuniounen, mat ze involvéieren. An dat d'Resultat, wéi gesot, dat presentéieren ech Iech elo haut.

Voilà, Acteuren. Mir sinn an enger Planergemeinschaft momentan zwëschent dräi verschiddene Büroe. Mir hunn nach x extern, ech soe mol Experten nach um Projet, déi eis och iwwert déi ganz Planungsphas bis elo mat begleeden an nach weider wäerte begleeden. Mee wéi gesot, hei sinn elo déi dräi Haaptbüroe mat der Gemeng zesummen, wéi gesot, déi déi ganz Planung bis dato virugedriwwen hunn.

Kontextméisseg, wéi gesot, ech weisen Iech am Ufank e ganz klengen Deel eng Kéier, wat dee Prozess participatif war, d'Resultater éischter doraus, an dann och e bësse wat déi ganz Iwwerleeunge waren, dat heescht, dat si e bësse méi schematesch Beräicher.

Da gi mer op de Projet en tant que tel an, dat heescht op d'Architektur, e bëssen iwwert de Volet Statik, Technique spéciale, Bausseraum, e ganz wichtegen Aspekt, wou d'Madamm Schäffin och scho gesot huet, wéi gesot, dat ass e ganz wichtegen Aspekt par rapport zum Site, an dann, wéi gesot, eng Kéier de Volet Infrastruktur an dann de Volet Zertifikatioun an d'Käschten.

Historique et Contexte. Wéi gesot, de Planungsprozess, dee scho laang amgaang ass. Hei gesitt Der d'Resultater e bëssen aus der Biergerbedeelegung, dat heescht, déi Doleancen, déi mer vun hirer Säit opgeholl hunn, eng Entwécklung vum Projet, déi sech iwwert dat lescht annerhalleft Joer gezunn huet.

Wou mer och gekuckt hunn, wat ass verträglech fir de Site, verträglech fir de Site engersäits fir d'Urainer ronderëm. Anerersäits awer och, wat brauch d'Léierpersonal, wat brauch d'Educateurspersonal, wat brauche mer en en temps que Evaluation démographique vun dem Gesamtsite vu Balzeng op deem Site?

An dat, wéi gesot, si Prozesser, déi mer iwwert déi lescht annerhalleft Joer gedriwwen hunn, wou awer definitiv eng Plus-value an de Projet erabruecht hunn. A mir hunn alt probéiert vun eiser Säit dës an d'Architektur respektiv an de Bau mat ze integréieren.

Hei, wéi gesot, alles sinn Extraiten aus deene ganze Workshoppen.

E ganz wichtege Punkt, mengen ech, war och nach d'Nohaltegkeet vum Site. De Site, dee sech engersäits op enger Depression naturelle befënnt. Dat heescht, mir hunn och Baussenaflëss, sief et Natur, Waasser, Versigelung vum Site, e ganz wichtegen Aspekt, dee mer och an deenen éischte Planungsphase mat integréiert hunn.

Dat heescht, mir probéieren de Site esou gutt wéi méiglech ze preservéieren, d'Planzen, déi do sinn ze preservéieren an deementspriechend och de Buedem esou mann wéi méiglech ze versigelen, well eeben einfach de Site op där enger Säit scho mat Uewerflächewaasser concernéiert ass.

An deen anere groussen Aspekt war d'Zougänglechkeet, d'Zougänglechkeet an d'Mobilitéit vum Site. Mir leien an engem deuxième Lieu, mir leien hannert de Gäert vun de Privatleit a mir hunn zwee Accèsen op de Site.

Dofir war et wichteg, dat an engem éischte Schrëtt ze kucken: Wéi funktionéiert d'Gebai herno? Wéi gëtt et u sech ugebonne vun technescher Säit? Wou sinn awer och d'Fluxe vun de Kanner?

Dat heescht, eng Trennung vun deene Fluxe war eis ganz wichteg. An och do an enger éischter Phas, och mat deen eenzele Servicer schonn, mam CGDIS, mat der ITM, mat all deenen eenzelnen Instanzen an deenen éischte Planungsphasen dat duerchgaangen, fir ze kucke wéi d'Gebai beschtméiglech op deem Site, deen eis zur Verfügung steet, ka funktionéieren.

Hei e bëssen d'Donnée-cléen. Ech mengen, dat ass elo an der Intro scho gesot ginn. Dat heescht, mir schwätzen iwwert eng Primärschoul mat Structure intégrée, dat heescht integréierter Maison Relais.

E ganze Prozess, deen eis dann zu 236 Kanner, à la fin du compte, mat där ganzer Entwécklung bruecht huet. Mir schwätze vun alle Cyclen, dat heescht vun engem Precoce bis e Cycle 4.

Och do d'Mobilitéit an der Schoul, hu mer gesot, et gëtt en Hall sportif scolaire, dat heescht eng reng Sportshal, Eefeldsportshal fir de Schoulbesoin mat integréiert, eng Cuisine de régénération, 11 Klassesäll, dovun 3 en réserve.

Wéi gesot, och dat an deem ganzen Ausschaffe mam Aarbechtsgrupp en vue vun dem Projet Alpha, also Alphabetisatioun op Franséisch an esou weider, war do wierklech och de staarke Besoin Reservflächen unzebidden, fir d'Schoul u sech och fir laang Zäit kënne flexibel ze halen.

*Hippocrossraum [1:02:20 Wuert richteg verstanen?]*, Ateliersraum fir de SEA-Beräich, eng Cuisine pédagogique, sou datt mer insgesamt iwwert eng bebaubar Fläsch vu knapp 7150 $m^2$ schwätzen an e Volume brut vu 34000 $m^3$.

E wichtegen Aspekt, wou mer gesot hunn, also d'Integratioun respektiv d'Lokalitéit vun dem Site, also wéi gesot, e betrëfft sech en deuxième Lieu, an dofir war et fir eis wichteg, de Gesamtprojet an d'Integralitéit vun der Parzell ze kucken.

Dat heescht d'Schoul esou ze orientéieren, datt se engersäits den Doleancë vun de Bierger Rechnung dréit, op där anerer Säit awer och hirer Funktioun, hirer Fonction primaire vu Schoul a Maison Relais kann Rechnung droen.

Deementspriechend ass d'Gebai esou orientéiert, dat heescht de ganze Schoulhaff wäert de Réck bilden zu de besteeënde Bebauungen, dat heescht mir hunn och do probéiert schallakustesch, ech soen emol de Bausseraum, deen deementspriechend méi bruyant ka sinn, zréckzehalen an d'Gebai u sech als Ecran zu de besteeënde Gebaier.

Op där anerer Säit gesitt Der awer och, datt de gesamte Site reamenagéiert gëtt. Mir probéieren engersäits déi besteeënd Beplanzung ze conservéieren. Mir hunn hei ganz kloer de Choix getraff, datt déi zwee besteeënd Accèsen engersäits aus dem Süde vun der Théodore Thiel, an deen aus dem Westen, vun der Robert Schuman-Strooss hir ënnerschiddlech behandelt gëtt.

Dat heescht den Accès aus der Schumanstrooss wäert rengen techneschen, circulabelen Accès sinn, dat ass deen, wou dann, ech soen emol, d'Maintenance, Entretien respektiv och d'Service de secourse kënnen hiren Accès hunn.

An d'ganz Kanner wäerten awer iwwert de Süden erakommen, dat heescht iwwert d'Théodore Thiel-Strooss, soudatt et deementspriechend keng Vermëschung vun de Fluxe gëtt an och kee Konfliktpotential vun deenen eenzelne Funktiounsfluxe vum Gebai.

An da géif ech schonn och e bëssen op d'Architektur, respektiv op d'Opdeelung vun de Räim agoen.

Also mir schwätzen hei iwwert e Bâtiment bas. Dat heescht, mir hunn en Sous-sol, Rez-de-chaussée an en éischte Stack, dat heescht en zweegeschossegt Gebai. Och dat war e laange Planungsprozess, wou mer gesot hu mir kënnen, de Site erlaabt eis net, méi dicht wierklech städtebaulech do ze integréieren. An deementspriechend ass vun eiser Säit de Choix getraff ginn, méi Fläch mam Gebai hier ze huelen an deementspriechend manner an d'Héicht ze goen.

D'Gebai u sech entwéckelt sech dann, wéi gesot, vu Süden eraus mat dem Schoulhaff a mat dem Haaptaccès iwwert den Haaptfoyer am Préausberäich, wou dann u sech all Kanner kënnen an d'Gebai erakommen. Wuelwëssend, datt mer vun deene klengsten Cyclen, dat heescht, vun engem Precoce, vun 3 bis 5 Joer bis hin zu wierklech 9 bis 12 Joer, also déi grouss Kanner, hu mer gesot, ass et wichteg, datt mer och do d'Fluxe kënnen trennen. Sou datt de Klengkannerfligel, deen Der hei an deem lénksen Deel vum L-Gebai gesitt, e separaten Accès kritt, e separaten Zougang vu baussen. Dat war eis wichteg, datt do u sech déi Kleng vun deene Groussen an enger éischter Phas awer kënne separat fonctionéieren, soudatt mer um Rez-de-chaussée den C1 an de Precoce-Beräich hunn.

A soss hëlt, wéi gesot, d'Sportshal e ganz groussen Deel vum Footprint, déi hu mer bewosst an de Sous-sol geluecht, duerch hire Volume an duerch de Besoin vum Volume, hëlt se natierlech och e relativ grousse Footprint am Rez-de-chaussée.

An da riets vum Foyer central hu mer dee ganze Beräich Cuisine de régénération a Cuisine pédagogique. Dat heescht, do ass bewosst de Fligel an den Oste geluecht ginn, zougänglech aus dem Norden, wéi ech virdrun erläutert hunn, den techneschen, accessibele carrossabele Beräich aus dem Norden, sou datt och do d'Fluxe sou kleng wéi méi méiglech gehal gi fir d'Uliwwerung, respektiv och fir u sech d'Gestion des déchets vun dem ganze Gebai aus dem Norde kënnen ofzewéckelen.

Op deem gläiche Punkt, an der ganzer Entwécklung mat dem Service pédagogique, respektiv och mat dem Aarbechtsgrupp, hu mer och do de Choix getraff, de Refectoire, also den Iessensraum ze trennen. Dat heescht dee wou Der hei niewent der Cuisine pédagogique am Ostfligel gesitt, ass reng fir déi kleng Kanner, an da gëtt et herno um éischte Stack dat selwecht nach eng Kéier fir déi grouss Cyclen.

Den éischte Stack, och do, wéi gesot, par rapport zur Gesamtemprise hu mer et op de strikte Minimum reduzéiert. Dat heescht d'Gebai spréngt do nach eng Kéier zréck par rapport zu sengem Footpint um Rez-de-chaussée.

Der kommt iwwert den Haaptgradin, iwwert den Haaptfoyer erop, mir hunn zwee separat Trapenhaiser, déi u sech déi ganz dräi Stäck matenee verbannen, déi sinn awer haaptsächlech Flucht- a Circulatiounstrapenhaiser. Woubäi d'Gesamtcirculatioun am Gebai iwwert den Haaptgradin ka fonctionéieren.

Wou mer do eropkommen, fanne mer op der rietser Säit nach eng Kéier déi zwee Refectoiren. Refectoiren, nach eng Kéier, klengdeeleg, ech mengen esou wéi d'Madamm Schäffin och schonn erkläert huet, mir hu probéiert op méi kleng Fläschen anzegoen, dat heescht de Refectoire fir den C2 bis C4, dat heescht zwee eenzel Refectoiren ugedockt do un eis Mediathéik, déi dann eng direkt Kommunikatiounsfläch no bausse kritt.

Wa mer da vum Haaptgradin an dee lénkse Beräich vum Schoulgebai eraginn, an an den ënneschte Beräich vum L-Fligel, kommen erëm d'Schoulflächen, dat heescht alles dat wat hei blo vermierkt ass. Dat ass dann den C2 bis C4.

Bewosst, och do, wéi mer am Ufank erkläert hunn, ginn et och Reservesäll, dat heescht mer hunn den Haaptfligel vun der Schoul, déi sech ënne klassesch an engem Dräispänner entwéckelt, dat heescht eng Ost-West-Ausriichtung. Dat heescht et ass och eng laang Recherche gemaach ginn, wéi riichte mer déi Flächen aus do wou d'Kanner sech am meeschten ophale wäerten. An do ass ganz kloer hei de Choix getraff gi fir eng Ost-West-Ausriichtung ze maachen, fir net eng permanent Süd-, soen ech emol, Bestralung ze hu vun de Räim an eng méiglech Ophëtzung.

Natierlech komme mer net komplett dolaanscht, Beräicher och südausgeriicht ze hunn. Do ass et awer esou, datt mer dann um ieweschte Schoulhaff, do wäert ech an dem Ausseberäich nach eng Kéier méi spezifesch dozou kommen,

eng Pergolastruktur opbauen, fir datt mer do och e gebaute Sonneschutz fir déi Beräicher kréien, déi südausgeriicht sinn.

An da gëtt et nach dee giele Beräich, dat ass den administrative Beräich, dat heescht do u sech, wou herno d'Direktioun vun der Schoul respektiv och déi Responsabel vun dem SEA-Beräich wäerten hir Lokalitéiten hunn. Och do ass mam Aarbechtsgrupp erschafft ginn, datt dat zentral am Gebai soll leien. Dat heescht och do mam Grondgedanke vun där Synergie zwëschent deenen zwee Systemer an dat Gebai u sech als Eenheet soll geduecht ginn.

Dann de Sous-sol. Am Sous-sol hu mer bewosst d'Emprise vum Gebai op e strikte Minimum reduzéiert, hunn awer wéi gesot, d'Sportshal, wéi ech virdrun erkläert hunn, hëlt e groussen Deel vum Sous-sol.

Dann d'Technikberäicher. Mir hunn do wierklech probéiert vun der technescher Installatioun de gréissten Deel an d'Gebai ze kréien, an de Sous-sol ze kréien, also an déi Beräicher, soen ech emol, eventuell e bësse mannerwäerteg, ech soen emol konstruktiv mannerwäerteg Beräicher, d'Technik eranzekréien, fir och do erëm am Bausseberäich keng present Technik ze hu bis op e strikte Minimum. Do wäert ech herno am techneschen Deel nach eng Kéier kuerz drop agoen.

Dann hu mer awer och an deem ganze Planungsprozess mat der Gemeng zesummen u sech e Choix getraff, e Choix getraff mat deene groe Flächen, wou Der hei um Sous-sol gesitt.

Dat si Stockagefläche fir en Drëttnotzer. Spréch dat si Beräicher, déi net der Schoul zougewise sinn, mee awer reng konstruktiv sënnvoll sinn, matzebauen. Dat heescht, mir hunn do eng Synergie gedriwwen ausserhalb nach vum Projet.

Dat heescht, dat sinn da Flächen, déi u sech, ech soe mol fir e Sportsclub, fir eng ASBL zur Verfügung stinn als méiglech Stockageflächen, déi an dësem Projet hei matgebaut ginn an do entspriechend nach eng Synergie konnt opgebaut ginn am Kader vun dësem Projet. Do schwätze mer vu ronn 300 $m^2$ zousätzlech Stockageflächen.

Da baulech. Wéi ech virdrun erkläert hunn, hu mer probéiert, d'Gebai esou kompakt wéi méiglech ze halen, op där anerer Säit strukturell awer nohalteg. Dat heescht, mir ginn op en Hybridbau, en Holz-Bëtonsbau.

Do ass et esou, datt de Sous-sol virun allem eng Bëtonscuve wäert sinn. Dat heescht dat och par rapport zu der Problematik, soen ech emol vum Uewerfläschewaasser respektiv vun der Nappe fréatique um Site.

An da probéiere mer iwwerierdesch awer an enger Holzstruktur ze fonctionéieren, wou ech herno am stateschen Deel nach eng Kéier e bësse méi am Detail wäert drop agoen.

Dann e wichtege Punkt war natierlech Luucht. Dat heescht, mir hu probéiert an den Orientatiounen esou vill wéi méiglech natierlech Luucht och an d'Gebaier eranzekréien, wéi gesot, mat de Schoulberäicher, déi Ost-West ausgeriicht sinn, souwéi och d'Ateliersräim, awer och d'Sportshal, wou Der hei an deem éischte Schnëtt gesitt, soll eng direkt natierlech Luucht kréien, deementspriechend awer Nord-ausgeriicht, fir och doeng Ophëtzung vun deem grousse Volume ze vermeiden.

Materialtechnesch probéiere mer eeben dem Holz eng gewësse Presenz ze ginn, sief dat am Bausseberäich, awer och herno am Banneberäich. Dat heescht, mir wëllen de Kanner och d'Erliefnis, respektiv d'Konstruktioun soll an enger gewësser Form och de Kanner eppes matginn. Dat heescht, mir probéieren d'Holz och als Grond- an als Haaptmaterial sichtbar am Gebai, sief et am Baussen- wéi am Banneberäich ze loossen.

Deementspriechend wäert d'Baussefassad och unimaterial ausgebaut ginn. Dat heescht, et wäert eng reng vertikal Holzlattung kommen. A mir wollten och do d'Gebai sou dezent wéi méiglech halen a senger Baussesprooch. An et soll senger renger Funktioun vun enger Schoul mat Maison Relais Rechnung droen.

Hei gesitt Der och nach eng Kéier e Punkt, deen ech virdru vläicht kuerz vergiess hunn. Mat deene Stockageflächen am Sous-sol gëtt et e separaten Accès, dat heescht déi Iwwerleeung, déi innerhalb vum Site gemaach ginn ass, wat d'Accessibilitéit ugeet, ass och hei gemaach ginn, sou datt déi Stockagefläche vu baussen zougänglech sinn an a kengster Form eng Duerchmëschung vun de Flëss vun der Schoul par rapport zu engem méiglechen Drëttnotzer ginn ass, an deementspriechend déi Flächen zu all Zäitpunkt vu baussen zougänglech sinn.

Dann déi Materialitéit, déi mer baussen hunn, probéiere mer och innerhalb vum Gebai weiderzeentwéckelen, dat heescht, mir probéiere grondsätzlech op naturno a waarm Téin ze goen, dat heescht dem Holz eng gewësse Presenz ze ginn, dat innerhalb vum gesamte Gebai. An och do probéieren, d'Faarf an d'Pallett vun de Faarwen u sech dezent ze halen, well op där anerer Säit wäert d'Schoulgebai vun de Kanner belieft ginn, dat heescht mat hiren Elementer, wou si u sech produzéieren, sief et innerhalb vun de Maison Relais-Stonnen oder och de Schoulstonnen, sou datt mir probéiere mat der Architektur dezent ze bleiwen a reng an der Funktiounsweis vun der Schoul Rechnung ze droen.

Hei e puer Referenzbiller, wéi dat herno spéider am Gebai kann ausgesinn. Dat heescht, mir probéiere wéi gesot d'Materialitéit vum Holz grondsätzlech sichtbar ze dinn an op där anerer Säit awer vill natierlech Luucht an d'Materialitéit awer dezent am Gebai duerchzeféieren. E puer Referenzbiller, wéi herno och déi Cuisine pédagogique kann ausgesinn, déi am Refectoire, am Rez-de-Chaussée wäert stattfannen.

Lo ginn ech nach eng Kéier e bëssen duerch d'Biller. Wéi gesot, esou kéint e spéidere Foyer, also den Haaptaccès Foyer, ausgesi vun der Schoul, direkte Sichtbléck, dat heescht déi Transparenz vum Gebai war e groussen Aspekt, deem mer an der Architektur probéiert hu Rechnung ze droen. Hei d'Sichtfeld erof an d'Sportshal aus dem Haaptfoyer mat dem Gradin, deen dann op den éischte Stack féiert.

D’Sportshal. Och do wéi gesot, déi Sichbezich no baussen, awer och Sichbezich aus dem Gebai eraus, dat heescht, datt

och d'Beweegung an der Schoul eng permanent Presenz soll kréien an och do erëm d'Holz als Material sichtbar an der Konstruktioun.

Wéi gesot, den eenzege Beräich, wou vläicht am Ufank e bësse méi Faarf wäert erakommen, wäerten déi eenzel sanitär Beräicher am Gebai sinn. Awer soss soll d'Gebai eng relativ dezent Sprooch, Architektursprooch kréien.

Wéi gesot, d'Mediathéik an d'Bibliothéik, e ganz wichtegen Aspekt, mee do kommen ech dann herno beim Bausseberäich nach eng Kéier och méi am Detail nach eng Kéier drop.

Da bewosst awer déi Flächen, déi mer schafen, zousätzlech net fir d'Schoul, mee awer, wéi gesot, fir den Drëttnotzer, hu mer bewosst ganz zréckhalend vun dem Ausschaffe respektiv vun der Finitioun gehalen. Sou datt déi u sech brut bleiwe mat engem renge Plättercher um Buedem, awer soss wierklech reng Aspect brut, well déi nëmmen der Funktioun vun engem Stockage solle Rechnung droen an net zousätzlech Käschte solle produzéieren, ausser elo de Volume, dee gebaut gëtt.

An da kommen ech nach eng Kéier zum konstruktiven Deel. Do ass et esou, datt mer op den Hybridbau ginn, dat heescht, Bëton-Holz. A beim Holzbau ass et wichteg, och do hu mer probéiert, ressourcëschounend virzegoen. Dat heescht, mir wäerten iwwert en Duebelsystem goen, engersäits vun den Dalles à caisson, dat heescht, Kastendecken. E grousse Virdeel dovun, dat sinn huel u sech ausgesteifte Kastenelementer, déi dann u sech unenee gereit ginn, hunn dee grousse Virdeel, datt mer ka vill Thematiken domat kënnen ofhandelen. Sief et vun der Akustik, sief et de Wärmeschutz, well mer och déi eenzel Caissone kënnen ausdämmen. Awer och de Schallschutz innerhalb vum Raum, sief et d'Raumakustik, wéi och de Schallschutz zu deenen anere Räim.

Dann e ganz grousse Virdeel och vun deem System ass hir Portée, dat heescht, mir kënne ganz grouss Portéeën domat iwwerbrécken. Dat, wéi gesot, fir d'Schoulräim ass dat ee ganz wichtegen Aspekt am Strukturellen.

Hei, wéi gesot, e puer Referenzbiller, wéi déi Elementer ausgesinn. E ganz grousse Virdeel dovun ass och de Montage sur Site. Dat heescht, mir kréien an der Bauphas och e gewësse Gain de temps par rapport zur Installatioun, wat och wichteg ass par rapport zu der Lokalitéit vum Site.

En anert remarkabelt Element, strukturell, ass dann d'Baubuche an der Sportshal. Dat heescht, da wäerte mer iwwert ee Fachwierk lafen. Och do, fir déi gesamt Breet vun 18 Meter vun der Sportshal ze iwwerbrécken, rëm en Element, wat dem Holz eng gewësse Presenz am Gebai gëtt an op där anerer Säit awer och strukturell seng Daseinsberechtegung huet.

Dann, wéi kuerz erwäänt, de Sous-sol, wéi gesot, dat wäert a renge Bëtonsbau ginn. Awer och do hu mer probéiert, ressourcëschounend virzegoen.

Mir sinn, wéi gesot, am Waasser. Dat heescht, mir sinn an der Nappe phréatique, déi läit légèrement méi héich wéi eise Radier. An do ass do de Choix vun eisem Partnerbüro Schroeder & Associés getraff gi fir eng Frischbetonverbundfolie ze maachen. Dat heescht, et et ass eng vun de Méiglechkeete fir eng étanche Cuve auszebilden, huet awer dee grousse Virdeel, datt mer op där anerer Säit kënnen Armaturen, dat heescht u sech dee ganze Stol am Bëton reduzéieren, well mer deen net brauchen, wa mer elo eng klassesch weisse Wanne géifen ausféieren. An dat ass u sech eng Manéier fir och do nach eng Kéier Ressourcen ze schounen an der Ausféierung vum Bëtonsbau.

Dann um haustechnesche Volet, och do si ganz vill Recherchen an Analyse gemaach ginn. Do ass de Choix da wärend der Planungsphas getraff ginn, eis un d'Cogeneratioun vun der Gemeng Diddeleng unzebannen. Dat heescht, et ass eng Verlängerung, ech mengen do hutt Der och virdrun eng Kéier kuerz eriwwer geschwat, eng Verlängerung vun der Cogeneratioun bis hin zu dem Schoulgebai, dat aus der Pasteurstrooss bis an d'Théodore-Thiel-Strooss. Dann, heizungstechnesch wäert et esou sinn, datt mer probéieren déi ganz gréisser Räim, sief e Klasseräim, Büroen an Nieweräim iwwer klassesch Wandheizkierper funktionéieren ze loossen. Dann awer déi ganz grouss Räim, wéi d'Sportshal, de Foyer d'entrée iwwer Foussbuedemheizung ze hëtzen.

An dann eng zentral Waasseropbereedung, wéi gesot, fir d'Gesamtgebai.

Lëftungstechnesch wäerte mer iwwer zwou Lëftungsgeräter fonctionéieren. Dat eent fir d'Gebai en temps que tel, dat heescht fir d'Schoul an d'Maison Relais, an da wäert et eng zweet Lëftungsanlag gi fir d'Cuisine de régénération, dat heescht do wäert de Kicheberäich nach eng Kéier getrennt gi vun dem Rescht vum Gebai.

Do ass et awer esou, datt mer och hei mat der zentraler Steierung vun der Lëftungsanlag wäerte probéieren, eventuell Beräicher vun der Schoul och do erëm aus dem Gedanke vu ressourcen- an energieschounend vläicht kënnen erofzeschrauwen, wann déi zum Beispill zu gewëssen Aspekter vum Fonctionnement vläicht net genotzt ginn.

Do hunn ech am Kapp de Schoulberäich um ieweschte Stack, wann do wärend der Maison Relais-Zäit manner genotzt gëtt, wär och do d'Méiglechkeet u sech d'Lëftungsanlag kënnen zentral ze steieren an au Besoin par rapport zu sengen Debiten a Consommatioun unzepassen.

Elektrotechnesch war och ee groussen Aspekt, hu mer gesot, mir mussen op erneierbar Energie setzen. Dat heescht, déi ganz Daachfläch vum zweete Stack wäert eng risegrouss PV-Anlag kréien. Do schwätze mer vun enger Kilowatt-Peak-Leeschtung vun 225 Kilowatt.

Dat heescht, dat ass eng konsequent PV-Installatioun, déi mer do um Daach wäerten installéieren. Dat, wéi gesot, engersäits als Eegebrauch, awer och do sinn d'Iddie gelaf, fir dat eventuell als Communauté énergétique unzebidden an deementspriechend och do de Quartier an iergendenger Form kënne mat ze integréieren, datt déi och de Besoin, respektiv och vun där PV-Anlag kënne profitéieren.

An esou gesäit dat am aktuelle Planungsstand emol eng Kéier aus, wéi déi technesch Installatiounen innerhalb vum gesamte Gebai, jo ausgesinn.

Dann Aménagement extérieur. Ech mengen e wichtege Punkt, dee mer ugeschwat hunn, et gëtt eng Restrukturatioun vum gesamte Site gemaach. Awer och do war eis wichteg, wéi gesot, d'Funktiounsweise vum Site ze respektéieren.

An deementspriechend wäerte mer iwwer dräi Schoulhäff, do soen ech entre guillemets, „fonctionéieren".

Wéi ech virdrun erkläert hunn, gëtt et e Klengkannerberäich. D'Kanner kommen aus der Théodore Thiel, aus dem Süden eran. Da gëtt et lénkserhand, wéi gesot, de Klengkanner-Schoulhaff.

Bewosst ass do geografesch dee klenge vun deem grousse Schoulhaff getrennt, respektiv huet jiddweree säi separaten Accès. An et war eis do wichteg, och do d'Funktiounsweis am Bausseraum entspriechend och ze kanaliséieren, fir datt do och, wéi gesot, en Zesummeliewen am Bausseraum ganz gutt wäert fonctionéieren.

Den nërdleche Beräich, wéi ech virdrun erkläert hunn, dee wäert dee rengen technesch zougängleche Beräich sinn. Et wäerten e puer Stellplazen um Site trotzdeem zur Verfügung gestallt ginn. Dat awer reng aus, ech soe mol, reng au besoin, respektiv mussen déi Stellplazen ugefrot ginn, soen ech emol aus Entretiensgrënn, respektiv wa mol eng Kéier gréisser Material op de Site muss kommen, muss déi Méiglechkeet gi sinn. Awer et gëtt keen direkte carrossabelen Accès. Do wäert ech herno am Beräich Mobilitéit nach eng Kéier méi am Detail drop ze schwätze kommen.

Wéi gesot, Schoulhaff, deen 3 bis 5, also dee Klengkannerschoulhaff mat zirka 700 $m^2$.

Da gëtt et e Grousskannerschoulhaff, wou den Haaptaccès vum Gebai ass, dat ass da fir déi 6 bis 9 Joer, do schwätze mer vun zirka 1200 $m^2$.

Da gëtt et nach en ieweschte Schoulhaff. Dat heescht mir hu bewosst do duerch dee Récksprong um zweete Stack en ieweschte Schoulhaff u sech ausgeschafft, deen eng direkt Verbindung mat dem Rez-de-chaussée huet, dat engersäits iwwert eng Trapenanlag, awer och e bësse méi ludiquement.

An da gëtt et nach en anere separaten Ausseberäich, dat ass en Ausseklassesall. Dat ass aus deem ganzen Ausschaffe mat de Bierger och komm, datt do bewosst kee Bausseraum oder kee Schoulhaff soll ugebuede ginn, mee dat eng punktuell Vocatioun, fir eng eventuell Bausseklass ofzehalen, dat awer, wéi gesot, aus dem Aspekt fir net akustesch Belästegung vun engem Schoulhaff do an der direkter Proximitéit zu de Gäert vun de Leit unzebidden.

Thematesch sinn déi eenzel Bausseberäicher dann natierlech dem Alter ugepasst. Dat heescht hei, do wou och aktuell déi besteeënd Spillplaz ass, kënnt dann de Klengkannerberäich. Mir probéieren do déi besteeënd Vegetatioun awer och anzehalen an dann, wéi gesot, d'Spillgeräter de Kanner hirem Alter unzepassen.

E wichtegen Aspekt par rapport zu deenen dräi Schoulhäff ass eeben déi Verbindung, déi Verbindung vun deem ënneschten zum ieweschte Schoulhaff.

Do hu mer engersäits eng reng funktional Verbindung, dat ass déi Trapenanlag, déi och herno den zweete Fluchtwee aus dem ieweschte Fligel vun der Schoul ubitt, awer och, wéi gesot, déi spilleresch Verbindung iwwer Rutschbane respektiv, jo, Spillplazeberäich, déi dann u sech déi Verbindung fir d'Kanner spilleresch vun deem ieweschten zum ënneschte Schoulhaff soll erméiglechen.

Dann, wéi ech virdrun erwäänt hunn, thematesch, dat heescht, dee ganze Mouvement respektiv déi Aktivitéit soll am ënneschte Schoulhaff stattfannen an deen ieweschte Schoulhaff soll eng aner Vocatioun kréien, vill méi e rouege Charakter hunn. An do entspriechend hu mer ënnen dat probéiert iwwert esou kleng Îloten, dee ganze Beweegungsdeel vum Schoulhaff u sech ënnen auszebilden.

Ballspill, ganz wichteg deen Aspekt och fir d'Kanner. Awer och do hu mer gesot, dat muss an deem ënneschte Schoulhaff stattfannen. Do ass de Choix getraff ginn, e Ballspillberäich, deen auszebilden, deen awer bewosst net als klassesche Multistade, mee méi och do zréckhalend bleiwen, probéieren do mat engem Gazon hybride, dat heescht dat ass eng Mëschung zwëschent engem Konscht- an natierleche Wues ze goen, dat engersäits par rapport zum Entretien an der Maintenance, awer och par rapport zum Notzen, fir de Kanner dee Beräich als Ballspillplaz unzebidden.

Dann deen ieweschte Schoulhaff, wéi ech virdru gesot hunn, e bësse méi e rouege Beräich. Dee profitéiert engersäits vun der Mediathéik, déi direkt ugedockt, do am Gebai ofwéckelt. Dat heescht, et gëtt eng Zone calme, wou och bausse Sëtzgeleegenheeten ugebuede ginn. Dat heescht, do gëtt et en Amenagement, deen dann éischter méi roueg ausgebilt gëtt. Dat ass da méi, soen ech emol, den Chillout- respektiv Repos-Beräich.

A soss soll deen ieweschte Schoulhaff virun allem fir temporär Strukturen zur Verfügung stinn, also temporär Spillberäicher. Wéi gesot, et gëtt ee klengem Aktivitéitsraum, dat ass e Pingpongsdësch am ieweschte Beräich.

Dann, wat ech virdrun net erkläert hunn, Stockage-Beräicher och fir d'Notzung vum Schoulhaff. Dat um ënneschte wéi um ieweschte Schoulhaff.

An dann, wéi gesot, deen Espace de jeu temporaire, wou dann och mol d'Léier- an d'Erzéiungspersonal mat de Schüler kënne kleng Installatioune maachen, awer et soll virun allem e fräi zougängleche Beräich sinn an déi ganz Aktivitéit soll um Rez-de-chaussée stattfannen.

Dann de Volet Infrastruktur. Eppes wat iwwert déi éischt Planungsphasen e groussen, respektiv ganz fréie Volet matbruecht huet, ass d'Mobilitéit. Mir waren eis bewosst, par rapport zur Lokalitéit vum Site, an do sinn éischt Iwwerlee-

unge geschwat ginn: Wéi kënne mer dee Beräich verkéiersberouegt ausféieren? Wou sinn déi Haaptfluxen an -achse punkto carrossabel Mobilitéit? An do sinn d'Iwwerleeungen drop gaangen och deen ze apaiséieren, dat heescht, et ass an der Iddi dohigoend, datt mer gesot hunn, komm mir probéieren dee Beräich ronderëm d'Schoul ze berouegen.

Dat virun allem par rapport zu den Agangs-, respektiv zu den Haaptflosszäite vun der Schoul, dat ass virun allem da moies, respektiv mëttes, wann d'Kanner op de Site solle kommen.

Dann ass et esou, datt mer awer gesot hunn, de Site direkt soll net carrossabel zougänglech sinn, dat ass dee bloe Punkt, dat heescht, mir wäerten eng Borne escamotable scho mam Projet vun der Schoul entwéckelen an och mat bauen, soudatt den Accès op de Site net carrossabel méiglech ass. An, wéi gesot, de Projet vun der Mobilitéit ass e separate Projet, deen ausserhalb vun der Schoul wäert weiderentwéckelt ginn.

Dann e wichtegen Aspekt ass d'Funktiounsweis vum Site par rapport zu senger Zougänglechkeet.

Et war e ganz wichtegen Aspekt, datt de Site vun der Schoul, och wéi e momentan fonctionéiert, dat heescht och fir de ganze Public ronderëm fonctionéiert, och als zentral Spillplaz oder Parkméiglechkeet. Deementspriechend déi ganz Restrukturatioun vum Site.

An et ass esou, datt an enger éischter Phas, och do ausserhalb vun de Schoulzäiten d'Spillplaz um Rez-de-chaussée vun der Schoul wäert zougänglech si fir dee ganze Quartier, soudatt och do, wéi gesot, dee gemeinsamen oder zentrale Sammelpunkt als kleng Parksituatioun an der Schoul ëmmer soll machbar sinn.

Dann, wann dee PAP, wéi un der Pasteurstrooss, dee Privat-PAP sech sollt weiderentwéckelen, sollt do natierlech och dohi gepuscht ginn, datt och déi Foussgänger-Traversabilitéit vum Site soll garantéiert ginn, dat eng Kéier Ost-West, awer och Nord-Süd, dat awer eréischt mat der Entwécklung vun deem adjacente PAP.

Da sinn och gréisser Infrastrukturmoossnamen par rapport zu der Entwécklung vun der Schoul néideg, respektiv gesinn ech, scho mat entaméiert.

Dat ass engersäits eng nei Reewaassertrace, eng Reewaassertrace, déi duerch d'Hellengerstrooss an dann duerch d'Schumanstrooss op de Site vun der Schoul wäert gefouert ginn. Dat ass e Projet, deen och separat ausserhalb vun der Schoul wäert ofgewéckelt ginn. Dat ass eppes, wat normalerweis, wéi gesot, um Enn vun dësem Joer wäert entaméiert ginn. Dat ass eng Reewaassertrace par rapport zu deene Reewaasserrückhaltebecken, déi mir um Site wäerte matinstalléieren.

Wéi gesot, dat engersäits par rapport zu der Problematik vum Reewaasser, probéiere mer esou vill wéi méiglech Opfangflächen ze generéieren. A fir déi kënnen ofzeleede wäert déi nei Reewaassertrace an der Schumanstrooss ausgebilt ginn.

Wéi gesot, mir hunn insgesamt dräi Retentiounsbecken um Site. Dat, och topografesch bedéngt, wäerte mer dee gréisste Baseng am nërdleche Beräich hunn.

Et wäerten awer Basenge sinn, déi naturno ausgefouert ginn. Dat heescht, wéi Der ënnen op de Referenzfotoe gesinn, et wäerten dat éischter gréng Mulde ginn, respektiv gréng Talutagen, soudatt dat keng gréisser Bauwierker sinn, mee et ass d'Méiglechkeet do dem Waasser u sech seng Plaz ze ginn, fir ze sammelen an da gedrosselt kënnen ofgefouert ze ginn.

Dann aner Infrastrukturprojeten. Dat ass engersäits d'Verlängerung vun der Cogeneratioun. Dat heescht, dat sinn Aarbechten, wou Der elo vläicht scho gesitt, déi elo um Site schonn och ugefaangen hunn.

Dat heescht, mir hunn och do planungstechnesch gekuckt, datt mer och déi eenzel Mesuren an der Zäit u sech gestaffelt kréien, fir datt mer herno beim spéidere Bau vun der Schoul esou mann wéi méiglech behënnert sinn an hunn do probéiert, alles esou anzetakten, datt déi eenzel Nieweprojeten u sech à fur à mesure ëmgesat ginn.

Da wär deen anere Projet nach zu enger neier Trafo-Statioun, eng Trafo-Statioun, déi dem Quartier an der Schoul zur Verfügung stinn. Dat heescht, dat ass e Projet, dee mat der Creos ëmgesat wäert ginn. Och dee wäert a priori Enn vun dësem Joer entaméiert ginn, sou datt Der gesitt, datt ganz vill Nieweprojeten och do ronderëm dem Kader vun der Schoul och wäerte mat entwéckelt ginn.

Dann e ganz wichtegen Aspekt, dee virun allem der Gemeng ganz wichteg war, an och eis als Planer. Do hu mer gesot, mir wëllen e ganz nohaltegt Gebai u sech ëmsetzen an deementspriechend wëlle mer eis dat och, ech soen emol, vun enger Drëttinstanz och zertifizéiere loossen.

Dat heescht, d'Iddi ass et hei op eng DGNB-Zertifikatioun ze fueren. Sou hu mer an der Planungsphas vum APS an APD e ganze Pre-Assessment, dat heescht e Pre-Audit mat dem spezialiséierte Büro E3Consult duerchgefouert, fir d'Gebai DGNB ze zertifizéieren. Mir hunn och do elo kuerz virun der Remise vum APD d'Resultat kritt.

Dat heescht, bei der DGNB ginn et u sech dräi Standarden. Et gëtt e Sëlwerstandard, e Goldstandard an e Platinumstandard. An dat gëtt op x Krittären dann analyséiert an da gëtt eng Bewäertung ermëttelt. A si hunn eisen aktuelle Planungsstand u sech gekuckt. An do ass et esou, datt mer momentan an de Goldstandard vun der DGNB erafalen. Wéi gesot, dat ass de Stand vun der Planung haut.

An et ass och elo de Choix getraff ginn, datt dat Gebai an dee Suivi vun der DGNB bis zum Schluss u sech vum Gebai wäert gemaach ginn, bis hin zur Ofnam. An d'Zilsetzung ass déi Goldzertifizéierung.

Da Planung a Käschten. Ech mengen och do hu mer jo, wéi am Ufank schonn erkläert, ware mer jo och scho mam APS vum Projet eng Kéier an engem informelle Gemengerot.

Also mer hunn de Projet jo ugepasst un déi eenzel Besoine vun den Notzeren an och do probéiert, wéi gesot, d'Gebai esou ekonomesch awer och esou nohalteg wéi méiglech ze plangen.

Dat hei ass, wéi gesot, de Kassesturz, esou wéi mer e knapp virun engem Joer presentéiert hunn am informelle Gemengerot. Dat heescht, do hu mer insgesamt vun engem Projet vun 40,18 Milliounen TTC geschwat. Wéi gesot, dee Projet do, APS-Stand war viru knapp engem Joer.

Dann ass et esou, datt mir an eiser Branche natierlech un eng Evolutioun vum Bauindex gebonne sinn. Dat heescht, wa mer elo kucken, den APS-Stand haut, dat heescht ee Joer méi spéit, ass de Bauindex zirka ëm 1 Prozent gestigen. Wa mer dat elo géifen, déi Käschten, héichindexéieren op Stand haut, géife mer vun engem APS-Projet haut vun 40,591 Millioun TTC schwätzen.

Wou läit de Projet dann zum Stand haut? Dat heescht, mir hunn elo eng detailléiert Käschteberechnung vun dem Schoulbau a vum Gesamtprojet gemaach. Dat heescht, mir schwätzen aktuell fir d'Schoulgebai vu 25,677 Milliounen hors TVA.

Wa mer do d'Bauniewekäschte mat drophuelen plus TVA schwätze mer vun 33,647 Milliounen, wuelwëssend, datt dat rengt Schoulgebai ass. Dat heescht, ouni de Réckbau vun der besteeënder Schoul an ouni déi Flächen elo als Drëttnotzer, déi mer am Kader an als Synergiegedanke vun der Schoul mat wäerte bauen.

Dann de Réckbau, wéi gesot, ass estiméiert mat 110.000 Euro hors TVA. Plus Niewekäschte plus TVA schwätze mer vun 150.000 Euro TTC.

Dann de Bau vun deene Lagerflächen am Sous-sol fir den Drëttnotzer, do schwätze mer vu 786.000 Euro hors TVA. Mat allen Niewekäschten an TVA schwätze mer vun e bësse méi wéi 1 Millioun TTC.

Den Ausseraum, wéi gesot, ee konsequenten Ausseraum, wat de Gesamtsite ugeet, do schwätze mer iwwer Baukäschte vun 1,99 Milliounen hors TVA. Mat den Niewekäschten, mat der TVA schwätze mer vun 2,689 Milliounen TTC fir den Ausseraum.

Da brauch all Projet eng gewësse Reserv respektiv Imprevus. Dat heescht, am Budget hu mer 1,975 Milliounen hors TVA Reservkäschte virgesinn. Mat der TVA schwätze mer vun 2,31 Millioun TTC Reservkäschten.

Dann Oeuvres d'art, dat heescht, Kunst am Bau. Och do e konsequente Budget vun 265.000 Euro fir de Kunst am Bau, plus TVA schwätze mer vun 310.000 Euro fir den Oeuvres d'art.

Wa mer dat elo zesummegräifen ass d'Schoul, wéi gesot, momentan bei 33,65 Milliounen TTC. De Réckbau 150.000 Euro, d'Surface de stockage tierce mat 1 Millioun. 2,689 Milliounen Ausseraum, soudatt de Gesamtprojet momentan bei 37,545 Milliounen TTC läit.

Wa mer elo de Budget vum Imprevu mat drophuele leie mer bei 39,85 Milliounen. De Kunst am Bau dobäi, leie mer bei 40,168 Milliounen TTC.

Wa mer dat elo ronnen, schwätze mer am Gesamte vun engem Budget vu 40,2 Milliounen TTC.

Wa mer dat och vergläiche mat deem indexéierten APS, Stand haut, schwätze mer hei u sech vun enger Moins-value vun circa 400.000 Euro. Also an eisen Aspekter schwätze mer do quasi vun enger Punktlandung käschteméisseg.

Dann ass et awer esou, datt e Schoulbau natierlech och vu konsequente Subsiden a Fërderunge ka beneficiéieren, dat virun allem vu staatlecher Säit.

Dat heescht, do hu mir vun eiser Säit eng Hëllefsstellung hei ugebueden. Dat ass eng Simulatioun vun eiser Säit. Dat ass awer och esou, datt dat net op all de Retoure scho vun den Instanze baséiert, sondern reng eng Hëllefsstellung soll sinn. Mir hunn och do eng ganz konservativ Erugoënsweis, wat d'Subsiden ugeet.

Ech erklären herno nach eng Kéier, wéi mer dat zesummegestallt hunn. Mee wéi gesot, do muss natierlech op de Retour vun deenen eenzelen Instanze gewaart ginn, fir dee genaue Montant ze hunn. Wuelwëssend, datt mer dovun ausginn, datt de Montant vun de Subside wäert méi héich sinn, wéi dat wat mir hei simuléiert hunn.

Dat heescht, mir schwätzen do vun zirka 8 Millioune méiglech Subsidekäschten.

An dann, wéi ech virdru kuerz erwäänt hunn, leeft momentan d'Iddi, d'Photovoltaikanlag als Communauté énergétique sech auszebidden. Deementspriechend kéint dat och friemfinanzéiert ginn. Deementspriechend wär dat och da keng Belaaschtung vun deem Budget hei vun der Schoul.

Sou wa mer dann déi 40,2 Milliounen TTC huelen, a mir huele d'Subsiden, also méiglech Fërderungen ewech, inklusiv dem Photovoltaikbudget, schwätze mer nach vun engem Invest vun 31,61 Milliounen TTC.

An hei dann déi Simulatioun vun de Subsiden, déi mer gemaach hunn. Dat heescht, et ginn do virun allem dräi Haaptfacteuren oder dräi Haaptinstanzen, déi do subsidéieren.

Dat ass engersäits de MENJE, also de Schoulministère, deen déi gréisste Subsiden sech zur Verfügung stellt.

Da gëtt et de Ministère de l'Interieur, deen deen anere grousse Volet mat sech bréngt.

An da gëtt et de Sportsministère, virun allem fir déi sportlech Infrastrukturen.

Dat heescht, dat sinn u sech e bëssen déi dräi Haaptfacteuren. Da ginn et nach kleng aner subsidial, soen ech emol,

Förderungen, déi definitiv nach mat an de Projet wäerte berücksichtegt ginn. Mee dat si virun allem déi dräi Haapt-facteuren an de Montant vun de Subsiden.

Dann zäittechnesch. Wéi gesot, hate mir dräi Joer Bauzäit virgesinn, dat heescht, duerch déi ganz Planungsphas an déi divers Instanzen, Nieweprojeten, déi mer elo och an där éischter Phas mat erageholl hunn, probéiere mer natierlech ëmmer nach eisen initiale vum APS-Timing anzehalen. Dat heescht, Dir hutt och elo scho gesinn, ass elo schonn deen éischten Nieweprojet, soen ech emol, um Site entaméiert.

Mir probéieren, wéi gesot, all déi Nieweprojete virzezéien, sou datt mir aktuell vun enger Bauphas um Site selwer vun Enn dësem Joer ausginn, dat heescht vun November dësem Joer, wou dann de Creos-Projet mam Traffo wäert ufänken a mat dem Réckbau vun der Bestandsschoul.

D'Zilsetzung momentan ass et de September 2028 anzehalen. Mir wëssen awer natierlech och, datt e Bau och Imprevuen huet. Dat heescht, mir hunn eis hei am Timing eng gewësse Pufferzon no hannenhin erausgelooss. Dofir ass deen Timing hei, wéi gesot, nach am Mäerz 2029, wuel wëssend, datt eis Zilsetzung ass, fir de September 2028 kënnen ze stemmen.

Voilà. An dann, esou soll d'Schoul dann, wéi gesot, Enn 2028 wa méiglech ausgesinn. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà. Da soen ech dem Alain Poeckes och Merci nach eng Kéier fir d'Virstellung vum Projet an d'Ausriichtung vum Projet. An elo ass natierlech d'Diskussioun op, fir déi jeeweileg Stellungname vun de Fraktiounen. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Am Juni 2023 war grouss Opreegung. D'Bierger aus dem Quartier kruten eng Invitatioun fir en « Dialogue consultatif sur le développement du site Balzeng ». D'Oppositioun war ganz opgereegt an et huet geheescht, jo, mir gi rëm net informéiert an d'Bierger wësse méi wéi mir. A mir kruten ëmmer gesot gehat, majo neen, dat ass net esou. Mir ginn an eng komplett nei Aart a Weis, fir un e Projet runzegoen. Et geet ëm en Dialogue consultatif.

An no der ganzer Opreegung ass de Schäfferot awer och op de Wee gaangen, fir och de Gemengerot ze invitéieren op déi Informatiounsversammlung, wou 160 Menagen in-vitéiert goufe fir de Projet Schoul Balzeng an och de Projet Logement, deen deemools nach am Raum stoung, vum PAP Balzeng virgestallt ze kréien.

Et war e komplett neien, eng nei Vue fir eis och alleguerten. Ech mengen heibannen, dat ass dee Wee, dee WW+ geet an och zesumme mam Schäfferot, dass een am Stadium 0 scho mat der Noperschaft en Dialog consultatif ufänkt.

An dat ass awer net just fir d'Galerie, wéi mer dat am Ufank nach e bëssen esou kritesch geduecht hunn, net nëmme fir no bausse gutt ze stoen. Mee virum offiziellen APS, virum Avant-projet sommaire, d'Suerge vun de Bierger sollte gehéiert ginn a beschtméiglech an de Projet afléissen a respektéiert ginn.

Ech hat elo e ganz flotten Artikel dës Woch an der Zeitung Wunnen fonnt, wou den Architektebüro virgestallt ginn ass WW+. « L'importance de la participation, la mission des architectes est de concevoir des bâtiments offrant les conditions de vie optimales à leur utilisateur. »

An da kënnt de Saz, deen effektiv och sécher wouer ass an dësem Fall, « Lorsqu'il s'agit d'une école, la tâche se compli-que. Enseignants, éducateurs, administration communale, ri-verains, chacun a ses attentes, parfois contradictoires. Grâce à une approche fondée sur le dialogue et la participation, les architectes parviennent à planifier les établissements qui répondent aux besoins et aspirations des différentes parties prenantes. »

Domat ass am Fong schonn alles gesot. A wéi gesot, mir waren immens frou, dass effektiv op dee Wee gaange ginn ass, och wa mer am Ufank dat e bësse skeptesch gesinn hunn. Mee d'Resultat léisst sech weisen.

Bei der éischter Reunioun, déi dunn am Juli 2023 stattfonnt huet, do hat de Projet nach e bëssen eng aner Nues. Do hu mer vun 325 Kanner geschwat, déi sollten an dës Schoul scho kommen. Elo si mer bei 236 Kanner, déi hei en Doheem wäerte fannen.

D'Fro stellt sech natierlech, den Här Buergermeeschter huet d'Entwécklungen an deene Quartiere ronderëm schonn opgenannt. Dass zum Beispill a Bëlleg nach 177 Stéit bäi-kommen. Menkeswiss mat 340 Stéit an nach méi kleng Projeten, wou och nach vill Potenzial ass, fir dass d'Familen op Diddeleng wunne kommen.

Ech mengen, le moment venu muss een dann och kucken, wou mer do fir déi Kanner och nach Plaz wäerte schafen. Mee hei si mer elo mol scho frou, dass mer hei och nach eng gewësse Reserv vu Raimlechkeeten hunn.

Deemools goufen och véier Schoulvarianten mat de Bierger duerchdiskutéiert. D'Suerg haten d'Bierger, well deen ee Projet war ze héich, dee war ze flappeg, deen huet net an de Quartier gepasst. Suergen hate se wéinst dem Kaméidi. Suergen hate se, well d'Gebaier ze no bei d'Haiser komm sinn. Mee wéi gesot, an Aarbechtsgruppe mat de Bierger gouf du gekuckt fir awer e Konsens ze fannen.

An, wat och wichteg ass, d'Madamm Schoulschäffen huet et scho gesot, dass och en Aarbechtsgrupp mam Schoul-personal a mam Personal vun der Maison Relais opgesat gouf an deen och nach ëmmer taagt, fir déi Convivialitéit an déi Cohabitatioun vu Schoul, Maison Relais, déi bei eis zu Diddeleng effektiv elo scho bal Traditioun ass, fir där och eng Chance ze ginn, dass dat och op dësem Site sollt sinn.

An elo kréie mer hei de Projet definitif virgestallt. D'CSV seet ëmmer all Invest an eis Kanner, all Invest an eis Schoul ass e gudden Invest. Et ass e flotte Projet. Déi detailléiert Presentatioun hat de Gemengerot och schonn e Méinden an engem informelle Gemengerot presentéiert kritt, wou mer och konnten Detailfroe stellen.

Wat eis och ganz wichteg ass, dass effektiv déi kleng Kanner, de Precoce an d'Spillschoul, raimlech getrennt gi vun deene grousse Kanner. Op déi aner flott Detailer, wéi zum Beispill de Psychomoteurraum an esou weider brauche mer elo net weider anzegoen.

Flott ass awer och, dass d'Spillplazen ënnerschiddlech ausgeriicht gi si fir déi Kleng an déi Grouss. A wat fir d'CSV ganz wichteg ass, dat ass, dass d'Spillplazen och op sinn ausserhalb vun de Schoulzäite fir d'Kanner aus dem Quartier. Dat läit eis immens um Häerz, well eng Quartiersschoul huet jo deen Usproch do ze si fir seng Kanner aus dem Quartier, an dat och ausserhalb vun de Schoulzäite fir all Kanner, net just fir déi, déi an der Maison Relais sinn. A mir wäerten och dofir eis weiderhin asetzen, dass dat och esou bleift.

De Schoulhaff ass genau wéi d'Schoul do fir jiddwereen an och bezuelt vu jiddwerengem. Averstane si mer awer och, dass de Rekreatiounsareal um éischte Stack, dee kann ofgeschloss ginn, dass deen net dee ganzen Zäit accessibel ass, mee déi zwou Spillplazen ënne si grouss genuch.

Flott ass och dee klenge Futtballsterrain mat engem Hybridwues, eppes dovun hate mir nach net vill héieren, mee wéi gesot dat schéngt jo e ganz flotten neie Wee ze sinn, fir dass deen Terrain och flott bespillbar ass, och wann et mol eng Kéier reent an een eeben net am Bulli versenkt.

Et gouf geschwat iwwert den Dialog vun den Enseignanten a vun de Leit vun der Maison Relais, et gouf sech u Lenkeschléi orientéiert, et ass virdru scho rieds gaangen.

Ee Resultat dovunner ass zum Beispill, dass och e gemeinsamen administrativen Areal geschaf gëtt an d'Mëtt vun der Schoul, wou eeben déi zwou Instanzen, souwuel de SEA wéi d'Schoulen och zréckgräife kënnen. Wéi gesot, do ass et flott, dass mer kënnen op déi Experienz vu Lenkeschléi zréckgräifen.

A wat ech och ganz flott fannen, dass effektiv och déi „Feeler“, entre guillemets, déi op Lenkeschléi waren, konnten e bësselchen ofgeschwächt ginn, well mir hunn déi risen Trap op Lenkeschléi, wat oft Häerzinfarktsituatioune mécht, wann déi kleng Kanner do erofbonzelen, mee hei hu mer eng Trap mat zwee Palieren, e klengen Detail, dee vläicht awer och aus dem Dialog mat deene Leit vun der Lénkeschléi konnt reusséieren.

Den Turnsall, jo, do si mer eis elo net ganz eens, wéi dat da lo ugeduecht ass. Et huet geheescht, bon, en ass accessibel vu baussen, mir hu Lagerraim geschaaft, wat och zousätzlech Fraise vu 786.000 Euro bedeit.

Et huet ëmmer geheescht, deen Turnsall, dee wier reng nëmme fir d'Schoul disponibel. A mir kruten awer e Méinden och gesot, e kéint och engem Drëttnotzer zegutt kommen.

Elo ass dann natierlech d'Fro vun de Leit vun dobaussen: Kënnen dann och Sportsveräiner awer dann dohinner goen? Dat ass vläicht awer nach eppes, wat ze klären ass. Oder ass et esou, wéi an deenen éischten Diskussiounen et geheescht huet, dat wär just fir esou Institutiounen, wéi zum Beispill d'LASEP oder a Gesond Diddeleng, déi do kéinten higoen? Mee d'Fro vun eise Membere war och an eiser Komiteessitzung: Wéi ass et dann elo fir Veräiner aus der Géigend?

Eng Fro zur Kichen, do war och eppes net ganz kloer. Cuisine de régénération, dat ass jo keng Cuisine de production. An et war mol eng Kéier rieds gaangen, dass et eng nei Form vun Iessensopbereedung, Virkache fir deen aneren Dag, sollt ginn. Mir hunn dat nach esou am Hannerkapp, och d'Leit aus den Elterevereenegungen hunn dat iergendwéi héieren.

Gëtt dat hei elo esou eng Cuisine nouvelle génération oder gëtt dat awer nach esou eng Cuisine de production, wéi mer se och op deenen anere Sitten hunn?

Eng Fro zur Fassad. Et ass jo eng vertikal Holzfassad. D'Fro koum do op, och vun eise Memberen, ob et och eng Fassad gëtt wéi op Ribeschpont an der Maison Relais, wou eng Büffelhaut ënnendrënner ass?

Et gouf monéiert, dass déi Fassad e relativ staarken, en onangeneeme Geroch produzéiert. An d'Fro ass elo, ob dat doten och als Ënnerlag geduecht ass fir dës Fassad.

Ganz gutt fanne mer, dass dee Goldzertifikat „Deutsche Gesellschaft für nachhaltiges Bauen“ ugestrieft ass.

Jo, deen Audit, deen huet och eppes kascht, 130.000 Euro. Dat war och eng Fro, déi mir gestallt haten. Mee wat vläicht nach net erauskomm ass, dat ass, wa mer dee Goldstandard hunn, dat bréngt eis och Pluspunkte fir de Klimapakt, an dat bréngt eis dann dee Moment och erëm méi Subsiden.

Jo, elo si mer beim Präis. Ech hat gefrot gehat, jo, mee wann ee lo kuckt, aner Gemengen, déi hu méi grouss Schoulen, mat méi Schoulräim a fir méi Kanner, déi kaschten net grad esou vill.

An ech menge ganz zu Recht, den Alain Poeckes huet et du gesot gehat, et kann een net Äppel mat Biere vergläichen. E Gebai vun dräi Stäck ass sécher an der Substanz méi bëlleg herno, wéi wann s de ee mat zwee Stäck baus. An ech denken dee Projet hei, dee passt immens gutt an de Quartier. Dat ass e wichtege Punkt. An och fir d'Akzeptanz vun de Bierger.

A wéi gesot, mir hu jo och d'Subsiden elo nach eng Kéier opgezielt kritt, déi mer erwaarden. D'Regierung huet jo och ugekënnegt, dass Subsiden, déi bis elo bei Schoule gedeckelt waren, nei op de Leescht geholl sollte ginn. Mir haten e puer Ministere bei verschiddenen Ouverture vu Gebailechkeeten, déi hunn ëmmer fläisseg genickt wann den Här Buergermeeschter dat gesot huet. Dat wär jo gutt, dann hoffe mer, dass se ausser dem Nicken dann och eppes draus maachen.

A wéi gesot, vum Klimapakt kréie mer jo och nach zousätzlech Punkten, spréch Subsiden.

A vläicht awer och, wat wichteg och vläicht ass, nach eng Kéier an d'Regierung matzehuelen oder vläicht och an der Chamber nach eng Kéier ze erwänen, dass et wënschenswäert wär, dass och Subsiden an Tranchë géife bezuelt ginn. Da kéime mer net an en Defizit, wou mer dann awer vläicht musse mol hei oder do e Prêt ophuele fir eis Rechnung bei eise Fournisseuren ze bezuelen. D'Subside sinn traditionell gesi bis elo ëmmer zum Schluss eréischt komm.

Voilà. Ee Problem, dee mer awer gesinn, dat ass de Problem mat der Mobilitéit. Et ass virgesi just een Accès bei der Théodore-Thiel-Strooss fir d'Kanner unzesidelen, et war elo och eng Kéier ganz kuerz op engem Slide ze gesinn, wéi nach de Projet PAP Pasteurstrooss am Raum stoung, do huet et geheescht, do géife mer hannen e Wee maache laanscht d'Rockids, also vun der Pasteurstrooss e verkéiersberouegte Wee, fir dass déi Kanner zum Beispill aus dem Bujel och kéinte roueg an d'Schoul kommen.

Elo wärend der Diskussioun iwwert de Vëlosummer koum jo déi Iddi, dass d'Pasteurstrooss, dat gëtt jo eng Rue cyclable an den Här Steffen hat dunn dat och an de Raum gestallt, ob een dat net kéint bäibehalen. An ech denken och vläicht an deem Kontext hei, fir d'Accessibilitéit vun där neier Schoul, kann ee sech dat vläicht awer nach eng Kéier am Hannerkapp behalen, dass dat vläicht eng Optioun wär.

An da maachen ech e groussen Appell, dass mer eise Pedibus endlech och dat Konzept mat Liewe fëllen, dass mer do Neel mat Käpp maachen, professionell Accompagnateuren, wéi an anere Gemengen ze engagéieren, fir effektiv déi Mobilité douce, déi gewënscht ass och an deem Quartier, fir déi och nach méi ze promovéieren.

Ech soen ëmmer just d'Stad Lëtzebuerg, déi hu 15 Pedibuslinnen a 7 Quartieren. Ech mengen da wäerte mir dat jo och iergendwéi hikréien, dass mer dee Projet, deen eis alleguerten um Häerz läit, dass mer deen och iergendwann awer och vläicht eng Kéier hei zu Diddeleng mat Liewe fëllen.

Wéi gesot, gutt ass och, dass den Aarbechtsgrupp Schoul-Maison Relais mat hirem Konzept weiderleeft. D'Versammlung mat de Bierger, déi ass nach net ofgeschloss, déi ass déi lescht Versammlung ass d'nächst Woch, wou dann och d'Bierger de Projet virgestallt kréien.

Mir ginn hei als CSV gréng Luucht fir dëse Bau. Mir wäerte ganz sécher d'Problematik vum Verkéier a vun der Mobilitéit am A behalen. A mir sinn awer och gespaant, wéi eng Léisung mer hunn, fir déi 89 Kanner, déi am éischte Projet nach hätte sollen en Ënnerdaach zu Balzeng fannen.

2030 war eng Héichrechnung gemaach ginn, eeben, dass mer esou vill Plaze bräichten. A Bëlleg gëtt geschwë fäerdeg. 177 Stéit kommen A Bëlleg bäi. Menkeswiss 340 Stéit, dat sinn der vill. Wéi gesot, do musse mer och nach eng Kéier kucken, wéi mer do weidermaachen.

Op jidde Fall mir felicitéiere WW+ an hir aner Büroen natierlech, déi matgeschafft hunn, zu hirer holistescher Approche bei dësem Projet. A mir als CSV stinn hannert dem Projet vun der Quartiersschoul Balzeng.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert, merci fir d'Presentatioun an och merci un den Här Poeckes a WW+, der Planergemeinschaft an den eenzelne Gemengeservicer, fir déi gutt an duerchduechten Aarbecht, déi bis elo hei geleescht konnt ginn.

D'Madamm Kayser huet Äert participatiivt Virgoe schonn op de Punkt bruecht an ech wéilt mech deem am Fong einfach uschléissen. Ech mengen dat spuert eis elo hei op dëser Plaz e bëssen Zäit.

Mir haten de leschte Méinden an engem informelle Gemengerot d'Geleeënheet, de Projet virgestallt ze kréien. Dat war e ganz interessante Gemengerot, wou déi eenzel Firmen hir Dossieren eis kloer konnte presentéieren a wou mir och nach emol eis éischt Gedanke respektiv eis Froe konnte stellen an och beäntwert kritt hunn. Et huet eis och gehollef, an eise Parteigremien nach méi am Fong driwwer ze diskutéieren.

Gefreet huet eis, dass eis Iddi konnt zréckbehale ginn, dass d'Kanner dem Fortschreite vum Chantier vun hirer Schoul duerch d'Guckläcker an de Chantiersclôturen elo kënnen nokucken.

Dës Spillplaz, dës Schoul, de SEA an de ganze Site iwwerhaapt läit nieft de professionellen Acteuren, och de Kanner, den Elteren an de Grousselteren aus dem Quartier säit Generatiounen elo schonn um Häerz.

1 Millioun Euro huet de Projet deemools kascht. Dat si jo dann och 40 Millioune Frang. Wann een dat ëmrechent bei engem Projet vu 40,2 Milliounen Euro dann elo komme verschidden Zuelen dann iergendwéi awer erëm.

Hei geet et ëm vill Geld. Dofir hu sech awer nach déi eng oder aner Froen opgedoen. Allgemeng ass d'Präisopschlësselung eis allerdéngs novollzéibar. Et ass am Endeffekt e Projet, deen, esou wéi e geplangt ginn ass mat der Bedeelegung vun de Bierger aus dem Quartier a mam Aarbechtsgrupp vun de Professionellen an eisen Ae gutt ugepaakt ginn ass.

Aus pedagogescher Siicht fannen ech et gutt, dass gekuckt gëtt, ouni dass et eng richteg raimlech Trennung ass, d'Klasse vum Precoce a Cycle 1 op eng gewëssen Distanz zu de Kanner aus dem C2 bis C4 ze halen. Sief dat duerch d'Unuerdnung vun de Säll am Gebai oder awer duerch d'Gestaltung vum Haff.

Dat erméiglecht, a mengen Aen, dass d'gesamt Léierpersonal an d'Educativpersonal eng Ekipp herno kënne sinn a virun allem déi kleng Kanner hire Safe Space dobäi kënne behalen.

Iwwerhaapt ass et gutt, dass hei och e Precoce hikënnt, well déi Plaze sinn absolutt noutwendeg.

Och gutt sinn d'Atelierssäll, déi virgesi sinn. Dës kënne vun der Schoul an dem SEA genotzt ginn. Hei stellt sech d'Fro natierlech, wéi déi herno genotzt wäerte ginn.

De Bléck op d'Pläng weist, dass d'Atelierssäll hei all op där selwechter Säit si vum Gebai. Dat ass en Ënnerscheed par

rapport zu beispillsweis Lenkeschléi oder aneren Neibauten uechtert Land.

Ech bewäerten dëst net, dat steet mer net zou. Ech denken awer, dass et hei wuel interessant wier, d'pedagogescht Konzepter dohannert virgestallt ze kréie fir ze verstoen, wéi herno dës Säll wäerten agesat a gedeelt ginn.

Ech hat dat lescht Woch jo gefrot, an do gëtt jo och weider dru geschafft, krute mer gesot, do si mir da gespaant op den nächste Point, wou gemaach wäert ginn.

Hei stellt sech beispillsweis och d'Fro, wisou op de Pläng de Büro vum Schoulkommitee an de Büro vun der SEA-Direktioun net zesummeleien, respektiv net niefteneen zumindest sinn. Hei ginn et jo och Beispiller, wou sech dëst Lokal fir eng enk Zesummenaarbecht ze fërderen, eeben zesummeleien. D'Fro, déi sech och stellt, ass déi iwwerhaapt vum Grad vun der Zesummenaarbecht.

Uechtert d'ganzt Land gëtt den Term Schoul bei esou neie Projeten evitéiert. Dat, fir d'Gefill z'invitéieren, de SEA wier just zu Gaascht an ëmgedréit.

An der Dokumentatioun hei gëtt allerdéngs ganz vun Ecole a vu SEA geschwat. Op wéi engem Grad ass dës Kollaboratioun awer ugeduecht um Site? A misst et dann net bei der Benennung och iergendwéi sech eng afale gelooss ginn am Sënn vu Campus Balzeng, Bildungshaus Balzeng, asw. Dat wieren alternativ Bezeechnungen.

Gutt ass och, dass d'Reservsäll virgesi si fir Schoulraum, sief et am Kader vun der Alphabetiséierung op Franséisch oder awer fir de Fall, wou d'demographesch Entwécklung e Joer ausschléit, dass een net wéi op Lenkeschléi muss Funktiounssäll hiergi fir gebuertestaark Joergäng infrastrukturell opzefänken.

Och eng Sportshal um Site selwer, do kënnt Dir Iech et denken, dat fanne mer ganz wichteg bei esou engem Bau.

Zu de verschiddene Spillplazen. Verschaffte Materialien am Gebai, an der Gestaltung vum Site selwer, do bleift net vill ze soen. Dat ass an eisen Aen duerchduecht a wäert bei de Kanner wärend der Schoul, SEA an awer och duerno gutt ukommen.

Déi ganz Gedanken, wou sech ëm d'Nohaltegkeet vum Bau an ëm d'erneierbar Energië gemaach gi sinn, an dee ganzen ekologesche Volet, och mat der Zertifizéierung, gëllt et hei awer och ausdrécklech positiv ervirzehiewen.

D'Problematik vum ville Waasser op deem Site, wou eng grouss Doleance an deem Quartier ass, schéngt an eisen Aen och gutt um Schierm ze sinn. Mat der geplangter Gestioun dovun um Site selwer an um Réckhaltebecken an der Le'h gi mir dovun aus, dass dat och herno esou klappt, wéi et elo ugeduecht ass.

Hei schéngt eis awer eng gutt Kommunikatioun no baussen extreem wichteg ze sinn, well et eeben eng Doleance och vum Quartier ass.

Da géing ech zum Schluss kuerz op d'Mobilitéitskonzept agoen, wou ech et gutt fannen, dass gekuckt gëtt, déi douce Mobilitéit ze fërderen. Och ëm d'Liwwersituatioun si sech vill Gedanke gemaach ginn, an ëm de Modus mat de Polleren, dat ass e Modus, deen op ville Plaze scho ganz gutt klappt.

Mir krute gesot, et géifen Etüde lafe fir d'Mobilitéit am Quartier e bëssen ze screenen, an do wéilt ech u sech dat widderhuelen, wat ech déi lescht Woch schonn informell gesot hunn. U sech wier et elo schonn de Moment, Verkéiersberouegungsmoossnamen an deem Quartier ze testen.

Dëst ass an eisen Ae wichteg, well de Gedanke vun der doucer Mobilitéit doru scheitere wäert, wou déi éischt Plaz ass, wou et den Elteren ze geféierlech gëtt, d'Kand op d'Trottinett oder de Vëlo ze setzen, fir an d'Schoul. Spréch, wann näischt un de Stroosse Pasteur an Helleng herno infrastrukturell geännert gëtt, fueren hei méi Autoen doduerch an duerch den existente Gabarit vu Stroossen, wou soss mat 50 km/h ze befuere ware gëtt hei och gerannt. An et wäerten dann déi Stroosse sinn, déi maachen, dass nawell net jidderee wéi gewënscht den Auto stoe léisst.

Mir wieren deemno frou, wann hei ganz zäitno net just Etüde gemaach ginn, mee och Saache getest ginn a gekuckt gëtt, wéi en Impakt et op de Verkéier an op seng Vitess huet.

An da kommen ech op de Schluss vu menger Stellungnam. Wou et eigentlech onverständlech ass, eng Schoul ze plangen, wou ee wëll, dass d'Personal den Auto doheem stoe léisst an ee bei de Vëlosstänner an d'Trottinettestänner beim aktuellen Ist-Zoustand am Fong bleift.

Wann Der op den éischten, op de leschte Pläng e Vëloskeller virgesinn hutt, wou d'Personal kéint de Vëlo sécher an dréchen ofstellen, Wiesselkleeder ofleeën an d'Batterië vun Elektrovëlo a Lastenrieder oplueden, sou stelle mir fest, dass dëst dat Éischt ass, wat ewechflitt, wann Nout u Plaz op emol besteet.

D'Leit wëllen net deier Elektrovëloen oder Lastenrieder dat ganzt Joer am Ree stoe loossen. D'Leit wëllen net, dass hir Vëloe futti ginn duerch d'Meteoskonditiounen a se wëllen och kengem Vandalismus oder Vol vun hirem Verkéiersmëttel op dat se ugewise sinn ausgesat sinn.

Wann d'douce Mobilitéit bei dësem Projet soll héichgehale ginn an och gelieft soll ginn, muss a Qualitéit vun deem Parkraum investéiert ginn, wou Der gären op deem Site hätt.

Mir kruten zwar informell gesot, et wiere Méiglechkeeten do, de Stockageraum am Haff beispillsweis kënnen ze huele fir Vëloen ënnerzestellen. Hei froe mir eis dann awer, ob net de Stauraum fir Baussespiller herno de Kanner feelt.

Hei wënsche mir eis eng verbindlech Zouso, dass de Parkraum op de Pläng och erëm optaucht, wou eeben och e Vëlo geluede ka ginn a Wiesselkleeder kënne leien.

Grad fir d'Educateuren an d'Enseignanten, déi mol op en anere Site musse fuere well se do Coursen oder Versammlungen hunn, respektiv op d'Gemeng oder d'Direktioun an

enger Fräistonn mussen an eng Reunioun goen. Do schéngt eis esou ee Lokal wierklech net vum Muttwëll. Mir proposéieren dohier, en Deel vum virgesinne Stockage am Gebai ze notzen an et als Vëloslokal virzegesinn.

Ma och de Kanner hir Mobilitéit muss besser virgesi ginn an eisen Aen. Hir Vëloe brauchen zumindest den Iwwerdaach, well och si wëllen net op en naasse Suedel klammen no der Schoul. An dat mécht eis e bësse verdrësslech, well mir elo bei all Devis ëmmer froen a meeschtens gekuckt gëtt, nodréiglech iergendwéi dann iergendwann iergendeppes bäizepléischteren. Gesitt dat dach endlech bei deenen neie Projete vir!

Bei den Trottinetten ass et u sech dee selwechte Problem. Dës Installatioune missten an eisen Aen am Preau virgesi sinn.

Esou wéi et elo virgesinn ass, an och aktuell um Site Balzeng ass, sinn déi deier Trottinetten eigentlech dee ganzen Dag fräi accessibel fir geklaut ze ginn. Am Preau wiere se hannert enger Schouldier zumindest ofgespaart.

Sou, do waren elo eng Partie Froen an Ännerungsvirschléi ronderëm d'Mobilitéitskonzept an de Parkraum, deen dozou gehéiert, eisersäits dobäi, wou mir interesséiert dru wieren, wéi d'Positioun vum Schäfferot heizou ass.

Reng aus Planungssiicht sinn dat dote jo nach ëmmer Saachen, déi machbar sinn. Hei wier eis dofir eng Zouso Ärersäits wichteg. Dir sollt wëssen, mir stinn hannert deem Projet vun dëser Schoul-SEA, fäerten awer, dass et herno d'Klengegkeete wäerte sinn, déi dat ganzt Konzept ronderëm hypothekéiere kënnen. An dat gëllt et bei iwwer 40 Milliounen awer definitiv ze evitéieren. An déi Responsabilitéit muss de Schäfferot an eisen Aen dofir awer huelen. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech wéilt och ufänke mat engem décke Merci un den Architektebüro, grad wéi un d'Bureaux d'etuden fir déi haiteg méi kuerz Presentatioun awer och fir déi méi explizitt Presentatioun vu leschte Méinden.

Ech wéilt awer och de Kolleegen an de Kolleeginnen aus de verschiddene Gemengeservicer, déi un all deene villen Aarbechtssitzungen dobäi waren och en décke Merci soen.

Jo, de Projet Balzeng mat integréiertem SEA, et ass schonn de Moie gesot gi vum Här Buergermeeschter, änlech wéi Lenkeschléi ass e ganz wichtege Projet, vläicht dee wichtegste Projet vun dëser Legislaturperiod.

D'Entwécklung vun Diddeleng an am besonneschen aus dem neie Quartier A Bëlleg, mat senge gutt 170 Wunnengseenheeten, wou d'Aarbechten och iwwregens elo un den Haiser an den Appartementer ugefaangen hunn, grad wéi och d'Verjéngung vum Quartier Balzeng selwer, mécht änner anerem dësen Neibau néideg.

Jo, déi aktuell kleng Balzenger Schoul mat den zwee Cyclen 1 an 2 mécht no 33 Joer Plaz fir en neit a vill méi grousst Gebai. An dat war och, mengen ech terrainsméisseg direkt déi éischt Erausfuerderung, wéi Der eng Kéier an enger Versammlung gesot hat, Här Poeckes.

D'Envergure vun esou engem Gebai ze plangen op esou engem Terrain an enger spezieller Lag, an zweeter Linn, an engem Quartier, wou haaptsächlech Eefamilljenhaiser huet, ass eng Problematik, ouni ze vergiessen, dass mer och do mat Waasser konfrontéiert sinn.

Wat een hei ervirsträiche muss dat ass, dass et an dësem Projet en Dialogue consultatif, participatif gouf mat de Bierger aus dem Quartier, méi spezifesch déi direkt Noperschaft vum geplangten Neibau.

Dofir goufen en tout bis elo dräi Versammlunge fir interesséiert Bierger organiséiert. Iddien, Virschléi a Suerge vun de Bierger sinn eeschtgeholl, analyséiert an et ass enger grousser Partie vun dëse Rechnung gedroe ginn.

Vun an enger éischter Phas geplangten dräi Stäck, sinn der dann nach zwee zréckbehale ginn, woubäi et eng Oftrennung gëtt vun de klengen a grousse Kanner.

Déi Kleng, also den C1, déi sinn um Rez-de-chaussée an de Cycle 2 bis 4 um éischte Stack.

Et ginn niewent dem Programme de base nach vill kleng Raimlechkeeten, et gi vill Funktiounsraim, vill Ateliere fir Schoul an SEA, e groussen administrativen, an der Mëtt vum Gebai geleeëne Deel mat Bürosflächen a Versammlungsraim, och hei fir Schoul an SEA.

Et gëtt eng pädagogesch Kiche fir déi Kleng. Et gëtt eng Regeneratiounskichen. Hei gouf jo op eng Produktiounskiche verzicht, well dat jo ze vill Fluxe generéiere géif, an nach zousätzlech Raimlechkeete wären néideg gewiescht.

Jo, eng Regeneratiounskichen, Madamm Kayser, ass nei, eh bien nei, et gëtt se schonn. Et ass am Fong geholl de Prinzip, dass virgekacht gëtt, et ass also ëmmer den Dag -1 vun deem Menü, deen den aneren Dag kënnt. An da gëtt et ganz séier erofgekillt, an dann, wéi gesot, den aneren Dag gëtt en erëm opgehëtzt, a kierzester Zäit. Voilà, dat ass de But. Dat heescht also hei hu mer vill Raimlechkeeten an och vill, jo, Geräich, Kaméidi an och Geroch, déi mer evitéieren. Ech kommen nach dozou.

Dann hu mer och nach déi zwee getrennte Refectoiren. Dann och d'Schoulsportshal mam Sous-sol, voilà, mat Raim wou d'ganz Technik hikënnt, och wat net direkt zum Schoulbetrib gehéiert, Lagerraim, Lagerfläche fir Klibb an Associatiounen, also hei ass alles gutt ausgenotzt ginn.

Et ass och gutt, wéi d'Madamm vum Bureau d'études, wou ech awer leider Gottes den Numm elo net weess, eis d'leschte Kéier erkläert huet, dass et hautdesdaags mam Waasser keng esou Problemer méi gi fir an engem naassen Terrain ze bauen.

E ganz wichtege Punkt ass och wéi soll gebaut ginn. Fir dem Prinzip vun der Nohaltegkeet gerecht ze ginn, soll schnell,

effikass, ouni ze vill Stëbs a ressourcëschounend gebaut ginn. Just de Sous-sol ass am Bëtong, grad wéi d'Trapenhaiser, de Rescht ass aus an am Holz inklusiv Dallen a Fassaden. Och gëtt esou wéineg wéi méiglech versigelt.

Wat ech gutt fannen ass, dass Der d'Erfarungswäerter vun der Schoul Lenkeschléi profitéiere kënnt fir eenzel Schwaachpunkten erauszeschielen, fir dës a Balzeng ze evitéieren.

Do sinn zum Beispill déi géi Trap, déi schonn esou oft zitéiert ginn ass, ouni Palliere bemängelt ginn. Ech kéint mer och denken, dass och d'Produktiounskichen, déi dem Personal vu Lenkeschléi net allze vill Freed mécht, en Thema war.

De Bausseberäich ass och e ganz gutt duerchduecht. Hei hu mer erëm eng Kéier d'Oftrennung vu Grouss a Kleng duerch zwee Schoulhäff, ee fir d'Kanner vun dräi bis fënnef an ee fir d'Cyclen 2 bis 4, an dësen op zwee Niveauen.

Déi zwee Häff si matenee verbonnen, ech schwätzen elo vun deem groussen Deel, vum groussen, also vum Beräich vun de Cycle 2 bis 4, déi zwee Häff si matenee verbonne mat enger Trap, awer och spilleresch mat enger Spillplaz, respektiv Kloterinstallatioun.

D'Animatioun, d'Aktivitéit soll am änneschten Haff sinn, den ieweschten Deel soll méi roueg ginn, eng Plaz fir ze chillen, mat Sëtzgeleeënheet, wat och ganz gutt a wichteg fir mech ass. Dësen Deel ass souwuel vu bausse wéi och um ieweschte Stack bannen accessibel vun der Mediathéik oder Bibliothéik aus. Hei bitt sech dann och d'Méiglechkeet, dësen Deel als Bausseklass ze notzen.

Den änneschte Schoulhaff mat der Spillplaz bleift accessibel fir d'Eltere mat hire Kanner, awer just ausserhalb vun der Schoul respektiv SEA-Zäit. Den ieweschte Schoulhaff ass jiddefalls net accessibel fir d'Populatioun.

Och kréien d'Kanner d'Méiglechkeet, mam Ball ze spillen. Dës Plaz gëtt méi um Rand vum Schoulhaff geluecht. En Hybridwuess, en neit Element fir eis, wäert de Schall och warscheinlech vum Ballgetups besser drosselen, wéi beim klassesche Belag dee mer soss hunn an den normale Schoule respektiv Belag mat Macadam respektiv Bëton.

Dann och e wichtege Punkt ass deen, dass eis Gemeng hir nei Gebaier zertifizéiere wëll, an zwar duerch eng DGNB-Zertifizéierung. E spezialiséierte Büro huet no deem aktuelle Planungsstand eng virleefeg Bewäertung gemaach an do kéime mer dann op de Goldstandard, deen zweethéchsten Niveau.

De Qualitéitsprozess wäert sech iwwert de ganze Projet zéien, duerch extern Auditeuren an der Planung, wéi gesot, a wärend der ganzer Chantiersphas.

Wärend der Durée vum Chantier ass och e Materialökolog um Terrain. All Material, dat verbaut gëtt, geet duerch seng Hand, respektiv ënnerläit senger Préiwung.

Zum Aspekt Verkéier, do ass schonn och villes gesot ginn. Et ass also wéi gesot kee Verkéier virgesinn um Site aronderëm de Site. Och gi keng Parkplaze fir d'Personal gebaut. Et gëtt sech op eng kleng Zuel vu Stellplaze limitéiert, fir wann d'Personal eppes méi Schwéieres ofsetze wëll, a fir d'Drëttnotzer, also d'Firmen. D'Kanner komme jiddefalls net um Site a Kontakt, sollt e Auto, Camion do zirkuléieren.

D'Mobilité douce soll sou wäit wéi méiglech attraktiv gemaach ginn. Sou wäerten Ënnerstänn fir Vëloen a Plaz fir Trottinetten iwwerdeckt ginn. Net ganz zur Zefriddenheet vum Här Steffen, mee ech mengen do gëtt den Här Buergermeeschter oder d'Madamm Ries Iech eng Replik.

Wat de finanzielle Volet ugeet, kënnt den Architektebüro mat senger éischter virsiichteger a konservativer Simulatioun fir méiglech Subsiden op eng gutt 8 Milliounen, dat soll de Minimum sinn. Soudass dësen Neibau da weesentlech manner kascht, wéi mer elo hei 40,2 Millioune gesinn.

Natierlech muss een herno beim Dekont kucken, wou mer definitiv landen. Do spille jo vill Facteure mat. Dräi Joer Bauzäit ass jo awer och eng laang Zäit.

Bon, alles an allem e ganz kompletten, an allen Hisiichte gutt duerchduechte Projet.

Den Devis, eis Fraktioun wäert selbstverständlech matstëmmen. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. An hei nach eng Kéier merci fir d'Presentatioun, déi mer jo scho virun enger Woch och gewise kruten, wou mer d'Méiglechkeet haten, all eis Remarken ofzeginn an eis Froen ze stellen. Dofir sinn ech e bëssen erstaunt, dass et haut trotzdeem erëm esou laang dauert.

Ech wollt dann awer just nach eng Kéier soen, dass ech et wierklech ganz gutt fannen, dass hei gekuckt ginn ass fir mat allen Acteuren ze kommunizéieren, spréch och mat de Bierger, deenen hir Doleancë gelauschtert goufen an och respektéiert goufen.

Ech selwer war och an der zweeter Biergerreunioun dobäi. An ech muss soen, den Interesse war grouss. Ma alleguer déi Punkten, déi se am meeschte gestéiert haten, wéi d'Héicht vum Gebai respektiv d'Distanz zu de Gäert, si respektéiert ginn.

Ech muss dann och soen, dass ech no eiser informeller Reunioun nach eng weider Fro an dësem Kader hat, wat de Mix ugaangen ass vun de Schüler vu Balzeng mam Brill. Ech hu mech do un d'Ressortcheffin gewend gehat, dat direkt den Telefon geholl hat, an där ech och nach eng Kéier Merci soe fir déi séier Äntwert. Sou, alles an allem ass dat hei e gutt duerchduechten a flotte Projet. An ech kann dat dote just ënnerstëtzen. Villmools merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci. Also wann een eeben ëmmer wëll kritiséieren, wann eppes net gutt leeft, da muss een och emol eng Kéier wierklech soen, wann eppes gutt leeft.

An dëse Projet ass an eisen Aen och wierklech gutt gereegelt ginn. Vu vir era waren eigentlech alleguerten déi Bedeelegt abezunn. De Groupe de travail vun den Enseignanten an all deene Leit, déi herno wäerten do schaffen, dee leeft jo nach ëmmer, sou wäit mer wëssen. D'Bierger hate reegelméisseg Informatiounsreuniounen, wou och de Gemengerot invitéiert ginn ass. Dat ass jo och net ëmmer de Fall. Hei war dat de Fall.

Dat ass natierlech och immens interessant, wann een da matkritt, wat d'Doleancen och vun de Leit sinn a wat se froen.

An et ass scho gesot ginn, et gouf och nach eng Kéier eng Informatiounsreunioun fir de Gemengerot d'lescht Woch. Ech konnt zwar leider aus berufflече Grënn net dobäi sinn, mee dat ass am Fong esou, wéi et soll lafen, fir dass och wierklech jiddereen herno en connaissance de cause kann iwwert e Projet diskutéieren.

Ech ka mer awer och virstellen, dass dat net esou einfach ass, virun allem fir d'Servicer a fir déi Büroen, déi dann ëmmer erëm musse Saachen änneren an adaptéieren. Dowéinst och e grousse Merci un déi alleguerten, déi un dësem Projet geschafft hunn an natierlech nach ëmmer schaffen.

Et ass och dowéinst, do hu mer och matkritt an deenen Informatiounsreuniounen, et ass probéiert ginn, sou vill wéi méiglech vun den Doleancen, virun allem vun de Leit och anzeschaffen.

Mir gesinn et an der Volumetrie. Et ass haut scho gesot ginn, dass de Volume méi kleng gemaach ginn ass, dass elo fir manner Kanner eigentlech d'Schoul do ass.

Also mir verstinn dat och, et ass e Quartier, dee lo net onbedéngt do ass fir eng Riseschoul. Mee mir hoffen dann och, mir krute jo mol confirméiert, dass dat dann och soll duergoen, déi 236 Kanner, déi elo virgesi sinn. Et si jo och nach dräi Klassesäll op Reserv.

Mee, voilà, mir hoffen dann och, dass mer net dann an 10 Joer nees un d'Limitte kommen, well esou eng Schoul ze bauen, an dat ass och haut scho gesot ginn, dat ass en Invest, souwuel aarbechtstechnesch wéi finanziell. Dowéinst, voilà, si mer ëmmer frou, wa sou eppes fäerdeg ass. Mee mir wëllen net elo schonn erëm déi nächst musse plangen. Mir wäre frou, wann dat elo e puer Joer géif dann duergoen.

D'Geometrie ass esou adaptéiert ginn dass de Kaméidi an de Schiet op d'Awunner limitéiert sinn. D'Dauer vum Chantier ass mat dräi Joer relativ kuerz, wat och un der Bauweis, mat Prefa-Elementer läit. Ech mengen och dat kënnt virun allem den Awunner zegutt.

An de Projet ass ekologesch. Mir hu Photovoltaikanlagen, mir hunn en Holzbau, dee jo méi durabel ass. An d'Waassersituatioun, déi jo e bësse problematesch schéngt ze sinn de Moment, gëtt jo dann och éischter verbessert, hu mer d'Gefill, wéi dass se verschlechtert gëtt duerch dëse Bau. Och dat, mengen ech, kënnt den Awunner entgéint.

An dann hat ech just eng Detailfro. Mir hu jo eigentlech dee Cuvelage vun der Schoul, fir kee Béton étanche ze benotzen, mee am Devis steet awer Béton étanche. Ass dat just fir op Nummer sécher ze goen? Dat huet mech just gewonnert, ob mer vläicht doppelt gemoppelt hält besser? Firwat am Devis Béton étanche virgesinn ass?

Bon, natierlech kann een net all d'Doleancen ëmmer alleguerte mat abehuelen, well verschidde Leit och verschidden Interêten hunn.

Do si mer da bei der Mobilitéit. Mir begréissen ausdrécklech, dass hei de Choix war, dat autoaarm ze maachen, keng oder quasi keng Stellplaze virzegesinn, mee wierklech op Mobilité douce ze setzen. Ech mengen, dass dat de Wee ass, op deen ee muss méi oft goen.

Natierlech stelle sech dann nach sou Froen, dat ass elo scho gesot ginn, de Pedibus wär effektiv flott, wann dat géif richteg ulafen. Iwwer Vëlosstänner kann ee selbstverständlech och ëmmer diskutéieren.

Mee allgemeng begréisse mer awer, dass et op deen dote Wee soll gaange ginn. Déi Etüd iwwert d'Mobilitéit, wat mer wëssen, leeft jo och nach weider fir dee Quartier. Vläicht kann een och nach eng Kéier an der Mobilitéitskommissioun doriwwer schwätzen.

An da stellt sech natierlech d'Fro, wéi et mam PAP weidergeet. Bon, do huet d'Gemeng elo keen Impakt. Mee doduerjer géifen natierlech effektiv och d'Fluxe sech nach besser verbesseren. Dat heescht, mir wäre frou, wann dat och dann iergendwann nees géif weidergoen.

Dir mierkt et. Mir hunn als Lénk net vill auszesetzen an dësem Projet. Mir hu flott Schoulhäff, mir hunn e pedagogescht Konzept, do hunn ech d'Experte schwätze gelooss, do kennen ech mech net esou aus. Mee dat kléngt flott.

Naturspillplazen, dat alles mécht Loscht op Schoul. Ech si e bësse jalous. Scho bal hätt ech mech och nees ageschriwwen.

Selbstverständlech huet esou e Projet säi Präis mat 40 Milliounen. Mee mir kruten, an dofir soe mer och Merci, e ganz detailléierten Devis, wierklech detailléierten Devis. An do gesäit een awer, dass u villes geduecht ginn ass. A mir hoffen dann, dass net awer nach Iwwerraschunge kommen. Mee mir stëmmen dëse Projet dann op alle Fall mat. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Ech hat zwou Froen, déi mer nach opgefall sinn no der leschter Presentatioun vum leschte Méinden.

Déi eng dat ass iwwert d'Kiche gaang, do huet dann eis gutt d'Madamm Kayser mer déi schonn ewechgeholl. An den Här Zuang huet drop geäntwert.

An déi zweet Fro, dat ass mat deene ville Spärunge mat deene Polleren an esou. Do hu mer jo elo de Moment an der Schumanstrooss bei der Entrée déi Plaz fir de Bus scolaire. An do wollt ech just froen, kënnt déi dann elo an d'Théodore-Thiel-Strooss oder kann de Bus guer net méi zirkuléiere wa

sou vill gespaart ass? Dat ass och vläicht fir d'Leit an der Théodore-Thiel-Strooss gutt ze wëssen, wou dee Schoulbus dann elo säin Arrêt kritt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler, och nach eng Kéier fir déi doten zwou Froen. Voilà, ech mengen da kéinte mer hei d'Diskussioun ofschléissen. Ech mengen et waren eng Rei Froen, respektiv Äntwerten, déi méi technescher, respektiv politescher Natur sinn. Dofir géif ech vläicht fir d'éischt hei effektiv dem Planerbüro an de Bureaux d'études d'Wuert ginn, fir mengen ech déi éischt Ronn Äntwerte kënnen ze maachen.

ALAIN POECKES, WW+ ARCHITEKTUR + MANAGEMENT SÀRL, ESCH-SUR-ALZETTE: Majo, da géif ech fir d'éischt emol op déi éischt Umierkung agoen.

Ech probéieren elo e bëssen de Rekapitulatif ze maache vun deenen eenzelnen Umierkungen.

Ech mengen engersäits vläicht op der Madamm Kayser hir éischt Umierkunge wat d'Secondairefflächen ugeet, respektic d'Sportshal, mengen ech, do war eng Umierkung vun der Notzung.

Also och do ass et esou, datt mer an där éischter Planungsphas vill Echangë mam Service des sports haten. Och analyséiert hunn: Ass et denkbar? Ech mengen de Besoin u Sportsinfrastrukturen ass hei zu Diddeleng grouss. De Besoin ass wierklech do.

Mir hunn awer hei och gekuckt, an dat am Konsens mam Service des sports, datt d'Sportshal wierklech reng der Schoul zougewisen ass an och wierklech net d'Méiglechkeet ass, do dat an iergendenger Form de Sportsclibb zur Verfügung ze stellen.

Dat engersäits par rapport zum Accès, och do erëm d'Fro vun der Mobilitéit a vun der, ech soe mol, Accessibilitéit vum Site.

Et ass awer esou, datt déi Stockagefläche lassgeléist si vun der Sportsinfrastruktur. Dat war, bon, ech soen net de Konsens, mee dat war eng aner Piste, wou mer matgefuer sinn. Déi Stockageflächen, déi sinn dann natierlech dann accessibel an déi sinn och vu baussen zougänglech, sou datt do dann erëm déi Trennung vun deene Flëss vun der Schoul par rapport zu deene Stockagefläche méiglech ass. Wéi gesot, ass et net d'Notze vun der Sportshal fir d'Sportsclubben.

Deen aneren Aspekt war d'Holz als Material, respektiv d'Holz och an der Fassad.

Do ginn et wéi gesot x Méiglechkeete fir esou eng hannerlëften Holzfassad ze maachen, wuelwëssend, wann dat elo eng Umierkung ass beim Ribeschpontprojet, hei ass et u sech iwwerluecht, iwwert eng Fassadebunn am Hannerberäich vun der hannerlëfter Fassad ze fonctionéieren, déi awer am Prinzip inodore ass. Also déi Problematik, déi da vläicht do op dem Projet Ribeschpont ass, wéi gesot, do kann ech mech elo net dozou äusseren, mee dat sollt hei awer absolutt kee Problem sinn.

Dann, zur Kichen. Jo, et ass eng Regeneratiounskichen. Ech mengen, do huet den Här Zuang awer och scho vill dozou erkläert. Dat heescht, et ass eng Regeneratiounskichen, wou d'Iessen, D-1 voire souguer D-2, mer haten do Echangen och mat méigleche Prestatairen, déi eis och d'Funktiounsweis nach eng Kéier am Detail erkläert hunn.

De grousse Virdeel vun där Regeneratiounskichen ass deen engersäits, d'Stockagefläch selwer an der Schoul, respektiv de Besoin un, ech soe lo mol, u Chambre froide, respektiv Stockage vu frëschem Iessen, geet quasi zu null.

Dat heescht d'Iessen ass den Dag virdrun, am Prinzip virbereet. Et gëtt dann en Chilldown-Prozess, also net gefruer, mee zwëschent 0 a 4 Grad erofgekillt, a gëtt dann, am Prinzip iwwer Kombidämpfer an iwwer Paravapeur erëm opgehëtzt.

Huet nutritionär eenorm Virdeeler, par rapport zu engem, ech soen emol, Produzéiertem an Ugeliwwertem, well et vun den Närwäerter hir vill méi héich ka gehal ginn. An et huet op där anerer Säit eeben och architektonesch, respektiv vun der Flächennotzung hir, enorm Virdeeler, wat d'Nieweflächen ugeet.

Jo, zum Pedibus, do kann ech lo direkt, mengen ech näischt vun eiser Säit hir soen.

Jo, an dann, wéi gesot, d'Diskussioun sécherlech vun der Mobilitéit, respektiv Poller.

Also et ass esou, datt mir gesot hunn, den Accès um Site soll direkt iwwer de Poller an der Schumanstrooss, dat geet, wéi gesot, awer reng d'Accessibilitéit vum Site soll dee reegelen, well mir gesot hunn, mir kënnen net fräi loossen, wien zu wéi engem Zäitpunkt op de Site kënnt. Mir hunn eng Handvoll Stellplazen, engersäits PMR-Stellplazen, mee awer och 3 bis 4 separat Stellplazen.

Déi mussen dann ëmmer bei der Schoul ugefrot ginn, well mer och do gesot hunn, mir kënnen dat net fräi loossen. Dat heescht, d'Méiglechkeet besteet do, awer déi muss halt da punktuell ugefrot gi wann ee wëll op de Site kommen, par rapport, wéi gesot, engersäits Entretien, Maintenance oder halt och, wann d'Léierpersonal iergendeng Doleance oder e Besoin huet.

Genau, dann, vläicht géif ech op d'Froe vum Här Steffen agoen. Engersäits d'Zesummeleeë vun der Direktioun SEA respektiv vun der Schouldirektioun.

Och dat war en Echange, dee mer mam Aarbechtsgrupp laang Zäit haten, e gemeinsame Büro, respektiv separat Büroen, dann awer geografesch no beienee geluecht.

Och do hate mer, ech mengen dat huet d'Politik jo och scho gesot, mir hu ganz am Ufank vum Projet e Workshop mat de Leit vun der Lenkeschléi gemaach, och do gekuckt: Voilà, wat ass le pour et le contre? Wat fonctionéiert gutt, wat fonctionéiert manner gutt?

An och do ass awer eng vun de Remarke komm, wa mol Elteregespréicher sinn, respektiv och mol de Besoin ass, sech

do och vläicht innerhalb vum SEA-Grupp oder innerhalb vun dem Schoulpersonal sech auszetauschen, hu se gesot, wär et awer gutt, wa se separat Büroen hätten.

Op där anerer Säit hu mer awer gesot, mir leeë se geografesch no beieneen, genau fir déi Zesummenaarbecht ze fërderen an deementspriechend leie se lo zentral am Gebai, awer a separaten Eenheete vis-à-vis vuneneen, mat engem eegene klenge Bespriechungsdësch, respektiv d'Méiglechkeet, do och emol formell Gespréicher mat Elteren oder Personalgespréicher och ze féieren. Awer, wéi gesot, geografesch no beieneen, awer gewosst net als ee grousse Raum.

Déi selwecht Reflexioun war nämlech och bei de Reuniounssäll, och dat aus der Erfarung Lenkeschléi. Si hu gesot si wéilte léiwer elo op d'Iddi goe vu méi Reuniounssäll, méi Meetingräim, awer méi kleng, also keng gréisser, grouss Konferenz. Dat au détriment, respektiv Zurverfügungstellung da vun engem Schoul-, also zousätzleche Klasseraum.

Et ass esou, datt initial am Projet, am APS, um éischte Stack e grousse Konferenzraum ass. Do huet awer den Aarbechtsgrupp och par rapport zur Entwécklung vun der Alphabetisatioun gesot, mir wëllen dat léiwer de Kanner zur Verfügung stellen an als Klassesall, als Reserv halen. An deementspriechend probéiere mir iwwer kleng Reuniounen a Meetingsräim innerhalb vum Gebai, fanne mir ëmmer eise Wee. Awer et ass do och d'Iddi fir op méi kleng Strukturen ze goen an net ee groussen, zesummen e Bespriechungssall ze hunn.

Genau, d'Mobilitéit, respektiv d'Mobilité douce. Jo, do hate mer d'lescht Woch och am informelle Gemengerot driwwer geschwat, dat u sech nach méi attraktiv ze gestalten, respektiv deem Rechnung ze droen.

An do hu mer jo och Stellung dozou geholl. Och do, ech kann Iech berouegen, et geet net au détriment vun de Stockagefläche vun de Kanner, déi Stockageflächen, déi do an de Schoulhäff si bleiwen deem zougewisen.

Et ass awer esou, datt mer aus der Schumanstrooss eran, do wou mer elo momentan och d'Vëlosstänner virgesinn hunn, mir vum Bau hir u sech e gréissere Raum vu baussen zougänglech ausgewisen haten, dee war als Reservfläch virgesinn. Dat war mat deenen eenzele Servicer, wou mer diskutéiert hunn, eventuell méiglech, fir den Ënnerhalt vun de Gréngflächen. Dat ass awer och am Sous-sol, doduerch datt mer jo e Monte-charges respektiv e Lift am Gebai hunn, méiglech, an deementspriechend kann dee Beräich och als iwwerdeckten ofgeschlossene Vëloënnerstand-Beräich kommen. An deementspriechend gëtt déi sanft Mobilitéit nach méi attraktiv, well dat ënnerbruecht ginn ass.

An dann d'Fro zum Busarrêt, respektiv vum Schoulbus. Also dee bleift an der Schumanstrooss, do hunn ech elo grad d'Confirmatioun kritt. Dat heescht, dee bleift do u sech, wou en och aktuell ass.

Also mir hunn eis scho Gedanke gemaach par rapport zu den Accèsen op de Sitten. Natierlech, an do si mer eis jo och kloer, wa mir et och plangen, datt d'Kanner haaptsächlech duerch d'Théodore-Thiel-Strooss erakommen, natierlech, wann een en an der Schumanstrooss leeft, also déi Foussverbindung gëtt et.

D'Iddi ass et, primär iwwert de Süden d'Kanner do erakommen ze loossen. An natierlech kënne mir net komplett vermeiden, datt e Kand iwwert d'Schumanstrooss erakënnt. Dat heescht och an deem Accès gëtt et e separat ausgewisene Fousswee, datt d'Kanner do erakënnen. Do ginn et jo och d'Fahrradënnerstellflächen an de Fousswee erof fir an de Schoulhaff eran.

Voilà, an da mengen ech war, genau, dat war eng Fro zum Béton étanche, do ginn ech a vläicht d'Wuert dann un d'Lynn.

LYNN LECORSAIS, SCHROEDER & ASSOCIÉS SA, KOCKELSCHEUER: Genau, also et ass esou, dass mer net doppelt gemoppelt alles maachen. Mir mussen awer verschidde Mesuren huelen, fir dee System kënnen anzebréngen. Beim komplette Béton étanche, do musse mer d'Rëssbreetestäerkt ganz limitéieren, dass mer iwwerhaapt keng Rëss kréien. Bei dësem System vun der Frichbetonverbundfolie musse mer limitéieren, awer net esou strikt.

Dat heescht, et si scho Käschte, déi op der Bewehrung hier nach ufalen, mee déi sinn net esou erheeblech wéi beim Béton étanche.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, merci mengen ech, fir déi doten Äntwerten. Sinn der nach déi op wären um technesche Plang?

Wann dat net de Fall ass, da géif ech d'Wuert weiderginn un d'Josiane an un d'Claudia, an da géif ech och nach e puer Wierder soen zum Ofschloss. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, villmools merci. Ech géif e bëssen op déi eenzel Bemierkungen hei agoen, déi de Moien hei komm sinn.

Vläicht fir d'éischt emol e grousse Merci un d'Architekten. Ech mengen Dir hutt alleguer merci gesot. Ech soen och eng Kéier merci, well si hu vill Gedold mat eis gebraucht. Mir hu ganz oft ëmgeännert a mir sinn op all Doleance agaangen.

Dat ass de Virdeel. Wann een zum Beispill, dat ass jo hei oft elo gesot ginn, Biergerparticipatioun vun Ufank un meescht. Dat heescht, mir si vun Ufank un eragaangen, hu gesot, voilà, mir wëllen dat bauen. An Dir sidd mat derbäi, wat sinn Är Doleancen?

An do koum dat natierlech, wat mer gesot hunn, mir brauche Plazen, 325 Kanner, a mir bauen der elo 236.

Bon, do kënnt derbäi, datt mer jo dann awer nach de Ribeschpont doniewent hunn an och de Brill a mat deene Schoule scho ganz vill kënne kucken, wie geet wouhinner.

Et ass awer och esou, datt mer ganz einfach nëmme grob eng Kéier gekuckt hunn, mee kéint de Ribeschpont och nach eng Kéier dohinnersetzen. Dat ass ee Moyen, wann dee Quartier sech deementspriechend entwéckelt.

Ech wëll awer just eng Kéier kuerz op d'Zuelen agoen. Also mir sinn nach ëmmer réckleefeg mat de Kannerzuelen. Et ass net esou, datt elo op eemol Diddeleng gesprengt géif gi vu Kanner.

Mir hunn et e bësse gekuckt virun allem den Tom huet eis dat gekuckt. A mir sinn effektiv an de leschte Joren an de Kannerzuelen erofgaangen. Dat heescht, mir ginn zwar an den Awunner an d'Luucht, mee d'Kannerzuele bleiwen awer, jo, d'Kannerzuele bleiwen awer niddreg. Ech mengen och dat ass eppes, dat ganz vill spillt.

An da wëll ech awer nach eppes soen, an dat hu mer erëm bei der Schoulorganisatioun gesinn, mir hunn och ganz niddreg Klasseneffektiver. Wann ech d'Gemengen niewendru wéi Esch oder sou kucken, do schwätze mer net vu 15, 16 Kanner an de Klassen, do schwätze mer vun 20 Kanner an de Klassen.

Dat ass och ëmmer eppes, wat eis awer nach Sputt gëtt iwwerall, wann de Quartier wiisst. A mir kucken ëmmer e bësse virun der Schoulorganisatioun, wou komme Kanner an deenen nächste Joren? An dann deementspriechend hu mir jo och Ressortännerunge gemaach.

Bon, op alle Fall dat mat deenen 325, dat hu mer gekläert. An et war wierklech och eng Doleance vun den Awunner, fir net do e Risegebai dohinner gesat ze kréien. An dann hues de eemol keng Sonn méi an dengem Gaart.

Bon, dann ass gesot ginn, d'Spillplazen, de Schoulhaff mussen och de Weekend op sinn. Jo, och dat ass natierlech fir mech eigentlech eppes wat normal ass, datt esou Saachen och de Weekend op si fir d'Leit, déi am Quartier wunnen.

Dat ass awer net iwwerall méiglech. Also schonn de Schoulhaff, deen ass iwwerall op. Wa mer hei vun eppes schwätzen, wat eis vill Schwieregkeete mécht, an dofir si mer hei net op dee Wee gaangen, dat sinn eis Multistaden an de Schoulhäff. Also effektiv, dat ass eppes, wou ganz vill méi Grousser kommen. Do kommen net Kanner, do komme ganz vill Grousser. An doduerch ass dann och méi Kaméidi. An dat ass och eppes, dofir si mer hei e bëssen op en anere Wee gaangen, fir net erëm esou e Multistade ze setzen an en herno mussen zouzemaache well et ze vill Kaméidi ass.

Dann d'Sportshal. Ech wëll just do ganz kuerz dobäi soen, do war eigentlech och, well mer vill geschwat hunn iwwert d'Sportshal, wéi gëtt se genotzt. Mir wëlle wierklech och eis Projete wéi WIBBEL, LASEP an alles, wat d'Médecine scolaire ubitt u Projeten, dat wëlle mer och mol eng Kéier hinnen eng Plaz ginn, wou se dat kënne maache mat de Kanner.

An da wëll ech awer och soen, d'Sportshal am Brill, ass relativ kleng. Also heiansdo ass et och flott, wann de Brill kann des notzen.

Dann d'Subsiden. Do ware mer um Ministère. Mir sinn do felicitéiert ginn. Fir jiddwereen, deen dobäi war, war extreem iwwerrascht. Dat war eng ganz flott Reunioun. Mir waren och ganz laang do, mir waren zwou Stonnen do. Si hunn och guer näischt ze bemängele gehat, ausser d'Pissoiren. Mee dat kënnt ëmmer erëm.

Mee effektiv, de Projet ass richteg duerchduecht, si hunn eis felicitéiert, an dat waren déi vum MENJE, den Interieur, déi hunn eis ganz kloer gesot, datt d'Subside méi héich wäerten ausfalen, well de soziale Facteur net méi gekuckt gëtt an och den Taux an d'Luucht gehuewe gëtt.

Da wëll ech awer eppes soen zu der Madamm Kayser, d'Trap an der Lenkeschléi. Also mir ass dat elo en neie Moment, ech hunn nach net héieren, datt do eppes geschitt ass. Si ass an den Normen, si ass ofgeholl, si ass impressionnant, well se einfach esou am Raum och steet, mee et ass awer, also fir mech iwwerraschen well ech hunn awer nach näischt matgedeelt kritt. Ech hunn och nach keen, a si ruffe mech wierklech fir vill Saachen un an der Lenkeschléi, also dat ass dat éischt, wat ech ze héiere krit.

Da Pedibus, och dat ass e Projet, dee begleeden ech elo säit 15 Joer, ech hunn och do schonn alles probéiert Also ech si wierklech esou um Punkt ukomm, wou ech soen, ginn et da wierklech esou Projeten, wou ee sech dauernd domat plot an eigentlech net realiséiert ginn? Mir hunn och Etüde gemaach, d'Stad zum Beispill, do ass et de Service scolaire, deen dat mécht, dat ass net de SEA.

Ech wäert dru bleiwen, mir haten och deemools ausgemaach mam Architektebüro, datt dat vläicht déi ideal Plaz wär fir et dann unzefänken, de Pedibus. Mee wéi gesot, och dat ass eppes, wat mer net vergiess hunn.

Dann, den Här Steffen, do wëll ech soen, Büroen zesummen. Also si sollen net getrennte Büroen hunn, si sollen awer nach ëmmer de Moyen hunn, fir och kënnen eng Kéier eng eenzel Reunioun ze hunn. Also mir hunn d'Erfarung vun der Lenkeschléi, déi hunn eis awer da gesot, dass et awer ganz wichteg ass, datt de SEA an d'Schoul zesummen an engem Büro sinn. Bon, wéi et herno fonctionéiert, dat kann ech elo net soen, mee mir hunn heiansdo Remarken, jo, mir mussen awer och kënnen Eenzelgespréicher mam Personal féieren, an dofir si jo méi Büroen do.

Dann d'Kollaboratioun, d'Schoul-SEA. Also ech weess elo net, ech gesinn dat als grousse Plus. An Dir sot, dat fonctionéiert net esou, also ech mengen datt an der Lenkeschléi, awer esou an deem Genre, jo, wéi soll déi Kollaboratioun fonctionéieren? Ech mengen dat ass un de Leit, déi dohinner kommen, déi dat wäerten un d'Lafe kréien.

Eppes, wat een awer zu enger Kollaboratioun Schoul-SEA muss soen, do ass d'Gemeng, déi vill laang investéiere muss, fir datt et fonctionéiert. Et ass net esou, den Educateur kënnt nëmmen am SEAs-Zäit, mee den Educateur muss och an der Schoulzäit intervenéieren. An dat ass eppes, dat geet reng op d'Finanzement vun der Gemeng. Ech wollt dat nach eng Kéier hei soen. Dat ass e groussen Invest. Mir haten awer och déi vum Ministère do a mir si nach kontaktéieren, fir datt mer do eng Participatioun kréien.

Bon, Vëloen. Dozou wëll ech elo näischt méi soen. Ech mengen do ass genuch gesot ginn. Hei ass e flotte Projet

vun enger Schoul. Ech wäert elo net nëmmen iwwer Véloen diskutéieren. Ech sinn ëmmer mam Vëlo an d'Schoul gefuer. An de Vëlo huet och jorelaang gehalen opwuel en dobaussen stung. Dofir, dat schéngt haut net méi méiglech ze sinn.

Dann, d'Madamm Thoma, ech mengen dat war alles okay, wat Dir gesot hutt. D'Zuele vun de Kanner, hat ech jo scho gesot, grouss Iwwerraschung. Mir haten och ni gerechent mat enger Covid-Iwwerraschung. Also d'Iwwerraschunge sinn ëmmer méiglech. Ech mengen dofir hu mer Reserven, wann esou eng Iwwerraschung kënnt. Ech hoffen net, datt et nach eng Kéier erëmkënnt, mee och dat ass Eppes, wat virgesinn ass.

A just den Här Gangler, ech mengen, Dir krut zwar schonn d'Äntwert, ech wëll et awer just soen: Déi Stroosse sinn net de ganzen Dag zou. Also dat ass ëmmer nëmmen temporär begrenzt, wann d'Schoul ugeet oder wann d'Schoul fäerdeg ass, wann déi Mass u Kanner kënnt. Da sinn déi Polleren do fir se rauszeloossen. An da si se rëm erof.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, merci. Wann dat wat d'Madamm Thoma sot jo anscheinend okay war, da wonnert et Iech sécher net, datt ech fannen, datt dat wat den Här Steffen elo sot, mir zwee hunn eis ëmmer e bëssen an den Hoer, dann net esou okay war.

Ech mengen den Här Meyer sot et, d'lescht Woch war en informelle Gemengerot, wou alleguerten d'Froe konnte gestallt ginn. An och wann ech hu missten op den Atelier citoyen goen, hat ech awer Är Froe matkritt. An Dir kënnt Iech sécher virstellen, datt ech mech och, iwwert d'Äntwerten informéiert hunn, déi Der d'lescht Woch krut. An ech weess, datt déi Äntwerten eigentlech Iech hätte misste Satisfaktioun ginn. An se sinn och elo nach eng Kéier widderholl ginn, wat den Ënnerstand fir d'Véloe betrëfft. Sou datt ech mengen, datt mer eis hei dann awer kéinten eens ginn.

Wat de Verkéier ronderëm déi Schoul ubelaangt. Bon ech mengen et ass d'Aufgab vun der Gemeng, wa mer dat wëllen, datt et eeben esou schwéier wéi méiglech ass, fir datt d'Elteren hir Kanner bis an de Schoulhaff féieren. An et ass och d'Aufgab vun der Gemeng ze garantéieren, datt d'Kanner esou sécher wéi méiglech an hir jeeweileg Schoule kommen.

Allerdéngs kréie mir d'Elteren net erzunn. Dat wësst Der. Mir kënne mat Pollere schaffen. Mir kënne mat Vitessreduktioune schaffen. Den Autofuerer an d'Autofuererin, déi fannen hire Wee fir esou no wéi méiglech, an dat gëllt net nëmme fir d'Schoulen, dat gëllt och fir eise Centre polyvalent, fir eise Centre culturel, déi fannen hire Wee. Mir kënne se, wéi gesot, net erzéien, mir kënnen hinnen et just esou schwéier wéi méiglech maachen.

D'Fro vum Busarrêt, déi ass och beäntwert ginn, sou wéi och all déi aner. Dir wësst och, wann eng Kéier gréisser Ëmännerunge missten a punkto Verkéier ronderëm déi Schoul gemaach ginn, datt da misst e Circulatiounsreglement geholl ginn an datt mer dann natierlech an de Gemengerot zréckkéimen, respektiv och virdrun an eng Verkéierskommissioun goen.

An ech menge fir de Rescht hat den Architekt schonn alles beäntwert.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia. Ech wéilt ech elo ofschléissend feststellen, dass jo mengen ech all politesch Partei, déi sech hei geäussert huet, all Fraktioun, de Projet jo da begréisst. Ech ginn dann dovun aus, dass dat sech och am Vott deementspriechend och esou rëmspigelt.

Ech wéilt awer e puer, zwou dräi Remarken nach maachen, par rapport zu Aussoen, déi getätegt goufen.

D'Madamm Kayser hat direkt am Ufank gesot, dass d'CSV skeptesch war par rapport zu der Biergerbedeelegung, respektiv gemengt huet, dass fir de Schäfferot dat pour la galerie wär.

Ech géif elo e bësse krass wierken, wann ech géif soen, dass déi doten Aussoen, déi Der elo getätegt hutt, pour la galerie ass, well Dir wësst ganz genau, dass fir de Schäfferot d'Biergerbedeelegung eng politesch Prioritéit ass, an dat hu mer da jo och gewisen an deene leschte Joren an der Modifikatioun vum PAG ronderëm NeiSchmelz, an der Adoptioun vun deene véier respektiv Ausriichtung vun deene véier PAPen ronderëm NeiSchmelz, an der Ausriichtung vun deenen zwee Budget participatiffen, déi mer eis ginn hunn, mat deem néidege Budget. Also fir eis ass dat eng Prioritéit a sécherlech net pour la galerie.

An ech mengen dat sinn Erfarungen, déi mer déi lescht Jore gemaach hunn, mengen ech, a weist och hei wéi wichteg et ass, och d'Biergerbedeelegung seriö ze huelen an och deementspriechend och d'Iddien, d'Iwwerleeungen afléissen ze loossen, och wann een net alleguerte se berücksichtegen kann.

Da mengen ech sinn ech ganz och bei Iech, par rapport zu de Subsiden. Also am Moment gëtt et jo en Aarbechtsgrupp tëscht dem Syvicol an och dem Inneministère, wou och iwwert déi verschidde Subside gekuckt gëtt, wou jo och eng Bereetschaft insgesamt do ass.

Mir schwätzen hei zwar elo iwwert de Schoulberäich. Mee insgesamt si och nach aner Beräicher, déi den Inneministère d'Gemenge mat subventionéiert, subsidéiert. Et ass eng Bereetschaft do, fir effektiv do méi finanziell de Gemengen ënnert d'Äerm ze gräifen.

An ech hoffen natierlech, dass déi Dynamik, déi do ass, och eriwwer geet op déi aner Ministèren, sief dat de Ministère vun der Éducation nationale, respektiv awer och e Sportsministère, wa mer ëmmer wëssen, an där Situatioun sinn, dass natierlech ëmmer e gewëssenen Taux affichéiert gëtt, mee deen ass natierlech och deelweis plafonéiert. Et si verschidden Elementer, déi gi subventionéiert a verschidden Elementer, déi ginn net subventionéiert bei engem Bau.

Also mengen ech ass och do eng filigran Analys, déi nach ausseet. An ech hoffen op alle Fall, dass och déi aner Ministèren deementspriechend och matzéien.

An ech mengen, wat ëmmer eng Fuerderung war vum Syvicol un alleguerten d'Ministèren déi Subside ginn, dass se effektiv an Tranchë sollen och auszebezuelen, dass déi 100 Gemengen och dovunner profitéiere kënnen, statt dass se herno op de finale Subsid waarden, wann effektiv bis alles, de Projet fäerdeg ass, respektiv dann och deementspriechend Dekonte gemaach ginn, fir de Rescht, fir de leschte Subsid.

Bon, ech mengen do dertëschent gëtt et sécherlech eng Méiglechkeet, fir de Gemengen do méi entgéint ze kommen. Wat hinnen et sécherlech géif erliichteren, an deem Sënn, dass se net onbedéngt brauchen en Emprunt opzehuelen oder manner groussen Emprunt opzehuelen, respektiv net onbedéngt da brauchen eng Ligne de crédit. Ech mengen och dat si jo Méiglechkeeten, déi een am finanzielle Kader deementspriechend och huet.

Ech wollt och nach eng drëtt Remark, an da wär ech fäerdeg, opgräife par rapport och zu enger Ausso, déi d'Madamm Kayser gemaach huet, an och d'Madamm Thoma par rapport zu de PAPen.

Bon, ech menge wann een elo de PAP direkt hei nieft der Schoul kuckt, dat sinn 30 Wunnunitéiten, also e ganz klenge PAP, wéi gesot, dee jo de Moment net weider entwéckelt gëtt, well de Promoteur erofgesprongen ass. D'Proprietäre mussen also kucke wéi se sech elo situéieren.

Mee par rapport zu der Ausso och, déi d'Madamm Kayser getätegt huet, par rapport A Bëlleg, dat wär geschwënn fäerdeg.

Bon, net onbedéngt. Ech mengen et sinn de Moment, dat hat ech och am leschte Gemengerot gesot, eng Rei Baugeneemegungen, déi ausgestallt goufen, wat och gutt ass, wat och positiv ass. Dat weist jo mengen ech och e positive Message, dass deen doten Projet weidergeet.

Mee ech mengen, Dir wësst jo och, dofir wollt ech dat awer hei nach eng Kéier ganz kloer präziséieren, dass mer am PAP vun A Bëlleg jo ganz kloer eng Dispositioun dra gesat hunn, wat déi éischt Phas och ugeet, dass do eng ganz Rei Lote kënne gebaut ginn, wou se och autoriséiert ginn, an dass alleguer déi aner Loten nëmmen dann autoriséiert ginn, wann effektiv och d'Schoul Balzeng deelweis fäerdeg ass. Dass mer am Fong an der éischter Phas an zwou Phase verfueren.

Bon, dat hat Der eng Zäit och bemängelt, dass mer do géifen e Frein abrénge fir de Promoteur. Ech hunn Iech deemools ëmmer geäntwert, dass dat am Dialog, am Echange an och vum Promoteur esou gewollt ass. An ech mengen, dass dat och eis an dësem Projet hei deementspriechend zegutt och kënnt, well dat gëtt eis och hei d'Méiglechkeet, engersäits d'Steierung vum PAP A Bëlleg unzegoen an eng gewësse Richtung an awer och, wéi gesot, d'Steierung deementspriechend vun der neier Balzenger Schoul. Well och do jo dat eent op dat anert och deementspriechend ofgestëmmt ass.

An dofir mengen ech war et och wichteg, dat hei an der Konventioun ronderëm déi éischt Phas vum PAP A Bëlleg jo och deementspriechend dranzeschreiwen.

Voilà. Dëst gesot, mengen ech, hätte mer probéiert och all ze äntwerten. Den Här Steffen wëll nach eng Richtegstellung oder eng Fro? Ouni dass mer elo nach eng Kéier d'Diskussiounsronn opmaachen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, genau. Also, Dir hat et scho richteg erkannt. Ech wollt eppes richteg duerstellen, wou ech mengen ech net richteg zréckgi gi sinn. Ech hunn eng Kéier probéiert ze zielen. An a menge 14 Abschnitter hunn ech an 12 betount, wéi gutt ech de Projet fannen. An do war och dee vun der Collaboratioun SEA-Schoul. An ech hu reng neutral d'Fro gestallt, wéi déi sollt ausgesinn.

An och do, wisou ech déi Saachen dann ëmmer widderhuelen. Ech mengen et gëtt e Verbatim, do ass et ëmmer wichteg, dass déi Saachen och transparent a richteg do stinn. Dofir déi Widderhuelunge vun de Méinden. An d'Vëloen explodéieren och net am Reen, mee et gëtt en Dokument vum Ministère, op dat ech ëmmer erëm hiweisen, wou seet, wéi Vëlosstänner sollen ausgesinn, dass se genotzt ginn.

Dat just zur Richtegstellung da fir de Verbatim. Merci op jidde Fall.


DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Dat wäert dann och esou am Verbatim stoen.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, ceci dit, géif ech proposéieren, dass mer op de Vott iwwerginn. Wien ass hei mam Devis, sou wéi en hei virgestallt, presentéiert, diskutéiert gouf, och averstane fir de Bau vu Balzenger Schoul? Dat ass **unanime**.

Da soen ech Iech villmools Merci. An ech soen och eisen Intervenanten hei Merci fir hir Presenz, hir Gedold, hir Erklärungen. A wéi gesot, elo fänkt déi richteg Aarbecht réischt un, wéi sou oft gesot gëtt. Oder och net.

# 4. FINANZEN



**4.1. Approbatioun vun engem Contrat de bail mat der a.s.b.l. Œuvres Paroissiales Saint Martin Dudelange fir d'Locatioun vu Logementer am Gebai 15, Rue Antoine Zinnen**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif proposéieren, dass mer weiderfuere mat eisem Ordre du jour op de véierte Punkt, Finanzen. Do hu mer hei d'Approbatioun vun engem Contrat de bail tëschent der Oeuvres paroissiales an der Stad Diddeleng. An do ginn ech hei dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter. Bon, ech ka mech relativ kuerz faassen, och wann dat Thema Logement ganz wichteg ass. Mee hei schwätze mer vun engem Bail à loyer, vun engem reng administrative Virgang.

Firwat maache mer dat heiten? Dir wësst, dass d'Oeuvres Paroissiales 2017 dat Gebai komplett renovéiert hunn, nei gemaach hunn. An du si se un den Office social erugetruede fir dass si dat an hire GLS-Park géifen iwwerhuelen. Wat och du gemaach ginn ass.

Dat heescht, d'Oeuvres Paroissiales huet dat dann un den Office social verlount, an déi hunn dat dann am Kader vun der GLS wiedervermëttelt.

Mam Gesetz vum August 2023 sinn dann natierlech d'Spillreegelen e bëssen anescht ginn. An et ass Follgendes, dass do da gesot ginn ass, all déi Logement abordabelen, déi l'Aide à la pierre kritt hunn, déi mussen dann ënner anerem och e klassesche Bail à loyer maachen, respektiv se mussen och dann do, opgrond vum Akommes vun deene Leit, déi do wunnen, gëtt dann och de Loyer fixéiert.

Dat ass eng ganz aner Philosophie wéi an enger GLS. Ech erënneren Iech drun, d'GLS ass eng Mise à disposition mat engem Maximum vun dräi Joer, an do gëtt de Loyer, ech wëll net soen, mat Piffometer gemaach, awer trotzdeem huet en awer aner Spillreegel wéi e Bail à loyer.

Wa mer elo hei als Gemeng deen d'Immeubel 15, Zinnen iwwerhuelen, mam klassesche Bail à Loyer, ass dat dann eppes fir de Service Logement, deen dat da wäert ënnert säi Fuerpark huelen an och da weider verlounen.

Et ass och esou, dass déi Leit, déi am Kader vun der GLS do gewunnt hunn, an der 15, Zinnen, schonn an eng aner GLS-Wunneng iwwergezu sinn. An och de Service Logement huet awer schonn déi dräi Wunnengen och schonn erëm eng Kéier an eisem Kader weider verlount, soudass dat awer alles och do ouni Problem iwwert d'Bün gaangen ass.

Wéi gesot, et ass elo um Gemengerot hei dee Bail à loyer guttzeheeschen an dann ze approuvéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà, merci dem René Manderscheid fir déi doten Erklärungen. Ech hat dat virdru vergiess, dofir wollt ech dat nohuelen, och nach de Responsabele vun eisem Service Logement, de Laurent Krantz, hei an eiser Mëtt ze begréissen. Voilà, wa Remarken, Froe sinn, et ass de Moment. Madamm Kayser an dann d'Madamm Thoma.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Ech mengen, dass mir dat heite matdroen, dat ass selbstverständlech.

Ech hu just eng Detailfro, an zwar am Contrat de bail, do steet dann d'Durée du bail. Le présent contrat prend effet le 1er janvier pour une durée de 20 ans. Dat ass jo esou virgesinn am Gesetz.

Mee mir hu jo awer elo scho säit 2017 iwwert den Office social dat do gelount. Déi 20 Joer, spillt dat dann net vun 2017 un? Dat ass just eng reng praktesch Fro. Well wann dann den, wéi soll ech soen, den Utilisateur ännert, ginn dann erëm eng Kéier déi 20 Joer dann eréischt un? Dat ass eng juristesch Fro. Merci

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Ech hat effektiv och eng Fro zur Durée. Well sou wéi ech d'Gesetz gelies hu sinn et eigentlech 40 Joer, déi ee muss verlounen, Logement abordable. Dowéinst hunn ech mech gefrot, firwat elo nëmmen 20 Joer virgesi ginn an ob dat dann automatesch herno muss verlängert ginn?

An dann hunn ech mech awer och einfach gefrot, mee dass et elo richteg ass, am Fong méi administrativ elo wéi soss eppes, mee dofir ass awer d'Deliberatioun ganz interessant, well do steet ënner anerem dran: Constatant que les besoins en logement abordable ne font qu'augmenter. Constatant que les logements abordables planifiés pour les années à venir ne sauront pas répondre aux besoins locaux.

Do sinn ech dann awer ganz frou, dass mer eis do awer alleguerten och eens sinn, dass och do weiderhin nach mer mussen eppes maachen, well mer nach ëmmer méi Besoin u Logement abordable hunn. Do komme jo och elo nach um Ordre du jour Saachen. Mee ech war einfach frou, dass dat esou kloer an der Deliberatioun och stoung. Villmools merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech hunn eigentlech keng Fro, ech wëll nach just eng Kéier drop hiweisen, ech mengen dat hei ass eng gutt Saach, do si mer eis heibanne mengen ech eens.

Mee wéi konsequent mir als Majoritéit hei iwwerhaapt an de Logement déi lescht Zäit investéiert hunn. Wann ee sech elo d'Zuelen eng Kéier ukuckt, da stinn eis zur Verfügung bis haut eng 45 Unitéiten, déi mir als Bailleur social verlounen

an als Promoteur social nach eng Rei méi, nämlech 65 am Sënn vum Gesetz vum August 2023.

Mir hunn do konsequent säit Joren an de Logement investéiert an och an de soziale Logement. A wann een elo kuckt, zënter 2021 maache mir dat, also mir hunn et och scho virdru gemaach, mee wann een elo 2021 hëlt als Datum vum Service Logement, a wann een dat elo kuckt bis 2029 zum Beispill, da sinn ongeféier 53 weider Wunnengen nach geplangt. Natierlech kënne mer och elo nach an d'Glaskugel kucken a verspreche wéi schnell dat alles realiséiert ka ginn, dat huet nach eng munch Variabelen. Mee dat heescht just, datt mir eis nach ganz vill virgeholl hunn, well mer ganz genee wëssen, wou d'Besoine vun de Leit dobausse leien an datt mir och als ëffentleche Player hei eng Aufgab ze erfëllen hunn an déi Responsabilitéit och wëllen hunn.

Wann een elo d'Zuele kuckt, fir eis heibannen ass et schonn net einfach, den Duerchbléck ze kréien, fir d'Leit dobausse warscheinlech och net. Wann dann ëmmer esou Stéchwierder fale wéi GLS, Bail à loyer, Gestion locative sociale, dann erëm de Service Logement an esou virun. Dann ännert dat och nach en cours de route, da kënnt en neit Gesetz, da gëtt en neie Service gegrënnt oder verstäerkt. A fir do den Duerchbléck ze fannen, ass och elo eng nei, an dat ass dann och fir d'Leit dobausse geduecht, eng nei Internetsäit an d'Liewe geruff ginn, www.wunnenzudiddeleng.lu, déi op ganz vill Froe vläicht do Äntwert gëtt an och sech derduerch en Duerchbléck kréien a sech och erëmfannen an deem Ganzen an och villes verstoen, wéi dat fonctionéiert um Marché an och eeben hei an eiser Gemeng, fir datt dat do méi liicht gëtt. Op alle Fall wëll ech nach eng Kéier felicitéieren, fir dat Durchhaltevermögen an och eeben déi grouss Verantwortung, déi hei de Schäfferot hëlt an deem Kontext. An dofir natierlech, et ass jo net verwonnerlech, datt mir esou engem Projet wéi deem hei nëmme kënnen zoustëmmen an och houfreg sinn, datt eise Contingent sech vergréissert. Merci.

LAURENT KRANTZ (SERVICE LOGEMENT): Voilà, ech géif just eng Kéier kuerz probéieren op d'Demande vun der Madamm Kayser anzegoe par rapport zu deenen 20 Joer vun 2017.

Dat heescht et ass effektiv esou, dass deen éischte Kontrakt mam Office social gemaach ginn ass a mir un d'Oeuvres paroissiales erugetruede sinn, fir mat hinnen ze kucken, wéi kënne mer dat maachen, dass deen Transfert Service Logement, dass dat funktionéiert. An do hu mer dann dunn iwwert deen heite Wee dann effektiv e ganz neie Kontrakt gemaach.

Dat heescht, fir do ganz kloer ze sinn, dat ass en neie Kontrakt, deen elo effektiv ab Januar dëse Joers leeft an deen effektiv elo op eng Zäitdauer vun 20 Joer leeft.

Festzehalen ass awer och, dass dee Kontrakt nach weiderleeft, wann déi 20 Joer ëm sinn, ausser et ass elo eng vun de Parteien, déi dee Kontrakt annuléiert. Dat heescht, dat ass elo net, dass deen no 20 Joer ofleeft. Fir do ganz kloer ze sinn, gell. Voilà, dat wär dat.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech wollt nach eng Kéier vläicht de Punkt opgräifen an der Prolongatioun, wat de Laurent Kranz gesot huet.

Et sinn zwou Saachen. Dat eent ass, wann een d'Aide à la pierre kritt, d'Subside vum Ministère du Logement, also fir da Logement abordable. An iwwert d'Konventionementer, déi da lafen, muss dat Gebai wärend 40 Joer dem Logement abordable attribuéiert sinn. Dat ass dat eent, dat ass tëscht dem Logementsministère an effektiv par rapport zu deem, wou dann och de Bauhär war. Dat ass d'Attributioun.

Dat anert ass de Contrat de bail, dee mer elo hei hunn, tëschent der Oeuvres Paroissiales an der Stad Diddeleng. Dee leeft op 20 Joer. A wéi et och hei am Kontrakt steet, et ass eng Reconduction tacite vu Joer zu Joer. Déi zwee Mechanisme gräifen natierlech aneneen, mee sinn op zwee verschidden Niveauen. Voilà.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt nach just bäifügen, déi Résidence d'Antoine Zinnen hei, dat war deemools nach wou een an der Acquisitioun huet misse blockéiere fir Logement abordable, do waren am Gesetz nach 20 Joer virgesinn.

An duerno huet d'Ministesch dat eropgesat op 40 Joer. An zum Beispill déi nei Wunnengen, déi geschafe goufen iwwert dem Veräinshaus, déi lafen elo ënnert deem Modus vu 40 Joer.

Da wéilt ech awer der Madamm Kohn och nach soen, si felicitéiert hei d'Gemeng fir déi Initiativ. Vläicht kann een awer och emol eng Kéier der OPD, Oeuvres paroissiales, eng kleng Felicitatioun ausschwätze fir déi 45 Wunnengen, déi se bis elo hei geschafen huet. Dat ass jo awer och schonn net näischt. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Ech mengen et ass wichteg, dass all Acteur, deen eppes um Niveau vum Logement abordable ka maachen, dass deen effektiv do seng Responsabilitéit iwwerhëlt. Do gehéieren d'Oeuvres Paroissiales dozou, sou wéi och d'Stad, d'Stad Diddeleng.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Contrat de bail averstanen? Dat ass **unanime**. Da soen ech Iech villmools merci.

**4.2. Approbatioun vun engem Contrat de bail mam Staat vum Grand-Duché Lëtzebuerg fir en Terrain an der Rue Louis Rech**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass och e Contrat de bail tëschent dem Staat an der Stad Diddeleng. Mir sinn hei effektiv an der Rue Louis Rech, do an der Géigend vum Staatslabo. An do bezuele mer en Loyer vun 100 Euro d'Joer. An dat ass am Fong, dass mer do dee Wee kënnen notze fir an eise Bongert. Voilà, méi ass et net.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot domadder averstanen? Jo? Ass dat **unanime**? Da soen ech Iech villmools merci.

**4.3. Wunnhaus op 71, Rue de la Paix ;**

*4.3.1. Approbatioun vum Acte de vente mat der Association sans but lucratif « SOLINA Solidarité Jeunes » ;*

*4.3.2. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Renovéierung an déi energetesch Sanéierung vum Gebai*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op den nächste Punkt iwwer.

Bon, och dat ass e Punkt, wou mer Richtung Logement abordable ginn, och wou mer an der Schäfferenserklärung haten, dass mer och déi Efforten, déi néideg sinn, och do wéilte Responsabilitéit weider iwwerhuelen.

An och hei e Punkt ass vun enger weiderer Ëmsetzung, wou mer hei en Acte de vente virleien hunn tëschent der Associatioun sans but lucratif « SOLINA Solidarité Jeunes » an der Stad Diddeleng. Dat op 71, Rue de la Paix.

An Ärem Dossier, hutt Der och, mengen ech, veranschaulecht kritt, ëm wéi een Haus et sech handelt.

Bon, dat ass en Haus, dat ze renovéieren ass. Ech begréissen och hei an eiser Ronn den Här Glesener vun eisem Service Architecture et Domaines, deen och méi am Detail um Projet, un der Ausaarbechtung vum Projet och ass.

Mir hunn engersäits jo zwee Voleten hei. Engersäits e Kreditt fir de Projet hei, fir den Acte ze maachen, dat si wéi gesot 500.000 Euro.

An dann natierlech och herno den Devis, fir och déi néideg Renovatiounsaarbechte kënnen ze maachen. An do wäert dann de René Manderscheid nach e bësse méi am Detail drop agoen.

Bon, ech menge wéi ass e bëssen de Werdegang? Mir sinn hei laang ënnerwee gewiescht fir deen heite Projet. Mee Dir kënnt awer am Acte jo gesinn, dass am Fong d'ASBL Solina hei eng Ierfschaft kritt huet um Niveau vun der Madamm Léonie Strasser, déi an hirem Testament effektiv d'Fondation Solina zitéiert huet, fir dass si dat doten Haus soll kréien.

A wéi gesot, doropshin ass d'Fondation Solina un eis erugetrueden. An dat war am August 2023, wou eng éischt Visite des lieux gemaach gouf, wou mer och kuerz duerno eng Entrevue haten hei an der Gemeng, mat de Responsabele vu Solina a.s.b.l. a wou mer och, anhand vun Expertis, déi och jo virläit, eis gëeenegt hunn op e Präis vu 500.000 Euro. Dat hu mer natierlech och de part et d'autre eis och esou iwwer Courrier matgedeelt.

An do ass natierlech den Acte oder Projet d'acte sollt vum Notaire geschriwwe ginn. A bon, dat huet zimmlech laang gedauert, vun effektiv Enn 2023 ufanks 2024 bis elo viru kuerzem. An, mengen ech, souwuel Solina a.s.b.l. déi den Notaire erausgesicht hunn, well am Fong de Vendeur ëmmer den Notaire kann erauszesichen an och säitens vun der Stad Diddeleng eng Rei Relancen och néideg ware par rapport zu deem doten Notaire, fir da schlussendlech och dat heite kënnen ze finaliséieren. Was lange währt, wird endlich gut. Dofir hu mer elo den Acte hei virläien. Dat ass natierlech och positiv.

Wat ech soe kann, dat ass dass insgesamt, an dofir mengen ech ass et och wichteg, dass déi Ofstëmmung ass, engersäits mat der Acquisitioun, respektiv wat d'Potenzial hei ass, an den Här Glesener wäert hei nach eng Kéier kuerz op de Projet agoen, dass mer herno, wat d'Subsiden ugeet, bei +/- 73 % landen.

Ech wëll mech elo net festsetzen, mee ech mengen et ass e bëssen dat, wat mer an enger Ofstëmmung mam Logementsministère gemaach hunn.

Bon, natierlech wa mer deen Acte hei am Fong guttheeschen, do steet jo natierlech och dran, dass mer d'Haus kafen, fir de Logement abordable. Dat steet och expressis verbis och deementspriechend dran.

Voilà, ech mengen dëst vu menger Säit aus. Da ginn ech nach vläicht d'Wuert weider un de René Manderscheid. An da kann och den Här Glesener nach eng Rei Detailer effektiv hei ginn.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Meng Interventioun beschränkt sech dann op déi energetesch Renovatioun vum Haus. Firwat maache mer dat esou am Detail?

Et ass esou, dass mer, ënner anerem och scho bei de Klimapakt-Assisen nach vu ganz ville Bierger ëmmer erëm gefrot ginn: Wéi kann ech meng Wunneng energetesch tipptopp renovéieren? Wéi soll ech mech uleeën? Respektiv, wéi kommen ech och un déi staatlech, respektiv un déi Gemengesubsidien, fir kënne meng Wunneng esou ze renovéieren?

Sou dass mer eis geduecht hunn, dass mer do eng Aart Musterhaus wäerte maachen. A mir wäerten och déi ganz Renovatioun am Toun an am Bild festhalen an dann herno iwwert eise Site och deene Leit da kënnen et och um Internetsite presentéieren, wéi se sech mussen an der Praxis uleeën. Sou dass een dat och méi einfach veranschauleche kann an dass d'Leit och wësse wou se dru sinn, an da kënne se opgrond vun deem Videoclip oder esou, kënne se dann déi Interventioun maachen.

Mir wäerten dee Projet awer och do, wou ech elo gesot hunn, vu dass dat jo eng Sensibilatiouns- an Informatiounscampagne ass, da wäerte mer am Laf vun dësem Joer nach eng Kéier en informelle Gemengerot maachen, wou mer Iech iwwert den Nohaltegkeetsmasterplan an nach aner Klimaaktivitéiten Iech e bësse méi am Detail wäerte matdeelen. Do wäerte mer och deen no Projet, wann en da fäerdeg ass, Iech och da prezis esou presentéieren, wéi en dann herno op de Site kënnt, wou d'Leit en da kënne kucke goen.

Dofir hu mer wëlles, dat Haus als Aart Musterhaus ze maachen, wéi Best Practices, fir et herno de Leit ze vermëttelen. Dat ass alles vu mir.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid. An ech mengen, dass et och wichteg ass, herno iwwert déi Tutorials ze fueren, well dat heiten ass eent vu villen Haiser, wou jo an de 50er Jore gebaut gouf. Et heiten ass vun 1953.

A wann een dat gäre wëll dann och energeetesch sanéieren, dass een do e bëssen eng Uleedung huet, Best Practice. Ech mengen dat kann alleguerten den interesséierte Biergerinnen a Bierger sécherlech zegutt kommen. Da ginn ech d'Wuert weider un den Här Glesener.

PIERRE GLESENER (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES, TRAVAUX NEUFS – BÂTIMENTS COMMUNAUX): Merci fir d'Wuert. Mir schwätze vun engem Eefamilljenhaus am Quartier Wolkeschdall, wat an engem Environnement construit C ass, also wou mer de Gabarit elo net dramatesch sollen änneren.

Et huet schonn initial dräi Schlofkummeren, mat enger véierter méiglecher Schlofkummer an de Combelen, déi mer och wëllen amenagéieren. Dat alles zesumme komme mer bei net grad 140 m$^2$ Wunnfläch, wat och zimmlech perfekt op de Cahier des charges vum Ministère du Logement passt.

Eppes wat bei all de Visitten, déi mer maache bei Bestandsgebaier ëmmer erëm wichteg ass, ass ze kucken, passen d'Metercarréen an d'Opdeelung vum Gebai op dat, wat och am Logement abordable gewënscht ass. Den Terrain ass mat 3,8 Ar passend zum Gebai.

D'Haus läit wierklech ganz zentral am Quartier Wolkeschdall, eigentlech kéint een den Dräieck zéien, zwëschent der Waldschoul, dem Lycée Nic-Biever an der Lenkeschléier Schoul, där neier Lenkeschléier Schoul wuel geschwat.

Ass doduerch zimmlech optimal ugebonnen och un d'Verkéiersmëttelen. D'Kanner, déi an d'Schoul kënne goen, alles wat mer eigentlech sichen, ëmmer erëm fir de Logement abordable.

D'Gebai ass an de 50er Jore gebaut ginn. Ee vu villen no Pläng vun der Arbed, awer dës si realiséiert gi vun de Leit, déi si net vun der Arbed selwer realiséiert ginn.

D'Bausubstanz vum Gebai ass ganz ordentlech, e bëssen e fiichte Keller, awer de ganze Rescht vum Gebai ass wéi et soll sinn. Mir schwätzen awer nach vun Eefachverglasung, net isoléiert.

Eigentlech nach wéi fréier gelooss, soen ech elo mol, dat heescht, d'Elektresch ass nach wierklech déi aus de 50er Joren, heizungsméisseg an alles ass och nach alles zimmlech al. Mir schwätze vun engem Energiepass II, also dat wat hannendwidder ass, soen ech.

D'Gebai ass an de Schlofkummere mat engem hëlzene Parquet ausgeluecht, deen och nach ën engem recht gudden Zoustand ass, fir deen Alter, wou en huet. Dee wëlle mer sou wäit et geet erhalen. Mir probéieren eigentlech iwwerall do d'Câblagen ze erneieren, nei eranzezéien, eigentlech ze renovéieren, e bësse wéi een dat och am Private gewinnt ass, ouni elo eng Tabula rasa do duerchzeféieren.

Wéi den Här Manderscheid hei schonn ugedeit huet, wëlle mer eng energeetesch Sanéierung maache mat ökologesche Baumaterialien.

Dat läit och dodrunner, dass wa Gebaier mat Sandsteng gebaut sinn, wéi mer dat hei zu Diddeleng recht oft hunn, dass een net einfach mat Styro isoléiert, am Sënn vun, dass déi Fiichtegkeet, déi an deene Gebaier awer dran ass, dann net méi ka propper erausootmen a gäre Problematiken entsinn.

Dat mécht och d'Renovatioun e bësse méi opwänneg. Mer wëllen dann awer an deem nämmlechten Otemzuch de Bierger weisen, dass et awer geet, andeem ee geziilt Baumaterialie siche geet wéi Holzfaseren an aner Saachen, fir just een ze nennen.

An deem Sënn wëlle mer och eng Photovoltaik op den Daach setzen. D'Gebai, wéi ech virdrun hei konnt weisen, ass südlech orientéiert. Mee do ass awer och eng Gauf installéiert, sou dass mer eigentlech net immens vill Fläch hunn, fir Photovoltaik drop ze setzen. Doduerch gëtt et eigentlech just eng kleng Photovoltaikinstallation, mir schwätze vu 5 Kilowatt Peak, mee déi gëtt dann och nach an zwou Himmelsrichtungen orientéiert, soudass dat wierklech just fir den eegene Gebrauch vun der Wunneng herno ass.

An am grousse ganzen ass dat et eigentlech och schonn, dass et eng Renovatioun ass, wou mer probéieren douce erunzegoen, dem Gebai säi Charme ze loossen, deen et bannendran huet, mir rappe keng Maueren eraus, mir loossen u sech Schlofkummeren do, wou Schlofkummere sinn. Do wou Hëlzebiedem dra si probéiere mer se ze halen, ofzeschläifen an et awer op dee Standard ze hiewen, deen haut néideg ass, fir et och déi nächst Jorzéngte kënnen ze verlounen am Logement abordable.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech soe merci fir d'Wuert an och merci fir d'Erklärungen. Dat hei eis gewéinlech net mäin Dossier, mee ech wäert awer eppes dozou kënne soen, well ech kennen déi Haiser do ganz gutt an ech fannen et e ganz interessanten Objet.

An déi Iddi, wou den Här Manderscheid elo just gesot huet, fir déi energeetesch Sanéierung am Fong esou als Musterhaus ze maachen, dat fannen ech immens spannend. Well wann een deen do Prozess schonn eng Kéier matgemaach huet, da gëtt ee ganz vill vun de Leit gefrot: Wéi geet dat iwwerhaapt bei engem alen Haus, fir dat esou ze sanéieren, dass dat de Standarden entsprécht, dass een do net mat Heizes an esou weider sech herno dout muss heizen u Käschten?

Dat heescht, ech fannen dat doten eng ganz flott Approche. An och vun der Lag hier, dee Quartier ass mer och gutt bekannt, datt mam Dräiäck, effektiv dat fält vun uewen op, dass dat esou no läit. Ech mengen, dass dat doten e richteg coole Projet wäert ginn an och vun der Renovatioun hier.

Dass mer dat heiten och wäerten da matstëmmen, steet ausser Fro. Allerdéngs hätte mer awer bei der Deliberatioun vun der Renovatioun, do hätte mer eng kleng Fro gehat zum drëtte Considerant.

Dat ass am Fong deen, dass d'Création vum Logement abordable an der Schäfferots-erklärung steet. An et ass jo awer eng Deliberatioun vum ganze Gemengerot an net vum Schäfferot, respektiv vun der Majoritéit. An et ass am Fong och net gängeg, dat doten ze maachen, dass ee sech iergendwéi an der Deliberatioun op d'Schëller klappt, op d'Schäfferotserklärung verweist, well dat ee politescht Outil ass.

A bei eise Motiounen hu mer schonn och vum Buergermeeschter selwer erkläert kritt, dass déi Consideranten sech éischter op d'Fakte bezéien, op deenen d'Entscheedung berout. An déi sinn eigentlech net politesch, well soss geet d'Diskussioun jo lass. Jo, mir wollten dat och maachen. Mir hatten dat och an eisem Walprogramm an, an, an.

An do wier einfach d'Fro, ob et deen dote brauch? Well eigentlech ass en och e bësse superfetatoire, deen dote Considerant. Well zwee Consideranten drënner steet, dass d'Gemeng Diddeleng ëmmer beméit ass, de Park un abordabelem Logement ze erweideren. An dat erkenne mer och un. Dee fanne mer och richteg. Wou mer géife soen, okay, et bräicht am Fong deen dote Considerant net. Mee fir de Rescht, de Projet selwer, tipptopp. A villmools merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Vu dass ech virun zwee Punkte gesot hunn, dass mer méi, nach méi abordabele Logement hunn, wäert Dir Iech net wonneren, dass mer natierlech dëse Projet och begréissen.

Ech mengen et ass immens flott och emol nees eng Kéier en Haus, wou dann à voir, wat fir Leit do kënnen dra wunne kommen. Mee ech menge fir Kanner ass et am Fong wierklech perfekt. Et ass an engem rouege Quartier mat Gaart. Do gëtt et näischt auszesetzen.

Déi Campagne, respektiv déi Uleedung vu Best Practices fir energeetesch Sanéierung de Leit och méi nozebréngen an och ze weisen, wéi dat méiglech ass, dat fanne mer wierklech eng ganz gutt Iddi.

Par contre, wann ee sech den Devis ukuckt, da mierkt een och firwat et vläicht awer och fir d'Leit schwéier ass. Also mir hunn en Haus, dat mer kafe fir eng hallef Millioun an da kënnt quasi nach eng Kéier esou vill dobäi, bon elo net nëmme fir d'energeetesch Sanéierung, mee och fir d'Remise en état. An do gesäit een eebe schonn, d'Leit musse jo déi Sue virstrecken. Se kréien herno wuel Subsiden zeréck. Mee ech mengen, dass dat och e Problem ass, dee fir vill Leit net sou einfach ze stemmen ass.

Bon, do kann d'Gemeng kann och net méi maache wéi déi Subside ginn. Mee ech mengen, dass mer allgemeng eis och musse bewosst sinn, dass dat e grousse Problem ass.

Mee zumindest mécht d'Gemeng dann hiert, andeem se net nëmme Subsidë gëtt, mee och de Leit erkläert, wéi dat kann ausgesinn a wat et alles vu Méiglechkeete gëtt. An ech menge bei engem Haus an Energieklass I ass et jo och net vu Muttwëll, do mol eng Kéier richteg driwwer ze goen an dat energeetesch ze sanéieren, sou dass mir deen heite Projet selbstverständlech kënne matdroen. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, wéi kéint et anescht sinn, mir sinn natierlech och immens frou. A mir begréissen natierlech och dëse Projet. En ass fir mech ëmsou néideger, well et dës Kéier mol eng Kéier en Haus ass. Mir brauchen Haiser.

An, vu dass schonn dräi Schlofkummeren direkt dès le départ do sinn, plus nach eng méiglech uewenaus am Späicher auszebauen, duerch dat véier Schlofzëmmeren, dat ass eppes, wat mer beim Fonds du Logement respektiv aneren ëffentlechen Träger net oft fannen.

An hei kréie mer dann eng Kéier eng Famill ënnerdaach, wuelwëssend, dass mer och schonn an der GLS, och am Service de Logement, oft konfrontéiert gi mat Familllen, déi méi Kanner hunn. Et si mëttlerweil Familllë mat véier, fënnef, jo souguer sechs Kanner, wat onméiglech ass, ënnert deene Konditioune zwar déi am Logement abordable ënnerzekréien.

Dir wësst, dass do ëmmer nach déi Hürd ass mat deene Schlofkummeren. Wou mir Kanner fréier zesummelouchen zu zwee, aner mol zu dräi, wat alles normal war, sinn awer hautzudaags Reegelen, och scho länger Zäit Reegelen, déi verlaangen, dass ab 12 Joer da jidderee muss getrennt leien, besonnesch wann zwee Geschlechter vu Kanner do sinn. Bon, wéi gesot, dat ass eng Hürd an dat gëtt e Problem, et ass e Problem an et gëtt e Problem an der Zukunft, wann dorunner näischt geännert gëtt.

An, voilà, fir de Rescht, bon, wéi gesot, also d'Fotoen eleng hu jo gewisen, eleng vum Tableau électrique. Bon, wéi gesot, ech sinn och an engem Haus aus dem vu 1956/57 grouss gi wat identesch war. Mir haten allerdéngs schonn awer där neier Sicherungen, also déi, déi am Fong elo ze maache sinn.

Mee hei ass wierklech dee Standard, deen deemools d'Leit eebe gemaach hunn, an déi Famill hei huet eeben net vill renovéiert, well se och nëmmen zu 2 waren, si haten net vill Bedürfnisser, waren net oft do; ech weess dat, well ech d'Leit kennen.

Voilà, a wéi gesot, dat ass eng Noutwendegkeet, dass een hei wierklech bal eng Kernsanéierung mécht. Et ass näischt anescht iwwereg bliwwen, well et huet kee Wäert dru piddelen ze goen.

An ech menge mir sinn als Gemeng, als ëffentlechen Träger jo dann awer och gefuerdert, mam gudde Beispill virzegoen an effektiv dann, an dat gëtt jo dann och gemeet, am éischten Deel e bësse méi douce, wéi de Pierre Glesener gesot huet, e bësse méi eng douce Renovatioun, Sanéierung, pardon, an dann awer ënnen déi energeetesch, dass mer do awer wierklech den Accent drop setzen. An et ass och ganz flott, dass dat illustréiert gëtt.

Awer ganz wichteg ass och natierlech, dass een dann d'Kontakter mat aschleist, wou een effektiv kann nofroe

fir staatlech Subsiden ze kréien. An ech mengen d'Gemeng rattachéiert sech jo ëmmer un déi.

Dat gëtt e ganz flotten Incentive. An ech denken dass dat fir d'Leit eng ganz noutwendeg Saach ass. Also an deem Sënn eng Beräicherung vun eisem Park an och eng Beräicherung, mengen ech, fir de Message eriwwerzeginn, wéi ee kann un esou eng Renovatioun erugoen. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech si jo bekannt dofir, dat ech ëmmer pour la petite histoire eppes Klenges bäizefügen hunn. Dat hei ass fir mech e bëssen e sentimentale Moment, well déi Schalttafel do, déi huet mäi Papp nach gemaach, deemools an der 50er Joren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Also, mir demontéieren se an da kritt Der se, esou tel quel, als Undenken, fir d'Nostalgie.

Okay, villmools merci fir Är Stellungnamen. Ech mengen déi an déi Richtung ginn, dass Der hei souwuel den Acte, wéi och den Devis matstëmmt.

Ech géif da just eppes opgräifen, wat den Här Steffen gesot huet. Bon, dass mer dee Projet hei ëmsetzen, dat kënnt jo net vum Himmel gefall. Dat ass jo och net am loftleere Raum.

Dat ass well effektiv och an der Schäfferotserklärung steet, dass mer beméit sinn, eppes ronderëm de Logement abordable ze maachen.

An ech ka mer elo net virstellen, dee ganze Passus do erauszehuelen. Well et eng Prioritéit ass vun dësem Schäfferot, deen an der Responsabilitéit ass vun der lokaler Exekutiv, en Invest ze maachen an de Logement abordable. An et ass och e Fakt, dass mer haut an de Gemengerot kommen an de Projet virstellen, wa mir iwwer Fakte schwätzen.

Ech kann awer domadder liewen, dass een dee leschten Tiret ewechhëlt, c'est fixé dans la déclaration dans la voie des élections communales 2023. Ech mengen déi Propos, déi ech ka maachen, ass dat erauszehuelen.

Mee dass et awer e Fakt ass, dass dëse Schäfferot an de Gemengerot kënnt fir Logement abordable-Projete virzestellen, wou dann de Gemengerot an der Responsabilitéit ass, eng Diskussioun driwwer ze féieren, matzestëmmen, net matzestëmmen, sech ze enthalen. Dat ass en anere Volet.

Mee ech ka mer op alle Fall net virstellen, dass mer dee de Fakt vun der Prioritéit, déi mer eis hei ginn hunn, hei komplett bifféieren.

Voilà. Also, wéi gesot, ech hunn eng Kompromësspropos gemaach, ech mengen, et kann een op dee Wee goen, dat sträichen, an dann awer just deen Tiret, well d'Prioritéit fir de Schäfferot bleift fir mech, an da ka jiddereen hei dann decidéiere wéi e sech dozou wëll positionéieren.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Okay, vu dass et d'Politik vun de Kompromësser ass, et ass effektiv e Fakt. Et war eeben, dass mer gesot hunn, si wieren, déi Tirete wieren net politesch. E bleift domat politesch. Wann dat Iech wichteg ass, da kënne mer e gären draloossen, well mer d'Saach am Fong jo gutt fannen, an da kënne mer mam Kompromëss liewen, quitte dass mer et warscheinlech anescht gesinn, mee d'Kompromësser iwwerweien dann awer an da si mer averstanen. Merci.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Okay, villmools merci. Da géif ech proposéieren, zum Vott iwwerzegoen. Mir géifen zwee Votte virhuelen. Wien ass mam Acte averstane fir d'Acquisitioun vum Haus? Dat ass **unanime**. Da soen ech Iech villmools merci.

A wien ass da mam Devis vu 485.000 Euro averstane fir d'Renovatioun vum Haus? Dat ass och **unanime**. Da soen ech Iech villmools Merci. An och dem Cathy Mambourg an den Pierre Glesener Merci fir hir Presenz an Erklärungen.

### 4.4. Emprisen – Approbatioun vun Acte de venten

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat sinn eng Rei Emprisen. Ech huelen se alleguerten zesummen, déi Emprisen, déi mer hei hunn, et sinn der jo, wéi gesot, 9 Stéck.

#### *4.4.1. Staat vum Groussherzogtum Lëtzebuerg, Terrainsparzell an der Route de Zoufftgen*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Déi éischt Emprise ass zwëschent dem Staat an der Stad Diddeleng. Mir sinn op 5, Route de Zoufftgen. De Präis ass 392 Euro. Mir bezuele jo ëmmer 700 Euro den Ar. Hei sinn et 0,56 Ar an et ass d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique. Also esou e Stéck Trottoir.

#### *4.4.2. Bestuete Koppel Jean Jacques Marc Dany – Claudine Edith Maria Schummer a Jean Marie Kontz, Parzell an der Bierengerstrooss*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dann déi nächst Emprise ass op 194, Route de Burange. Dat ass zwëschent dem Här Daniel, der Madamm Schummer an dem Här Kontz an der Stad Diddeleng. Dat sinn 224 Euro 0,32 Ar. An dat ass och hei d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique.

#### *4.4.3. Här Jean Eugène Dennewald a Madame Jeanne Cito, Terrainsparzell an der Bierengerstrooss*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op 199, Route de Burange. Dat ass zwëschent der Madamm Cito an dem Här Dennewald. Dat sinn 308 Euro 0,44 Ar. An och dat ass d'Voirie publique, also d'Utilité publique. Da konnte mer dat och dann hei maachen.

#### *4.4.4. Här Pasquale Georges Seil, Parzell Rue Ste. Barbe*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op 94, rue Ste. Barbe Dat ass effektiv hei den Här Seil.

Dat ass de Präis vu 50 Euro zu 0,05 Ar. An dat ass och, wéi gesot, an d'Voirie publique, wou dat integréiert gëtt.

*4.4.5. Bestuete Koppel Daniel Cunha Jorge an Adriana Tinelli, Terrainspazell an der Rue Belair*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op 24, Rue Belair. Dat ass d'Madamm Tinelli an den Här Cunha. Dat sinn am Fong 56 Euro 0,08 Ar. Och dat d'Integratioun an d'Voirie publique.

*4.4.6. Madamm Marianne Kuffer a Madamm Simone Amélie Kuffer, Terrainsparzell an der Rue du Commerce*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dann op 63, Rue du Commerce. Dat ass d'Madamm Simone Kuffer an d'Madamm Marianne Kuffer. Dat si 84 Euro et sinn 0,13 Ar. Och d'Integratioun an d'Voirie publique.

*4.4.7. Bestuete Koppel Jean Paul Camille Gasperini a Gabrielle Suzanne Lazzarin, Terrainsparzell an der Rue du Nord*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer erëm zréck op Biereng. 77, Rue du Nord. Dat ass tëschent der Madamm Lazzarin an dem Här Gasperini. 168 Euro 0,24 Ar. Och do d'Voirie publique.

*4.4.8. Bestuete Koppel Serge Schmol a Marie France de Marchi, Terrainsparzell an der Rue Schiller*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dann op 43, Rue Schiller. Dat ass tëschent der Madamm de Marchi an dem Här Schmol. 525 Euro, wou mer bezuele fir 0,75 Ar. Och d'Integratioun an d'Voirie publique.

*4.4.9. Bestuete Koppel Jean Claude Muller a Marcelle Yolande Faber, Terrainsparzell an der Rue Lentz*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dann 13, Rue Lentz. Do ass dann hei den Akt tëschent der Madamm Faber an dem Här Muller. 112 Euro 0,17 Ar. Och dat ass an d'Voirie publique. Voilà. An da wär ech zum Schluss vun der Presentatioun vun deenen 9 Emprisen. Sou, wann Der mer elo alleguerten nach Detailfroe stellt. Jo, Dir reift Iech schonn d'Hänn Här Martini.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, ass de Gemengerot mat deenen Emprisen averstanen? Jo, en bloc. Villmools merci.

**4.5. Autorisatioun fir d'Vente aux enchères vun engem Camion-vidangeuse-hydrocureuse**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass d'Autorisatioun, déi mer vum Gemengerot froe fir eng Vente aux enchères ze maache vun eisem ale Camion vidange-hydrocureuse. Dat Gefier gëtt jo net méi gebraucht. Et ass jo esou, an da war de Gemengerot mat invitéiert, wéi mer d'Aweiung och hate virun e puer Wochen um Ginzebierg vun der ganzer Cuve, do hu mer bei där selwechter Geleeënheet jo och déi nei Vidangeuse-Hydrocureuse ageweit, déi gouf jo am Juli 2024 geliwwert. Dat ass jo e komplett neie Camion.

An deen heiten, wou mer gäre wëllen elo bei der Vente aux enchères lassginn, ass effektiv vun 2001. Dir konnt et och an der Deliberatioun liesen, en huet méi wéi 150.000 Kilometer, huet also méi wéi hiren Déngscht gemaach, fir déi 60 Kilometer Kanalisatioun, déi mer hei zu Diddeleng hunn. Ass och zimmlech vétuste, huet zimmlech vill misse gefléckt ginn, soudass mengen ech hei d'Iddi ass, déi ofzestoussen, wéi gesot, iwwert eng Vente aux enchères. Mer wëssen natierlech nach net, wat mer kréien.

Mee ech kann Iech just einfach d'Info ginn zu der Prozedur. Wann de Gemengerot dat doten hei elo stëmmt, da wäerte mer dann eng Annonce maachen an den Zeitungen, wéi mer dat mol an der Vergaangenheet gemaach hunn, awer och op eisem Internetsite an och op de soziale Medien. Da gëtt natierlech fir d'Interessenten en Datum fixéiert, wou se eng Visitt kënne maachen an da, mengen ech, kënne si hir Offer deementspriechend erareechen. Ech mengen et ass eng gängeg Prozedur, un déi mer eis hei och deementspriechend halen.

Voilà. Dat zu den Erklärungen, wat d'Vente aux enchères ugeet. Froen d'Remarken dozou? Dat ass net de Fall.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géif ech de Gemengerot froen, ob en heimat averstanen ass? Dat ass unanime. Da soen ech Iech och hei villmools Merci.

**4.6. Approbatioun vum Rôle supplétif fir d'Hondstax vum Exercice 2024**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): An da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass iwwert de Rôle supplémentaire iwwert d'Hondstax. Also, de Moment kann ech Iech als generell Info soen, dass mer am ganzen hei zu Diddeleng 1562 Frënn mat véier Been hunn. Dat heescht een Hond pro 14 Awunner. Dat ass schonn net schlecht. Dat ass mengen ech de Rôle vum Joer 2024. 2023 ware mer bei 1470 Hënn an 2022 bei 1447. Also et geet kontinuell an d'Luucht, wat dann och mengen ech gutt ass fir d'Gemengerecette, och wann een domadder elo net räich gëtt.

Wat awer mengen ech elo hei ass beim Rôle supplétif, do konnt Der erausliesen, dass do ee Montant negativ ass vun 3.220 Euro. Bon, an der Deliberatioun konnt Der erausliesen, do war e bëssen am Fong eng Erreur matérielle. Do si Rechnungen erausgaangen, déi och comptabiliséiert goufen, wou herno sech erausgeschielt huet, dass effektiv d'Hënn gestuerwe waren, respektiv d'Proprietären, wat dee selwechte Fall war.

Bon, ech mengen do war elo eng Inadequatioun tëschent deenen zwee Listingen, déi mer haten am Populatiounsbüro, respektiv an der Recette communale. Dat ass an Tëschenzäit

berengegt ginn. Dat ass am Fong dann e Rechefeeler. Wéi gesot, deen ass berengegt ginn an och redresséiert ginn.

Dat heite musse mer dann elo deementspriechend dann och redresséieren, comptabelméisseg, fir dass mer dann en Règle sinn. Mee et huet elo keen en direkte Schued dovunner. Voilà. Dat ass éischter eng Erreur matérielle a comptable.

Dat zu den Erklärungen, firwat dann éischtmolesch dann deen negative Montant hei ass. Voilà!

CLAUDE MARTINI (CSV): Här Buergermeeschter, ech hu just eng Fro. Also mir hunn eng Fro. Mir hunn dat e bëssen nogekuckt. An effektiv, et ass europawäit d'selwecht. All Stied hunn eng Hondssteier oder bal all Stad huet eng Hondssteier. Firwat ginn eigentlech just d'Hënn besteiert? Wat ass do de Grond dofir? Firwat ass dat esou? Firwat hu mer keng Kazesteier, zum Beispill? Dat ass just eng Fro, déi mer eis gestallt hunn a wou mer keng Äntwert drop haten. Du hu mer gesot, mir froen dat emol. Dir wësst dat vläicht?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Also sou vill ech weess, huet dat, ass dat jo agefouert ginn, ech weess net méi wéi e Joer dass dat war. D'Hondsgesetz gouf jo agefouert, ech misst nach eng Kéier nokucken. Wéi gesot, ech weess net méi genau wéini dass dat war. An do mengen ech war och dra fixéiert ginn, dass d'Gemenge missten eng Tax stëmmen, an déi variéiert jo och vu Gemeng zu Gemeng. Do gouf et jo och scho mol an der rezenter Vergaangenheet Question parlementairen, wou en erausgeléise ka wéi vill d'Gemenge froen, pro Hond. An dat war sou vill ech weess, deemools, mee dat kann ech nach eng Kéier nopréiwen, mengen ech agefouert ginn, fir dee ganzen administrativen Opwand, deen och d'Gemengen deementspriechend hunn. Well jiddereen, deen en Hond huet, muss jo op d'Gemeng kommen, dee muss en enregistréieren, dat muss jo och kontrolléiert ginn, dat e bësse Contributioun dovunner.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà. Ass de Gemengerot averstanen, dass mer déi Erreur matérielle hei redresséieren ? Dat ass unanime. Da soen ech Iech villmools Merci.

### 4.7. Haus op 43, Rue Ribeschpont

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mir op den nächste Punkt. Do gi mer op de Quartier Ribeschpont, d'Haus 43, Rue Ribeschpont. An do géif ech hei dem Josiane Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn.

*4.7.1. Resiliatioun vum Contrat de bail mat der Association Sourrire a.s.b.l.*

*4.7.2. Approbatioun vun der Convention des mise à disposition vum Haus mat der Association Inter-Actions a.s.b.l.*

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, merci villmools. Mir hunn de Punkt 4.7.1., ech géif kuerz just op de Kontrakt agoen, well do geet et reng ëm d'Opléisung vum Kontrakt. An an engem zweete Punkt géif ech dann eng Kéier op deen anere Projet agoen.

Dir wësst alleguerten, dass mer 2023 dee Contrat de bail gemaach hunn, mat der Sourrire a.s.b.l.. Do dertëschent ass vill geschitt. Ech hu vill Froe beäntwert, ganz vill huet de Projet sech och verännert. Ech muss awer soen, dass eigentlech vun Ufank un, an dat hu mer ëmmer gesot, wann si kee Konventionnement kréien, dann ass et och kloer, datt si net weider am Haus kënne bleiwen.

Ech mengen dat ass net nëmmen eng Saach, fir eis war dat immens wichteg. Ech menge fir si war et och wichteg. Et kann een net nëmmen am Benevolat oder mat TUCe fonctionéieren a kee Konventionnement hunn.

Ech mengen dat hunn ech och ëmmer erëm widderholl. Elo ass et esou, dass mer zwee Joer derno sinn. De Kontrakt geet bis den 30. Abrëll dëst Joer. Dat war ganz kloer an dat war et vun Ufank un.

D'Aarbechten, déi dra gemaach gi sinn, dat ass natierlech eng Plus-value fir eis, déi eis zegutt kënnt. Elo ass et esou, datt Sourrire a.s.b.l. dee Kontrakt gekënnegt huet a mir decidéiert hunn, dat och an engem commun accord esou unzehuelen.

Bon, wéi gesot, eigentlech muss ech ganz éierlech soen, an ouni elo op de Projet anzegoen, ass et ganz schued déi Entwécklung vun deem Ganzen. Mee ech mengen ech wäert d'Erklärungen herno beim Punkt 4.7.2. dann e bësse méi detailléiert ugoen. An hei ass et elo einfach just d'Opléisung vum Kontrakt. Merci.

Da fueren ech weider, da géif ech awer d'Madamm Wirtz vun Inter-Actions, déi kann sech vläicht do uewen ee Moment Plaz huelen, ech géif da weiderfuere mat deem Punkt. Dann hu mer déi zwee zesummen. Et ass esou, dass an deem Haus, an dat hunn ech jo des Éftere schonn erkläert, ganz vill Aktivitéite stattfannen an ëmmer erëm Leit, bis zu 150 Leit dohinner kommen, déi aus engem defavoriséierte Milieu kommen an déi och keng Suen oder sech et net kënne leeschte fir therapeutesch Begleedung ze kréien.

Et gi Sproochegruppe fir Frae mat Traumaen, Rotschléi, Ënnerstëtzung an och de Vestiaire solidaire. Och dat ass eppes, wat gutt fonctionéiert.

Dozou wëll ech soen, datt mer ganz vill Done mëttlerweil vun Diddelenger Leit kréien. Et gëtt och emol e Mëttegiessen ugebueden a si kréien iwwerhaapt am Alldag do gehollef. Bon, Dir wësst, datt mer aacht TUC am Haus hunn. Mir hu 15 Benevoller, déi sech do engagéieren. An, wéi gesot, mir waren ëmmer iwwerzeegt, datt dat e Projet ass, deen eng Plus-value huet fir Diddeleng, also iwwerhaapt fir déi Leit, datt dat deene ganz vill hëlleft am Alldag.

Bon, Sourrire a.s.b .l. natierlech, wéi gesot, si kënnen net am Benevolat weiderfueren. A vu que datt mir eigentlech ëmmer a Kontakt waren, och wa mer mat Ministèrë Kontakt waren, hate mer dann och Kontakt mat Inter-Actions. Ech mengen, si hu sech dee Projet ugekuckt, si hu se begleet. A vläicht kéint d'Madamm Wirtz eis elo e puer Wuert soen

iwwert de Projet, wéi en esou elo duersteet. An da géif ech duerno weiderfueren. Merci.

JILL WIRTZ (INTER-ACTIONS): Moien, villmools merci. Mir hunn eis effektiv de Projet Enn des Joers ugekuckt gehat. A mat de Kolleeginne vum Service Ensemble si mer séier op d'Conclusioun komm, dass déi Aktivitéiten, wéi se haut do proposéiert ginn, immens complementaire sinn zu der Offer, déi mer mam Projet Ensemble hunn.

Mir hu Groupe de Parollen, mir hunn eng Zort Café des Langues, mir hunn Sproochecoursen, awer et gëtt virun allem en immens flotte Vestiaire, wou d'Leit sech kënne fir näischt akleede kommen, wa se zum Beispill op en Entretien ginn oder wou se mëttes och eppes z'iesse kréien. Déi Offer ass immens complementair par rapport zu där Offer, déi mer mam Projet Ensemble entwéckelt hunn. A mir hunn et interessant fonnt, an deem Kader un eng Kollaboratioun ze denken.

Voilà. Ech weess net, ob zousätzlech Informatiounen nach gewënscht sinn?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, villmools merci. Vläicht kann ech do drun hänken, ech mengen, datt dat complementaire ass, an datt dee Projet gutt ass an datt e soll weiderlafen, dat war ëmmer fir eis evident. Mir hunn och hei eng Konventioun virleien, wou mer fir d'Haus am Ribeschpont eng Mise à disposition géife maachen. Inter-Actions géif de ganze Projet superviséieren. A si géife sech och ëm déi TUCe këmmeren, déi dann och ganz anescht encadréiert ginn. De Moment am Benevolat ass dat e bësse méi schwiereg. Ech mengen, alles dat si Saachen, déi immens wichteg si fir eis.

Ech wëll awer do weiderfueren. De Projet tel quel, wéi en elo géif do ëmgesat ginn, deen ass och schonn um Ministère de la Santé bei der Ministesch presentéiert ginn. Och hei erëm eng Kéier wéi d'leschte Kéier, mir hu gefrot fir eng Konventioun fir 2026 ze kréien. Oder Inter-Actions huet da gefrot, fir do déi Konventioun ze kréien. Mir mussen do natierlech op eng Äntwert waarden, wéi d'leschte Kéier och. Et ass net esou, datt een do direkt eng Äntwert kritt.

Wat vläicht awer ass, dat ass déi Mesure transitoire, déi mer maache bis 2026. Do géife si dat superviséieren. An et kéint een et esou an deem Genre, wéi et elo ass, déi Groupe de Parollen, an et kéint een dat einfach weiderloossen. Et ass en extreem wichtege Projet, wëll ech einfach eng Kéier soen. Hei kréien d'Leit wierklech gehollef, sur place. Mir deet et leet, datt et elo schonn esou laang schleeft an datt mer nach ëmmer keng Konventioun hunn. Mir hoffen dann elo, datt dat eng Konventioun gëtt. A bis dohinner hätte mer dann eeben déi Mesure transitoire. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. De 24. Mäerz 2023 krut de Gemengerot e Contrat de bail commercial mat der Associatioun Sourrire a.s.b.l. virgeluecht, fir am Haus 43, Rue Ribeschpont, dat fréiert Portiershaus, fir aus deem Haus e JuMa-House ze maachen, eng Maison de thérapie psychologique.

11 Jo-Stëmmen, LSAP an onofhängege Member hunn dee Contrat de bail accordéiert. Et gouf 2 Enthalunge vun deene Gréngen, 6 Neen-Stëmme vun der CSV a vun deene Lénken.

Firwat huet d'CSV dëse Kontrakt net matgedroen? Éischtens well mer net frou waren, dass op Ufro vun enger ASBL de Buergermeeschter e Changement de destination vun engem Wunnhaus duerchgefouert huet. Aus engem Wunnhaus, wat gutt als soziaalt Logement fir eng grouss Famill gëeegent war, gouf en d'Therapiehaus.

Den Här Zuang huet virun e puer Minutten nach emol ausgefouert, dass et u Wunnhaiser fir Famillje mat Kanner a fir eis sozial Logementer a Servicer feelt. Dofir war mir net averstan, en Haus aus dem Besëtz vun der Gemeng, deem eng aner Ausriichtung ze ginn. .

D'Iddi vum Therapiehaus war scho sympathesch. Psychologesch Begleedung, eventuell Consultatioune vun Hiewannen, Raimlechkeete fir Orthophonisten, Psychomotricienen an engem Gebai ze zentraliséieren, dat wär flott gewiescht.

Mee et huet geheescht, d'ASBL géif probéieren, eng Konventioun mat verschiddene Ministèren ze kréien. D'CSV huet monéiert, dass, wann een als seriö ASBL e gudde Projet beim Familljeministère, beim Gesondheetsministère oder all anere Ministèren eragëtt, d'Ministèrë gären eng Konventioun oder en Agrement ofschléissen.

Dat ass enger ASBL eng finanziell Ofsécherung, d'Salairen an d'Loyere ginn iwwerholl, an d'ASBL kann um fräie Marché eng Wunneng, en Haus lounen.

Mir an och aner Oppositiounsparteie konnten absolutt net verstoen, firwat d'Gemeng huet missen hei en Haus zur Verfügung stellen, de Rôle vun der Gemeng an dësem Deal war net kloer.

E Joer drop, oder e bësse méi spéit, den 8. Juni 2024, e Joer nodeem de Contrat de bail ënnerschriwwe gouf, huet d'CSV nogefrot, ob dann endlech eng Konventioun mat engem Ministère ofgeschloss gouf. Dann hätt d'Therapiehaus jo kënnen en anert Lokal sichen, de Loyer wär iwwerholl ginn an d'Haus wier nees fräi gi fir eng aner Destinatioun, zum Beispill nees als Wunnhaus fir eng Famill vun eiser Waardelëscht fir eng sozial Wunneng.

Neen, eng Konventioun gouf et nach ëmmer net. An, en passant, goufe mer du gewuer, dass de Projet eng komplett aner Nues kritt huet. Aus dem Therapiehaus gouf en offent Haus fir Kulturen. Et gouf gesot, dass elo nees géif probéiert ginn, fir eng Konventioun ze kréien. Dës Kéier och iwwert de Familljeministère am Kader vum Programm Asyle, Migration et Intégration iwwert den ONIS, den Office National d'Inclusion Sociale, goufen och aacht Persounen agestallt, ënnert dem Statut TUC – Travail d’utilité collective. Et sollt e Projet mat verschiddenen Offices Sociauxë lancéiert ginn, fir Integratiounsatelieren op Basis vu Lëtzebuergesch- a Franséisch-Sproochecoursen, fir Demandeurs de protection internationale, DPIen unzebidden. Et sollt souguer e Projet, dee vun der Europäescher Kommissioun matfinanzéiert sollt ginn, op Bee gestallt ginn. Dee sollt sech iwwer 4 Joer bis

2029 erstrecken. Deen hätt et erlaabt, de Loyer ze droen an zousätzlech zwou Aarbechtsplazen ze finanzéieren. Sou wor wierklech d'Äntwert vum Schäfferot op eis Froe vum Juni 2024.

Et hätt sollen, et gouf gehofft, mee et gouf awer dann näischt realiséiert oder ass et awer zu dësem europäesch ënnerstëtzte Projet komm? Anscheinend jo net.

Am absolut legale Vide, ouni Konventioun, ouni Agrement goufen, sécher gutt gemengten, Aktivitéiten am Haus Ribeschpont ugebueden. Et huet geheescht, 20 Ateliere vu Sproochecoursen, Sportaktivitéiten, Informatikcoursen, Kichenateliere wären ugebuede ginn, fir Persounen, déi Problemer hunn, fir a klassesche Coursen deelzehuelen, well se déi psychologesch oder logistesch Méiglechkeeten dofir net hunn.

150 Leit pro Woch, huet et geheescht, géife pro Woch an där Maison Sourrire, wéi d'JuMa-House elo genannt gouf, empfaange ginn.

Familljen och mat Kanner kriten e Moieskaffi, e Mëttesiessen, eng Kollatioun offréiert, wou och d'Banque alimentaire anscheinend Wuere géif spendéieren. Méiglechkeete fir ze dusche goufen ugebueden, e Coiffer huet d'Clienten d'Hoer geschnidden. 15 Benevoller, huet et geheescht, géife sech ëm d'Kanner këmmeren.

Dat huet alles wonnerbar geklong, mee ouni Konventioun, ouni legale Kader, hu mir als CSV fonnt, dass hei e puer Saache schifgelaf sinn. Mir haten de Schäfferot an enger Motioun opgefuerdert de Contrat de bail initial ze kënnegen.

Éischtens, well déi initial Ausriichtung vun der Aktivitéit, déi am Contrat de bail deemols stoung, komplett changéiert gouf. Aus enger Maison de thérapie psychologique, geleet vun zwou Psychologinnen, gouf e Lieu de rencontre interculturel, wat absolutt net esou am Contrat de bail festgehale gouf.

Zweetens, am Haus hu 150 Leit pro Woch zirkuléiert, an eisen Aen ass dat Haus awer absolutt net adaptéiert a conforme fir esou vill Leit bei deenen Aktivitéiten ze hebergéieren. An op eis Froe krute mer souwuel 2024 wéi 2025 gesot, de 16. Mäerz 2023 huet et geheescht, de CGDIS hätt d'Autorisatioun gi fir d'Wunnhaus an en Therapiehaus ëmzewidmen. Jo, am Mäerz 2023 - an en Therapiehaus - awer net an en Haus, wou 150 Leit d'Woch zirkuléieren, wou d'Leit kënnen duschen a kachen, ouni adaptéiert Kichen, ouni adaptéierte Sanitaire, ouni PMR-Zougang.

Wéi ass et hei mat der Responsabilitéit vun der Gemeng? Dat war eis eng Suerg. Och wann, laut Schäfferot, net méi wéi 35 Leit zur selwechter Zäit am Haus sinn. Wéi ass et mat den Noutausgäng?

Mir kruten dorop hinnen virgehäit, d'CSV wär géint e Lieu de rencontre interculturel, wou 150 Leit, déi an Nout sinn, gehollef kréien, wou psychologesch Hëllef ugebuede gëtt. D'CSV krut virgeworf, mir wäre géint e soziale Projet. D'CSV huet souguer virgeworf kritt, mir wäre géint de Benevolat.

Neen, wann dat alles richteg gutt ofgelaf wär, wann offe kommunizéiert gi wär an aller Transparenz no sechs Méint gesot gi wär: Hei, mir änneren d'Ausriichtung vun der Aktivitéit. Dann hätt ee kënnen offe weider diskutéiere wou a wéi mer kënnen de Lieu de rencontre interculturel begleeden. Wann alles richteg ofgelaf wär, wann d'ASBL hir Konventioun mat dem Ministère oder der Europäescher Kommissioun kritt hätt, dann hätten och mir kee Problem gehat, de Projet weiderhin ze ënnerstëtzen.

Schrëftlech krut ech gesot, dass schonn 2022 d'ASBL Kontakt mat verschidde Ministèrë geholl hätt, fir eng Konventioun op d'Been ze kréien. Elo heescht et 2025 hätte se eng an Aussiicht gestallt ginn, dat schéngt jo net geschitt ze sinn.

Déi verantwortlech Schäffin war a permanente Reunioune mat der Associatioun an och bei all Mail-Austausch mat de Ministèren a Kopie gesat ginn. Ma firwat hutt Der dann net éischter agesinn, dass dat hei schifleeft?

Mir gi gewuer, op eis Äntwert vun der CSV op eng Fro vum Mäerz 2025, dass d'ASBL am Benevolat schafft. Kee vun den Intervenante kritt eng Remunération finanzieller Natur. Do stellt sech natierlech d'Fro, wou kritt d'ASBL dann hir Suen hir, fir d'Elektresch, d'Taxe communalen, d'Waasser- Postfraisen an esou weider ze bezuelen?

Well mir ginn an der Äntwert vum Schäfferot op eis Froe vum Mäerz 2025 och gewuer, dass et der Associatioun net gegléckt ass, eng finanziell Ënnerstëtzung vun engem ministeriellen Departement iwwer eng Konventioun ze kréien, an ech zitéieren: „Wat et onméiglech mécht de Loyer ze begläichen."

Dat heescht, mir krute guer kee Loyer. Dëst hätt Der vläicht awer eis och kënne matdeelen. Dass Der hei duerch d'Fanger gekuckt hutt. Sécher, well et en nobele Projet ass. Mee och dat ass esou net am initiale Contrat de bail festgehalen. Och wann am Contrat de bail vum Mäerz 2023 de Loyer eréischt ab 1. Januar 2024 gefrot gouf, dat ware 1500 Euro pro Mount. Schonn ab 1. Januar 2023 hat awer d'Associatioun d'Jouissance vum Gebai a si sollten och Renovatiounsaarbechte maachen an enger Valeur vu 36.000 Euro op hir Fraisen. Do war och zum Beispill explizit en Accès PMR virgesinn, deen awer ni gemaach gouf.

Mee wéi ee Message gi mir dann als Gemeng eise Locatairë vun eise Sozialwunnengen? Et ass dann egal ob s de de Loyer bezils oder net, et ass jo awer en nobele soziale Projet, dass du an deng Famill an eise Gemengegebaier logéiert bass. D'selwecht, wéi e Message gi mir eise Sous-Locatairë vun de Pop-up-Storen?

Wéi gesot, villes ass schif gelaf. Am Juli 2024 huet de Romain Zuang nach gesot, den Office Social géif ee Projet mat Sourrire ausschaffen, fir ënner anerem och d'TUCen, Travailleurs d'utilité publique, dofir besser ze encadréieren. Ass dat geschitt?

An eisen Ae gouf vum Schäfferot iwwer zwee Joer krampfhaft probéiert, eng Regularisatioun vun engem Projet a posteriori im Nachhinein duerchzeboxen. E Projet, dee sécher

eng löblech Intentioun huet, wou et awer eng katastrophal Gestioun gouf.

Den initiale Projet Therapiehaus gouf ni realiséiert. Den zweete Projet gouf ënner onklore Verhältnisser ugefaang, ouni Konventioun, ouni nach emol eng Récksprooch mam CGDIS ze hunn, ob d'Gebai fir déi nei Ausriichtung adaptéiert wär.

Mir kënnen net soen, wéi valabel dem Projet seng Aarbecht um Terrain war, mir krute kee Compte-rendu, just d'Temoignagë vum Schäfferot, dass alles wonnerbar leeft. Den Här Buergermeeschter huet gesot, Zitat: „Mir wäerten de Moment venu e Bilan mat der ASBL zéien."

Et wär ubruecht, dass mir och e Bilan gewise kréien, dass mir e Compte-rendu ze gesi kréien, wat an deene leschte Jore gelaf ass oder och souguer e Rapport d'activités vun deenen zwee Joer.

Esou e Rapport muss et jo sinn, well dee muss ee jo och bei eng Demande fir en Agrement oder eng Konventioun bäileeën, respektiv och Inter-Actions muss jo wuel e Rapport kritt hunn. Si musse jo wëssen, op wat si sech aloossen, wa si asprange fir d'Aktivitéiten ze iwwerhuelen.

De Schäfferot huet iergendwann an de leschte Méint awer agesinn, dass mer esou dach deen nobele Projet net kënne weider matdroen. Ech sinn elo erstaunt och gewuer ze ginn, dass schonn am Enn des Joers d'Madamm Wirtz elo grad gesot huet, dass scho mat der Inter-Actions Kontakt opgeholl gouf, fir dann ze kucke wéi et weidergeet.

Op eis Nofroen huet et ëmmer geheescht, et ass alles wonnerbar, et ass alles wonnerbar an et leeft op jidde Fall emol alles weider, bis de Contrat de bail fäerdeg leeft. Bon, bref.

An ech huele jo och un, dass d'Gemeng jo och den Intermediaire war tëscht Sourrire an Inter-Actions asbl.

Also, elo lancéiere mer nom éischte Punkt JuMa-House, zweete Punkt Maison Sourrire, elo deen drëtte Projet an deem Haus, elo ënnert dem Numm Service thérapeutique destiné aux personnes socialement défavorisées. Inter-Actions asbl ass bereet wärend enger Iwwergangszäit iwwert de Service Ensemble d'Fonctionnementer an d'Weiderféiere vu verschiddenen Aktivitéite vu Sourrire asbl ze superviséieren, ze encadréieren, dëst fir d'Dauerhaftegkeet vun de Mesuren ze garantéieren. Elo hu mer endlech en Acteur, mat deem mir hei zu Diddeleng gutt zesummeschaffen, dee seng different Aktivitéite mat Kompetenz a Bravour erfëllt, deen op e laangen Knowhow kann zréckgräifen an och gutt Mataarbechter huet an dee konventionéiert ass.

Inter-Actions pérennise les activités qui sont intégrées au sein d'Inter-Actions. L'asbl permettra de professionnaliser ces services, d'améliorer leur visibilité et de bénéficier de l'expertise d'Inter-Actions pour structurer - dat ass sécher néideg - et renforcer l'offre existante.

Zu der Propositioun vum Projet vun Inter-Actions sinn e puer Froen. Wien huet dann elo am Ministère d'Demande fir en Agrement respektiv eng Konventioun ausgeschafft? Inter-Actions oder awer nach d'ASBL Sourrire? Wie kritt dann den Agrement, wann deen da soll geschwat ginn? A mir stellen eis och d'Fro, ob iwwerhaapt de Ministère de la Santé zoustänneg ass. Ass et dann net éischter un der Famille, well am Titel steet elo nees « Services thérapeutiques destinés aux personnes socialement défavorisées ». Do ass och d'Fro, huet Inter-Actions dann och Psychotherapeuten, déi dee Service thérapeutique kënnen iwwerhuelen? Oder ass et éischter, wann een elo d'Aktivitéite kuckt, Sproochecoursen, Café des langues, Gespréichsgruppen, ass do net en anere Ministère zoustänneg, fir eng Konventioun ze maachen? Respektiv fält dat ënnert de Kader vun Ären existenzielle Konventioune mat de Ministèren?

Inter-Actions huet jo och d'Aufgab vum Projet Ensemble. Dir hutt et grad gesot, Café des langues, d'Interventiounen an de Quartieren Italien a Schmelz. Dohier iwwerhëlt d'Gemeng jo och en Deel vun de Salairë vun de Mataarbechter, déi hei zu Diddeleng aktiv ginn. D'Fro ass elo, muss neit Personal agestallt ginn? Respektiv kommen zousätzlech Personalfraisen op d'Gemeng duer?

D'Fro ass och bei den Aktivitéiten, wat heescht dann elo eng Solution transitoire? Iwwerhëlt duerno nees Sourrire, ënner wéi enger Form och ëmmer, d'Aktivitéiten? Dann, vun den Aktivitéite vun der ASBL Sourrire, sinn elo verschidde Saachen ënnert den Dësch fale gelooss ginn, vun der Méiglechkeet fir ze duschen, vun de Frühstücksbuffete steet elo hei näischt weider dran.

Ass et dann net awer och vläicht esou, dass d'Sanitäranlagen an och d'Kichen net déi néideg Ufuerderunge stelle fir, wann een eng Konventioun mam Ministère huet, gëtt dat jo och kontrolléiert, fir eeben esou Aktivitéiten unzebidden?

Ganz erstaunt ware mer dann awer och bei deem Terminologie vun der Transitioun ze gesinn, dass eng nei Iddi vun enger Crèche an der Proposition de projet steet. Jo, wat dann elo? Wat geschitt dann duerno mat de Projete vum Projet Sourrire? Wou ginn déi Coursen dann ofgehalen? Integréiere mer dat da komplett an d'Aktivitéite vun dem Projet Ensemble? Maache mer deen op deene Plazen, wou och de Projet Ensemble seng Sproochecoursen ubitt an esou weider? Et sinn nach vill Froen op.

Mir hunn elo hei op jidde Fall mol e seriöen Intervenant fonnt, deen déi sozioedukativ Aktivitéiten iwwerhëlt an d'Begleedung vun de Clienten, Leit a sozial prekäre Situatioune weiderféiert.

Wat awer och nach eng Fro fir eis war, d'Demandeurs de protection internationale stinn elo net méi hei explizitt. dran. Mir stellen och d'Haus 43, Ribeschpont gratis zur Verfügung. Bon, vu dass d'Sourrire och näischt bezuelt huet, ass dat jo och nach net esou schlëmm. An no engem Joer sollt jo och dann nach eng Kéier evaluéiert ginn an och vläicht e Loyer festgehale ginn. Bon, dat ass à voir.

Eng wichteg Fro ass awer och d'Adaptatioun vum Haus fir all déi Aktivitéiten. Hei steet och nach eng Kéier, dass eng Wäschkiche sollt nach weider bestoen oder opgeriicht ginn.

Och de Projet vum Vestiär steet dran. Eis Fro ass nach eng Kéier: Wéi ass et mat der Responsabilitéit vun der Gemeng? Gëtt de CGDIS nach eng Kéier lancéiert, fir nach eng Kéier ze kucke wéi eng Transformatiounen, ech denke virun allem mol e PMR-Accès muss gemaach ginn, mer musse maachen? Ass et nach absolut alles an der Rei? Och wat d'Toiletten ubelaangt, wat d'Kichen ubelaangt? Dann och wa mer herno eng Crèche drasetzen, da musse jo och Adaptatioune gemaach ginn. Ass elo schonn ugeduecht an déi Richtung ze goen? Oder waarde mer mol dat eent Joer of?

Dann natierlech och d'Fro vun den TUCen. Iwwerhuele mer déi? Wéi ass et mat deene ville Benevollen? 15 un der Zuel huet et geheescht. Ënner wéi enger Form iwwerhuele mer déi? Well ech weess, dass de Projet Ensemble zwar deelweis och op Benevollen, Awunner vun Diddeleng zréckgräift, ouni Remuneratioun. Och am Café des Langues si Benevollen dran. Gesitt Dir do eng Méiglechkeet, fir déi Benevollen an dës Aktivitéit oder an eng aner vun Ären Aktivitéite mat riwwerzehuelen?

Mir maachen eng nei Konventioun, well et eng nei Aktivitéit ass, dat ass jo logesch. Buanderie, Vestiaire social steet do, an dann awer och e Saz : « renforcer la collaboration avec les ARIS », dat sinn d'Agents régionaux d'inclusion sociale de la Ville de Dudelange. Wéi stelle mer eis dat vir? Dat ass e bëssen esou en abstrakte Begrëff, vläicht kënne mer dozou nach Detailer kréien.

Ganz interessant ass, dass hei och kee Bail commercial gemaach gëtt, mee eng Konventioun. An dat hätt ee jo och kënnen zum Beispill mat Sourrire maachen. Mee neen, do si mer op de Wee gaang vun engem Bail commercial an dofir huet dat Haus och missen ëmgewidmet ginn, wat, wéi gesot, mir iwwerhaapt net witzeg fonnt hunn. Voilà.

D'CSV ass zefridden, dass endlech e seriöen Intervenant déi löblech sozial Aufgab, déi Sourrire lancéiert huet, iwwerhëlt. Mir kucken do, wou mer d'nächst Joer stinn. Mir géifen eis och freeën, e Rapport iwwert d'Aktivitéiten am Haus vun Inter-Actions d'nächst Joer ze kréien. A mir hoffen, dass elo Rou an den Dossier Ribeschpont 43 kënnt.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Ech ginn elo e bësse manner op den Historique vun där doter Saach an, warscheinlech well ech och bei deem alleréischten Datum, wou d'Madamm Kayser genannt huet, nach net hei souz. An ech géif mech drop beschränken, am Fong op dee gudde konventionéierten Acteur vun Inter-Actions, och éischter elo ze kucken, wéi dee Projet da wäert ausgeriicht sinn.

Wou mer dann och fannen, dass dat awer eng relativ wichteg an eng richteg Aarbecht ass um soziale Plang. Awer och wann ee kuckt, wat dat fir e Succès huet. Ech menge mir haten elo a verschiddenen Äntwerte scho gesinn, wéi vill Leit do frequentéieren an a wat do alles ugebuede gëtt, nieft de Sproochecoursen, Dusch, Iessen, Vestiaire a sou weider. Mir sinn eigentlech do e bësse frou, dass dat ka weider assuréiert ginn, quitte dass dat net den initialen Dénge war, vu virun zwee Joer. Dat, wat elo do stattfënnt, dat ass an eisen Aen awer eppes wat immens wichteg ass.

Zu der Plaz, wou et stattfënnt. Ech mengen d'Madamm Kayser huet et grad ugeschwat, jo natierlech, dat ass en Haus no bei enger Schoul. Op där anerer Säit muss een dann awer och d'Argument iergendwou a Betruecht zéien, dass sozial Aarbecht net just un de Stadmauere ka stattfannen, mee och a Wunnquartiere soll stattfannen, dass och dat eng Realitéit ass vun Diddeleng, vun enger sozialer Mixitéit, déi einfach och zum Stadbild gehéiert a wou manner Stigma domat anhiergeet, wann dat och an engem Quartier ass wéi Ribeschpont.

Dat heescht, dat kann ee vläicht och op déi aner Säit leeën, well ee seet, jo, quitte, mir bräichten einfach nach en Haus do, wou een och kéint Leit dra wunne loossen, dat genau niewendru géif stoen, fir jidderee glécklech ze maachen.

Ganz kuerz, well et jo hei och ëm d'Opléisung geet vum Kontrakt mat der Sourrire ASBL dann awer. Bon, den Historique ass fir mech och nach ëmmer net ganz kloer, well et do awer esou ganz vill Äntwerte waren, déi, jo, schwéier novollzéibar sinn, wann een net vun Ufank u mat u Bord hei war.

Eng Fro, déi mer awer bleift, dat ass ob et déi ASBL duerno nach gëtt? Well ech hunn op hirem Internetsite gekuckt a si ginn dat doten Haus explizit och als hire Sëtz vun der ASBL un. Dat heescht, dat wier esou déi eng Fro.

Zum Kontrakt hier, jo, do weess ech elo net, dat mam Loyer war mir zum Beispill net bewosst. Dat eenzegt, wat mir opgefall ass, dat ass dat mam Preavis, dass deen zum Beispill net onbedéngt respektéiert gëtt. Ech mengen do hutt Der schonn deelweis drop geäntwert, dass Der gesot hutt, Dir sidd Iech am commun accord eens ginn. Hunn ech mer dunn och esou erkläert, dass dat eng sozial Moossnam ass, wou een dann net onbedéngt op dee leschte Loyer muss nolafen, wa scho Leit wëlle Guddes bewierke sollt een dat och honoréieren.

Dann nach dräi Froen, déi mer bleiwen. Dat wier u sech, wisou ass et keen Agrement respektiv Konventioun ginn? U wat ass dat gescheitert? Well de Projet schéngt mer à la base, sou wéi ech et matkritt hunn, sou wéi mer en erkläert kritt hunn, schéngt e mer gutt ze sinn. An eigentlech wëll de Ministère jo och Guddes maachen um soziale Plang. An do ass einfach meng Fro, wann dat eent gutt ass an dat anert, firwat kënnt dat net beieneen? Vläicht kéint Der do eng Kéier kuerz drop agoen, dass een et besser novollzéie kann.

Dann ass mir och opgefall, dass wann et näischt géing ginn an där Transitiounszäit, da géing eng Crèche en place gesat ginn. An do ass eeben d'Fro, jo, bei der Diddel-Famill hu mer et jo schonn esou, dass dat duerch Inter-Actions geleescht gëtt, dee Service. Wisou gëtt dann net einfach eng Gemengecrèche draus gemaach, respektiv firwat géing een dann op Inter-Actions zréckgräifen? Dat wier déi aner Fro.

An da wier et dat scho gewiescht mat menge Froen, déi ech mer opgeschriwwen hunn. Ech soe Merci scho fir d'Äntwerten.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Also et ass jo effektiv esou, dass mer elo hei zwee Punkten zesummen hunn. Zu

engen, d'Resiliatioun mat enger ASBL, an dann eng nei Konventioun mat enger anerer ASBL. Ech mengen awer schonn, dass et Sënn mécht, och béides zesummenzedenken, well et zesummenhänkt a well et och fir eis net ganz kloer war alles, wéi dat zesummeleeft.

Also den urspréngleche Objektiv vun deenen zwou ASBLen dann och, ass jo sech ëm Persounen aus defavoriséierte Milieuen ze këmmeren. Eppes, wat mir och wierklech ënnerstëtzen a wat immens wichteg ass a wat begréissenswäert ass.

Mee mir hunn eis och d'Fro gestallt, wéi och den Här Steffen, firwat et da keng Konventioun gouf? An dat jo trotz enger Interventioun awer vu Säite vum Schäfferot och beim Ministère, esou wéi mer dat gelies hunn. Mir hunn eis och gefrot, ob dat dorunner loung, dass alles e bësse vaste an e bëssen onkloer formuléiert war, et war ni esou richteg kloer, wat iwwerhaapt d'Aufgabe wieren.

Soit, elo hu mer dann en neie Partner mat Inter-Actions, mat deem jo effektiv och d'Gemeng ganz gutt zesumme schafft. An do hu mer et e bësse schued fonnt, dass am Bréif stoung jo, dass et elo dee Projet de Service thérapeutique géing ginn, dee jo och beim Ministère de la Santé virläit, deen an der Annex 1 war.

Mee mir haten d'Annex 1 net, well et wär elo mol interessant gewiescht eng Kéier och fir eis ze wëssen: Wat ass dann elo dee Projet? Wat läit dann elo um Dësch a wou gëtt da lo eng Konventioun ugefrot? Fir dass mer vläicht als Gemengerot e bësse méi kloer wëssen, wat elo de Plang ass. Dowéinst wollt ech froen, ob mer dat net vläicht kéinten nogereecht kréien? Elo an der Phase transitoire solle jo dann d'Sproochecoursen, d'Informatikcoursen, d'Vestiairen an esou weidergefouert ginn. Och dat ass gutt a wichteg.

Mee mir haten awer e bëssen esou d'Gefill, wou mer de Bréif duerchgelies hunn, dass dee schonn e bëssen esou formuléiert ass, wéi wann een éischter géing dovun ausgoen, keng Konventioun ze kréien, wéi wann ee géing eng Konventioun kréien. Dat huet eis dann och erëm e bëssen awer stutzeg gemaach.

An da gëtt effektiv vun enger Crèche geschwat, wou mer och waren, okay, da steet e ganz neie Projet am Raum, wou mer natierlech och éischter dann an der Linn wären, fir wann eng Crèche, firwat net direkt eng Gemengecrèche? Mee mir waren och e bëssen iwwerrascht, dass lo da scho vun engem ganz anere Projet geschwat gëtt.

Soit, also mir sinn als Lénk fir e soziale Projet a mir géifen dat heiten och ganz gären ënnerstëtzen. Mee mir wéilten awer am Virfeld nach eng Kéier wëssen, wat ass dann elo de Plang?

Also elo gëtt eng Konventioun ugefrot, wann et déi gëtt, da kann den de Bail jo verlängert ginn. Wat ass, wann et keng Konventioun gëtt? A vläicht net nëmme wat ass de Plang vun Inter-Actions, mee virun allem och wat ass de Plang vum Schäfferot? Wéi stellt Dir Iech dat heiten elo vir?

Et war d'lescht Joer, oder virun e puer Méint, wou mer de Projet Sourrire eng Kéier um Ordre du jour haten. Do war d'Fro gestallt ginn, ob ee kéint e Rapport d'activités kréien. Bon, dat steet elo net méi am Raum. Mee wann elo eng Kéier dee Projet hei wierklech sollt länger lafen a wann et vläicht och eng Konventioun gëtt, ech mengen da wär och vun eis zumindest als déi Lénk d'Demande, ob mir do eng Kéier kéinten och konkret e Rapport kréien, dass mer eng Kéier wierklech wëssen, wat do leeft.Well et war do esou vill Vaste, esou vill Flou an esou vill Duercherneen, an ech mengen dat ass dat, wat dat e bësse schued ass, well et jo eigentlech wierklech e wichtege Projet ass. A wann dat lo leeft, dass mer dann do och e bësse méi informéiert géife ginn. Villmools merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, sécherlech ass hei am Passé net ëmmer alles ganz richteg gelaf. Nichtsdestotrotz muss ech soen, dass dat hei fir mech e ganz wichtege Projet ass fir defavoriséierte Persounen ze hëllefen a se ze ënnerstëtzen.

Ech sinn natierlech frou, dass elo mat Inter-Actions dann en neien, wéi gesot ginn ass, seriöen Intervenant do ass, deen hei mat iwwerhëlt an dann eeben nom Benevolat, wéi et bis elo war, eeben e bësse méi Professionalitéit nach do erabruecht gëtt.

Hei si jo verschidden Ateliere gewiescht, et sinn e puer opgezielt ginn, eng fantastesch Vestiär, wou ee sech kann undoe goen, wann een zum Beispill op e Virstellungsgespréich geet, et ginn Duschen, et gëtt gekacht.

A mir als Gemengerot, mir gesinn eis jo d'ganzt Joer iwwer op sëlleche Plazen hei zu Diddeleng. Mir gesinn eis bei Aweiungen, et gëtt e Bam geplanzt. Ma wär et net och eng Kéier eng Iddi, dass mer als Gemengerot eng Kéier dohi géife goen, fir dat Haus eng Kéier kënnen ze besichtegen? Da wäre warscheinlech och ganz vill Froen direkt sur place scho beäntwert. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert.

Sourrire ASBL. Mir kommen endlech zu engem Enn vun enger klenger ASBL, wou et sech zur Aufgab gemaach hat, fir net nëmmen enger Famill ze hëllefen. Et ass e Projet, wou wichteg ass, wéi mer un den Zuele vun de Leit gesinn, wou all Dag dohinner ginn.

Hei ass emol net eppes komplett aneschters aus deem Haus gemaach ginn, well dat Haus war am Fong ni bis elo, dass et iergendwéi genotzt ginn ass an engem soziale Kader vum Logement. Mir hu sou gesi vill méi Familljen indirekt op déi eng oder aner Aart a Weis gehollef.

Si hu gekämpft an un hir Iddi gegleeft an d'Chance kritt, well anerer mat u si gegleeft hunn. An et ass e Lieu de rencontre interculturel ginn. An ech gräifen dann och dee Saz op, wou ech net méi spéit wéi haut de Moien héieren hunn: All Invest an eis Kanner ass en Invest an d'Zukunft. An ech erweideren dee Saz an ech soen, nodeems mer hir Eltere stäerken, hëllefe mer de Kanner. Ech hu mer alles duerchgelies, wat déi lescht Joren doriwwer geschriwwe ginn ass a si verwonnert, dass grad esou géint dee Projet ëmmer erëm gaangen ass wéi de Geck um Bengel an ech froe mech wisou.

Grad d'kleng Grassroots, an ech weess vu wat ech schwätzen, hunn et ganz schwéier. An oft entsti sou Projeten an Iddien aus Initiativen eraus. A grad an dësem Zesummenhang erënneren ech d'CSV drun, wéi eng Pro Familia entstanen ass. Well do sollt am Ufank dat ganzt Klouschter iwwergoen un de Centre national de l'Audiovisuel. Vläicht hu verschidde Leit dat vergiess. An och do hu Leit un eppes gegleeft a gekämpft. A mir gesi jo haut, wat do steet.

Esou Grassroot-Projeten, do gëtt et kee Konzept, do gëtt et keen Excel-Sheet, do gëtt et kee Bréif, do gëtt et kee Word-Dokument, wat genau seet, dick, dick, dick, dick, dick. Dat sinn Iddien, déi entstinn. Eng aner Iddi, déi sou entstanen ass, a mir gesi wat an der Stad sou steet, ass déi kleng Camionnette op der Gare, wou déi Drogéiert hir Sprëtze kruten. Dat huet mat enger klenger Camionnette vu Benevollen deemools ugefaangen. Sou, just fir ze soen, wéi ganz oft aus esou Projeten eppes entsteet.

Ech hoffen elo, dass Rou an deen Dossier kënnt a si frou, dass mat Inter-Actions ee Partner fonnt ginn ass, och wann ech et schued fannen, dass keng Konventioun direkt mat Sourrire entstanen ass. Mee ech weess och, wéi schwéier et ass, grad bei Ministèren a grad Konventiounen duerchzekréien. A grad wann een als kleng ASBL ass an net ee vun de Big NGOs ass. Well dat ass nun emol esou, a mir gesinn et grad an engem Dossier, dee mer grad all momentan hunn, vun enger Caritas, wéi grad am soziale Milieu op esou Saache gespronge gëtt vun de Big NGOs an dass grad ganz kleng ASBLen et immens schwéier hunn. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech fir e puer Äntwerte souwuel dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, wéi der Madamm Wirtz d'Wuert ginn. Vläicht de Volet vun Inter-Actions, do kéint vläicht d'Madamm Wirtz drop agoen an dann d'Josiane an dann ech. Merci.

JILL WIRTZ (INTER-ACTIONS): Jo, also ech wëll elo net op d'Antecedenten agoen, well ech déi natierlech och net, vläicht och net esou gutt kenne wéi déi alleguerten. Dat wat mir elo fir Inter-Actions gemaach hunn. Mir si bei d'Santé gaange zesumme mat zu Sourirre ASBL, mee mir hunn am Numm Inter-Actions eng Konventioun gefrot fir e Service.

Dat heescht mir hunn d'Ministesch begéint, mir hunn eise Projet presentéiert an ewéi bei all Ufro fir eng Konventioun, ginn déi Projeten am Laf vum Joer eragereecht an dann dauert dat bis Enn des Joers, heiansdo och Ufank des neie Joers, dat heescht Ufank 2026, wësse mer a sech eréischt, ob eng Konventioun mam Ministère de la Santé elo hei zustane kënnt.

Mir hu scho Konventiounen als Inter-Actions mam Ministère de la Santé, mir hu schonn Aktivitéiten, déi do stattfannen. A sinn dann, wann eng Konventioun géif proposéiert gi vum Ministère natierlech och Experten, soe mer mol, oder mir kenne ganz genau d'Demarchë fir dann déi néideg Agrementen och fir d'Infrastruktur, mee genau sou wéi fir d'Personal an deem Moment dann auszeschaffen.

A bis weideres, d'Ekippe kenne sech natierlech, ech mengen d'Sozialaarbechter hei um Terrain vun der Gemeng Diddeleng kenne sech alleguerten. D'Cliente sinn heiansdo oder oft och déi nämmlecht. An an deem Zesummenhang schaffe mer natierlech souwisou zesummen an ech mengen, dass déi Ënnerstëtzung awer och elo ganz flott ka si fir alleguerten déi Leit, déi a villen Aktivitéiten hei zu Diddeleng deelhuelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci Madamm Wirtz fir d'Äntwert.

Mee ech hat jo och gefrot gehat, hutt Dir och mat anere Ministèren eng Konventioun? Well dat hei ass jo net nëmmen therapeutesch, dat hei ass jo och begleedend, ob do net och d'Famill dra spillt, ob Dir och eng Konventioun mat deenen hutt? Oder hutt Dir just exklusiv eng Konventioun mat der Santé? Well de Projet Ensemble ass jo elo näischt therapeutesch-medezinesches.

JILL WIRTZ (INTER-ACTIONS): Am Kader vum Projet Ensemble hu mir eng Konventioun mam Ministère de la Famille. Wann elo déi heite Konventioun géif zustane kommen, ass dat eng exklusiv Konventioun tëschent Inter-Actions an dem Ministère de la Santé. An oft, wa Projete proposéiert ginn, baséiere se sech op e Grondprinzip oder si hunn eng sozial Ausriichtung, en Objektiv, wat se wëllen erreechen. An dat heiten, dee Projet, dee mir elo proposéiert hunn, geet méi an dat Therapeutescht an dat, sou wéi de Projet ufanks och geduecht war. An an deem Moment hu mir keng Demande un de Ministère de la Famille gestallt fir eng Konventioun.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, villmools merci. Bon, ech muss éierlech soen, ech hoffen och elo, datt e bësse méi Rou an deen Dossier kënnt. Dir wësst, datt ech iwwert déi lescht zwee Joer ganz oft Froen an Äntwerten, also Iech d'Äntwerte ginn hunn op deen Dossier do.

Vläicht fir eng Kéier, ech mengen dat ass jo d'Fro, déi jiddwereen sech hei stellt: Wat ass geschitt? Firwat ass et onkloer? Ma, am Prinzip ass et esou, datt viru gutt zwee Joer zwou Psychologinnen op eis duerkomm sinn an déi haten e Projet. An de Projet war gutt, an do hu mer hinnen dat zur Verfügung gestallt.

Datt do d'Interessen anescht ware bei deenen zwee Leit, déi ech jo dann eigentlech nëmmen aus de Reunioune kannt hunn, dat ka kee virgesinn. Iergendwann ass déi éischt Persoun ausgeklommen, dat hunn ech och schrëftlech matgedeelt, an déi zweet ass bliwwen an déi ass enorm engagéiert. Dat ass eng Persoun, déi ass enorm engagéiert. Ech war ganz oft an deem Haus, ech hu gesinn, wat do gemaach gëtt. An dat ass dann, vläicht hätt een zu deem Moment scho sollte soen, okay komm, mir änneren de Kontrakt ëm oder, dat ass awer mengen ech esou dat Eenzegt, wat ee ka reprochéieren.

Ech hu wierklech ganz, ganz vill Reuniounen och gehat. Mir haten och ganz vill Reunioune mat der ARIS, mam Office Social, wou mer ëmmer erëm gekuckt hunn: Voilà, wéi kënne mer se ënnerstëtzen?

Ech wëll hei un dee Projet, an d'Madamm Kayser hat dat gesot, et ass effektiv en europäesche Projet ginn, Welt am

Bokal, dee wollte mir ëmsetzen. Mir waren och Lokalitéite kucken. Also dat ass ganz opwenneg gewiescht. Dee Projet krute se eigentlech vun der Europäescher Kommissioun zougesprach.

A wësst Der, wourunner et gescheitert ass? Um Ministère, well si net participéiert hunn un de Leit, déi un deem Projet géifen… mir hunn en zweeten Dréier gebraucht. Den Här Zuang kann Iech do ganz kloer d'Informatioune ginn. Du ass de Projet gescheitert.

Alt erëm eng Kéier, firwat Ministère? Fir mech, firwat kruten si keng Konventioun, well si eigentlech ëmmer sou dertë-schent waren, eigentlech ni e richtege Projet haten.

Eng Remark, déi eng Kéier komm ass an engem Ministère, déi kann ech och hei soen, dat war, dass ee vun de Mataar-bechter aus dem Ministère gesot huet: Iwwerloosst dat deene Groussen. Haalt Iech als kleng ASBL do eraus. Dat sinn esou Aussoen.

Ech fannen et e bësse schued. Eigentlech ass de Projet, sou wéi en ëmgesat ginn ass, eng wierklech wäertvoll Aarbecht. Ech kann och nëmme Merci soen.

Si sinn ëmmer ënnerstëtzt ginn, si sinn och ëmmer ënner-stëtzt gi vun der Fondation Losch. Ech mengen och dat war eppes. D'Banque alimentaire, och dat ass näischt, wat ech erfonnt hunn. Si kruten effektiv ganz vill iwwert d'Banque alimentaire, wou se dann deene konnten eppes z'iesse maachen oder och emol moies Kaffi drénken.

Da vläicht zum Här Steffen. D'ASBL gëtt et nach ëmmer. Also et ass elo net esou, datt déi opgeléist ass. Mee déi muss natierlech elo erëm eng aner Adress kréien, déi ass jo elo net méi dann do.

Jo, Agrement, hunn ech gesot.

An da CGDIS. Jo, dat musse mer warscheinlech elo nei maa-chen. Dat kann ech awer elo net aus dem Stegreif esou soen, well ech awer technesch net elo dee sinn. Mee dat ass den Här Flammang souwisou, dee wäert dat scho kontrolléieren.

An dann ass nach eng Kéier d'Fro komm, Fraise fir d'Personal? Nee, eigentlech ass et net d'Gemeng, déi do d'Fraise vum Personal dréit. Mir hoffe jo op eng Konventioun, wou dann eeben och bei der de Santé, wéi d'Madamm Wirtz et ugefrot huet, Posten ugefrot gi sinn. Voilà, dat ass dat.

An da sot Der, ah Crèche, elo kommt Der op eemol mat enger Iddi Crèche. Also ech muss éierlech soen, mat all deem, wat ech erlieft hunn an deene leschten zwee Joer. A mer elo rëm an der Situatioun sinn, wou mer net wëssen, kréie mer dann elo d'Konventioun oder kréie mer se net?

Einfach emol, fir ze soen, majo, mir kéinten och do eng Crèche maachen. Ech menge mir hunn dat mat Inter-Actions beschwat, mir hu guer keng Detailer, mee mir kéinten och am Endeffekt eng Crèche dohinner maachen. Méi ass am Fong do elo net dohannert.

An da Visitt Gemengerot, Här Meyer. Dir waart d'leschte Kéier nach net, oder dach, Dir waart vläicht schonn am Ge-mengerot, dat weess ech net. Voilà, Dir waart nach net am Gemengerot. Mir haten dat probéiert, do war e groussen Opstand, herno war de Schäfferot eleng do, oder net ganz vill Leit.

Häerzlech gär. Also wierklech ganz, ganz, ganz gär. Déi freeë sech, wann Der dohinner kommt, wann der et kucke kommt. Voilà.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Däerf ech just dozou e Wuert soen? Mir hu Fotoe gesi vun der Aweiung vum Gebai, do war reng de Schäfferot a mir hu keng Invitatioun kritt, ni gewise kritt. A wéi gesot, mir kruten och ni proposéiert eng Visitt ze maachen. Neen, ganz sécher net. Ganz sécher net.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt. Ech géif elo nach vläicht e puer Punkten hei wëlle kloerstel-le par rapport zu deenen Iwwerleeungen, déi hei getätegt goufen. D'Stad Diddeleng, wann ech et e bësse vergläichen, ass jo awer eng Gemeng, déi generell Initiativen ënnerstëtzt, wou ee sech traut.

Virdrun ass hei iwwert d'Pop-Uppe geschwat ginn. An ech géif nach an engem zweete Saz subsidiairement soen, à l'impossible, nul n'est tenu. Ech menge mir hunn déi Diskuss-iounen hei mat, wann d'Port-Uppe sech lancéieren, jonk Leit, déi Commercë wëlle lancéieren, déi dat testen a kucke wéi et geet. Wa se Chance hunn, geet et gutt, wa se Pech hunn, gi se komplett op de Buedem. Dat ass am Ekonomeschen, an der Diversification économique vun der Stad Diddeleng.

Hei hate mer mat, engagéierte Leit ze dinn, déi sech getraut hunn un eng Iddi ze gleewen. An d'Madamm Dimmer ass largement drop agaangen, eng Iddi ze gleewen an déi pro-béieren, wéi gesot, ëmzesetzen als eng kleng, bescheiden ASBL. Och wann, en cours de route e puer Ännerungen och deementspriechend waren.

A wat awer och eng Realitéit ass, dass ganz wéineg ASBLen, och dat ass eng Realitéit, an doriwwer misst ee vläicht schwätzen, well et gëtt hei zum Beispill net a Fro gestallt, dass déi wéineg Chancen hunn, hei am Land Konventionementer ze kréien. Et sinn awer ëmmer déi Big Player, déi professionell ASBLen, déi ënnerstëtzt ginn aus verschidde Grënn, well se schonn d'Erfarungswäerter hunn, well se scho méi laang hei sinn. Och si hunn, wéi gesot, kleng ugefaangen. Dat si Realitéiten, déi mer hei an dësem Land hunn.

A mir hate méi wéi ee Projet, wou schonn esou gestart gouf, wou effektiv net déi néideg Sue kritt hunn an der rezenter Vergaangenheet. Wat ganz schued ass, well iwwert deen dote Wee jo och kënnen Initiative gestäerkt ginn.

An dofir si mer hei och op de Wee gaangen, nodeems mer dat Ganzt observéiert hunn, fir dann awer mat engem, entre guillemets „etabléierte Player“ an der sozial-edukativer a pädagogescher Landschaft hei zu Lëtzebuerg op de Wee ze goen, deen dote Projet awer ze perenniséieren. Well allegu-erten déi Efforten awer, déi iwwert déi lescht Jore gemaach goufe vun deene Leit aus der ASBL a mat deene Benevollen

a mat den TUCen, et schued wär, wann een dat einfach géif carrement fale loossen. Well do stécht och ganz vill Häerzblutt an deene Leit, mengen ech, déi déi ASBL uféieren an och deementspriechend dat och hei maachen.

An dofir sinn ech och net der Meenung, wéi hei virgefouert gouf, och säitens vun der CSV, dass hei eng katastrophal Gestioun war. Au contraire. Mat deene Moyenen, déi déi ASBL hat, huet se eng exzeptionell, extraordinär Aarbecht gemaach.

Et ass eeben eng aner Aarbecht mat där Lektür, institutioneller Lektür, déi mir oft hunn. A mir falen oft an déi Fal, déi d'Acteure maachen, déi effektiv professionell aneschters opgestallt sinn.

Hei ass ganz vill Aarbecht op der Plaz geleescht ginn. An do mengen ech och ganz vill gemaach gi fir och dat néideg Konventionnement ze kréien. An dofir géif et eis och heiansdo gutt doen, mir sinn e bëssen och ëmmer hei an eiser Bulle, wann ee mol eng Kéier deen institutionelle Bräll och ofdeet a sech och en anere Bräll undeet, fir dann och eng aner Siichtweis och deementspriechend ze kréien.

Och wa mer elo an eng Richtung ginn, wou mer erëm den institutionelle Bräll undoe wa mer hei mat Inter-Actions och zesummeschaffen, well mer hei mat engem Acteur ze dinn hunn, dee vill méi staark och institutionaliséiert ass an och etabléiert ass an der Lëtzebuerger Landschaft.

Wat ech awer och nach eng Kéier hei wëll kloerstellen, ech mengen, wa mer dat heiten elo weiderféieren. Alles wat bis elo hei stattfonnt huet, an dat hu mer och ganz kloer an eisen Äntwerten, déi mer ginn hu par rapport zu deene Froen, déi mer kruten, och kloergestallt, dass effektiv de CGDIS jo do war an alles och gekuckt huet. Dass mer hei wierklech och konform waren.

Ech wëll ganz kloer hei net déi Iddi opkomme loossen, wéi se hei an de Raum gestallt gouf, dass mer net konform ware par rapport zu deenen Aktivitéiten, déi do stattfonnt hunn. Dat war net de Fall. Well ech mengen d'Gebai ass jo och deementspriechend ofgeholl ginn an och reegelméisseg hate mer de Kontakt mam CGDIS.

Natierlech, wa mer elo deementspriechend nach aner Projete wëlle maachen, an ech prononcéiere mech hei net iwwert eng Crèche, well da komme mer an eng ganz aner Situatioun, da kënnt effektiv déi Dispositioun ronderëm d'Sécurité dans la Fonction publique mat der ITM zesumme mat neie Reegelen, da komme mer an eng ganz aner Dynamik. An där si mer elo net, an dat war jo och just eng Propos, wou ee kéint hin tendéieren au cas où. Mee souwäit si mer net, well mengen ech dat primäert Objektiv nach ëmmer ass a bleift mat Inter-Actions zesummen elo a mat deene Leit, déi effektiv do engagéiert sinn, e Konventionnement ze kréien.

Ech hoffen aus den Erklärungen, déi ech och virdru ginn hunn, dass, wéi gesot, och do d'Chancë méi grouss da stinn, do déi néideg finanziell Ressourcen ze kréien, fir awer déi Leit, déi dohinner ginn, an dat si Leit, déi an enger sozial prekärer Situatioun sinn, déi och Bestanddeel vun der Stad Diddeleng sinn. Och dat ass eng Realitéit hei an Diddeleng. Ech menge wa mer iwwert Logement abordable schwätzen an iwwert sozial Mixitéit, an et ass virdru gesot gi vum Här Steffen, et wär gutt, wann effektiv och eng Wunneng do wär. Ben, net wäit dovun ewech hunn d'Oeuvres parroissiales eng Wunneng do stoen. Also, mengen ech, deem Charakter ass deementspriechend och Rechnung gedroen, dass mengen ech insgesamt och an engem Ribeschponter Quartier Akzenter kënne gesat vu sozialer Mixitéit, fir net onbedéngt an enger Exklusivitéit ze bleiwen.

Voilà, dat waren nach e bësse méi generell Considératiounen, déi ech wéilt ginn. A ganz kloer hei awer och de Message, dass zu kengem Moment mir och d'Credibilitéit vun dësem Projet a Fro gestallt hunn, well déi Moyenen, déi hei degagéiert a mobiliséiert goufen, gewalteger waren, wann ee kuckt wéi déi doten ASBL opgestallt war.

An haut si mer da prett, no deene Constaten, déi mer gemaach hunn, effektiv eng Hürd méi ze huelen an och dat heite probéiere kloer ëmzesetzen. Voilà. Jo, Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Zwou, dräi Froen nach. Ech hat nach gefrot, wéi dat elo mat den TUCe weidergeet, wéi déi iwwerholl ginn?

An ob bei Inter-Actions, ob si och eng Méiglechkeet gi si fir déi Benevollen, déi an deem Projet sinn, och weider ze iwwerhuelen?

An dat vum CGDIS. Also mir hunn ëmmer nëmme gesot kritt an dräi Bréiwer, dass de 16. Mäerz 2023 den CGDIS en Accord, eng Autorisatioun ginn huet. Dat war laang éier mer an deem Cas de figure sinn an deem mer sinn.

Mee ech sinn awer och frou, dass d'Madamm Schäffin gesot huet, vläicht hätt ee kënne mat deem neie Kontrakt och eng Kéier an de Gemengerot kommen, wéi de Projet eng aner Nues kritt huet.

An dann nach zu der exceptioneller Aarbecht. Mir wären och frou, mir ralliéieren eis do mat deene Lénken, wa mer awer och vläicht awer e Bilan d'activités oder e Rapport d'activités awer kéinte kréien, well ech huele jo un, wéi gesot, deen ass jo och mat un de Ministère gaangen, deen ass jo mat bei Inter-Actions gaangen. Vläicht wär dat awer flott, fir eis deen och nach zoukommen ze loossen. Merci.

JILL WIRTZ (INTER-ACTIONS): Ech menge wéi et gewosst ass, eng Mesure TUC ass, soll ëmmer eng Mesure déterminée sinn. Zil ass et, de Beneficiaire ze orientéieren op den éischte Marché, beschtefalls.

An ech mengen dat ass an dësem Fall och d'Zil, dass wann eng Persoun sech hei aktivéiert huet am Kader vun enger Kachaktivitéit oder engem kreativen Atelier, dass mir aus Inter-Actions oder eng aner Organisatioun eng Plaz fir déi Persoun huet, voire och éischte Marché, private Marché, fir dass déi Leit hir Ressourcen do kënnen zur Verfügung stellen.

Mir schaffen zum Beispill hei am Kader vum Café des Langues mat Benevollen. Ech hu lo nach kee genaue Recensement

gemaach, wien alles op wéi enge Plaze Benevolat proposéiert. Mee dat ass eppes Rares, de Benevolat. A mir fanne sécherlech Aktivitéiten, fir dass déi Leit weiderhi sech kënnen engagéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. An, mengen ech, nach dee leschte Punkt do ronderëm de Bilan d'activités. Ech mengen, dass do kee Problem ass, hei dat dem Gemengerot ze kommunizéieren, dass d'Madamm Marini dat zoukomme léisst.

Gutt, voilà. Ech mengen, da kënne mer hei d'Diskussioun ofschléissen.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Mir missten hei awer net en bloc, mee zwee Votten huelen, well et zwee verschidden Objeten awer sinn. Dat Éischt wär d'Resiliatioun vum Contrat de bail mat der Association Sourrire a.s.b.l.. Wien ass domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Ech soen Iech villmools Merci.

An dann d'Appropriatioun vun der Convention mat der Mise à disposition un Inter-Actions a.s.b.l.. Wien ass domadder averstanen? Och dat ass **unanime**. Ech soen Iech villmools Merci. Och der Madamm Wirtz, Merci fir hir Presenz. A mir wäerten Iech dann iwwert de weidere Verlaf vum Projet au courant halen.

**4.8. Extraordinär Subsiden**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op den nächste Punkt. Dat sinn Subsides extraordinaires. Dir hutt se virleien. 750 Euro fir d'Sécurité routière. 250 Euro fir de Conseil national des femmes. 300 Euro SOS Détresse. A 500 Euro SPL Médecins sans frontières.

Voilà. Dat ass dat, wou ech hei wollt proposéieren. D'Courriere leien do vir.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot, mat deene Subsides extraordinaires averstanen ? Handzeechen. Villmools merci.



## 5. APPROBATIOUN VUN DE MODIFICATIOUNE VUM ALLGEMENGE POLICE-REGLEMENT VUN DER GEMENG

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op e Punkt dee sécherlech net ëmmer zu der Simplification administrative bäidréit, mee deen awer esou am Gesetz festgehalen ass.

Dass wann een d'Terrassen ännert, neier dobäikommen, anerer verschwannen, dass dat effektiv, esou wéi d'Gesetz et och virgesäit, hei de Gemengerot befaasst gëtt iwwert all Emplacement, wou dann effektiv ze definéieren ass.

Dofir wëll ech hei kuerz drop agoen, well et eng Annex ass vun eisem Polizeireglement, dass mer eng Rei Ännerunge virgeholl hunn, respektiv wou och dann eise Bannhidder dat an enker Ofsprooch mat deen HoReCa-Betriber och a mat de Gastronomiesbetriber och gemeet huet.

Dat eent ass an der Plaz am Duerf d'Gelateria, déi mer do hunn, d'Piazzetta, déi steet de Moment an der Positioun 2 an eisem Reglement, déi kënnt an d'Positioun 1, well se och Alkohol verkeeft.

An der Positioun 1 kritt de Restaurant Sukhothai hei méi Terrass, wéi dat virdrun de Fall war, dat geet vu 16 $m^2$ op 32 $m^2$.

An der Positioun 1 kënnt, vu dass mer en neie Commerce hunn, d'Wäinstuff nei dobäi, déi kritt 6 $m^2$.

An der Positioun 1 hu mer de Café Joker, déi kritt e bësse manner Terrass, 2 $m^2$ manner.

An der Positioun 1 kënnt d'Brasserie A Côté, 39, Place de l'Hôtel de Ville, déi gëtt e bësse méi grouss gemeet.

An da kënnt nach, wann ech mech net ieren, an der Positioun 2, d'Pâtisserie Estrela, déi kënnt och nach dobäi, déi kritt méi eng kleng Terrass.

Voilà, ech mengen dat wäre se alleguerte gewiescht, wou mer hei Adaptatioune mussen dann eeben halt maachen.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot mat deenen Terrassensispositiounen averstanen? Jo, dat ass **unanime**. Da soen ech Iech villmools Merci.

# 6. NOMINATIOUN VUN DELEGÉIERTEN A VERSCHIDDE GEMENGEKOMMISSIOUNEN A SCHAFUNG VU CONSULTATIVE KOMMISSIOUNEN



DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da kommen ech zum Punkt vun der Nominatioun vun enger ganz Rei Delegéierten a consultativ Gemengekommissiounen, fir dass mer dann och kënnen ofsécheren, dass hinne regulär e Jeton kann ausbezuelt ginn, esou wéi d'Gemengegesetz et virgesäit.

Et ass am Fong am Kapitel 2 vun der Commission consultative. Dofir hu mer eng ganz Rei, Memberen, nieft deene besteeënde Memberen, nach eng Kéier hei dra genannt.

Do hu mer fir d'Commission de l'enseignement musical, ech gi se alleguerten zesummen duerch, den Delegéierte vun der Diddelenger Musekschoul ronderëm den Här Paul Klein vun der Société de chant, d'Madamm Monique Biren-Kettel.

An der Bautekommissioun, ass och Member den Här Georges Beemtgen.

An der Kulturkommissioun, um Niveau vun der LSAP ersetzt den Alain Klein den Här Guy Schubert.

An da kréie mer och Membere vun Amis de l'Histoire a vum DKollektiv.

Am Jumelage an am Tourismus ersetzt fir d'LSAP de Guy Schubert, de Steven Hansen. Mee Member gëtt och Vertrieder vum Syndicat d'initiative et du Tourisme.

An der Ëmweltkommissioun gi Member natur& ëmwelt a.s.b.l. a Coin de terre et du foyer. An Expert ass an eisem Service écologique de Serge Birchen.

An an der Drëtt-Alterskommissioun Membere ginn d'Gëlle Joeren an d'Amiperas.

An der Commission pour l'Aménagement communal et le Programme d'action local Member gëtt dee ganze Schäfferot. Da vun der LSAP de Romain Zuang, vun der CSV de Jean-Paul Gangler, vun déi Gréng Semiray Ahmedova, vun déi Lénk Carole Thoma, vum ADR, d'Rosella Spagnuolo, vun der DP Rapado Laetitia.

An dann d'Membres suppléants, déi si jo nominativ. Dat ass dann den Roby Goergen, fir d'LSAP, de Martini Claude fir d'CSV, d'Seil Celia fir déi Gréng, d'Erpelding Thessy fir déi Lénk, de Kremer Claude fir den ADR, an d'Natacha Ombri fir d'DP.

Experte vum Service Architecture et Domaines, d'Cathy Mambourg, d'Eva Gottschalk, Bernard Tom, Da Silva Carreira Frederico Christophe.

A Bureau Zeyen + Baumann, d'Chantal Zeyen, Jean Brodeur, Lex Faber an d'Marie Sauerhöfer.

Fir d'Kommissioun « Gesond Diddeleng », de Roby Goergen, de Luc Aniset, Alain Becker, Dan Biancalana, Jean-Paul Gangler, Manon Haag, Miriam Keller, Sven Loscheider, Serge Meyer, Jennifer Saffran an Yves Vesque.

Fir d'Commission pour la Promotion du centre commercial, de ganze Schäfferot, vum Geschäftsverband Alain Clement, Chantal Geisen, Kryeziu Gledis , Alphonse Wirtz, Wohl Romain, d'Archtiektin vun der Stad Diddeleng, d'Cathy Mambourg an de City Manager, de Leners Claude.

D'Commission pour la Mémoire collective audiovisuelle, Gilbert Christoffel, Lauri Christoffel, Goergen René, Engels Jean, Lorenzini Emile, Mischaux Marc, Parvan Louis, Sagrillo Lex, Kugeler Claude an de Schmit Raymond.

D'Commissioun Sustainable Urbain Mobility Plan, also de sougenannte SUMP, Claudia Dall'Agnol vum Schäfferot, de Fay Paul vun der LSAP, Martini Claude vun der CSV, Mahnen David vun Déi Gréng, d'Thoma Carole vun déi Lénk, d'Spagnuolo Rosella vum ADR, Marc Meyer vun der DP.

Vu Komobile, de Roman Molitor, Clees Liette an de Krack Paul. Vum Service de Gestion de maintien du Patrimoine den Nic Krumlowsky. Vum Service écologique d'Lis Cloos. Vum Service de la Circulation de Pit Demuth, de Schaack Steven. Service des travaux publics, de Da Silva Micael.

Vun der Commission d'expertise en d'urbanisme, Buergermeeschter Dan Biancalana.

Vum Service Architecture et Domaines d'Cathy Mambourg, d'Eva Gottschalk, Da Silva Carreira Frederico Christophe, Bernard Tom. Gestion du patrimoine Nic Krumlowsky. Service de la circulation de Pit Demuth. De Service écologique Lis Cloos.

Vun der Uni Lëtzebuerg, den Architekt a Prof Hertweck Florian, vu BENG Architectes de Bidaine Marco, vu Komobile de Romain Molitor, vu Schroeder & Associés de Welscher Serge, Mersch Ingenieurs Paysagistes de Mersch Carlo, Zeyen + Baumann de Faber Lex an d'Zeyen Chantal, wéi gesot, als Memberen.

An déi lescht, d'Commission de surveillance de la restauration scolaire et des crèches, vum Gemengerot Romain Zuang, d'Cheffe du Ressort, also d'Schäffin Bartolomeo-Ries Josiane, de Chef vum Service éducation et accueil den Här Erny Hoffmann, Service éducation et accueil d'Ginette

Libardi, eis lokal Gesondheetsbeobtragten, d'Manon Haag, a vum Service de Santé scolaire d'Fernandes Susana.

An da huel mer nach e Vertrieder vun den Elteren dobäi, déi am Fondamental sinn an e Vertrieder vun den Elteren, déi an de Crèchë sinn.

Voilà! Dëst fir dann an de Kommissioune komplett a regulär ze sinn. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech hätt just eng Fro. An enger leschter Reunioun, déi mer haten iwwert de Logement, do huet den Här Jean Brodeur vun Zeyen + Bauman gesot, et wier seng lescht, well e géif d'Pensioun huelen. E steet awer elo nach hei dran.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Jo, gutt, de Moment ass en op alle Fall nach do virgesinn an huet eis och nach net zougesot, dass e bei engem nächsten net dobäi wär. Also wann eng Ännerung misst kommen, da maache mer déi, jo.

Ech géif awer elo proposéieren dat mir einfach sou duerchginn. Mir wollten et sou einfach wéi méiglech halen. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, fir d'Wuert. Mir hate jo an engem informelle Gemengerot rieds gehat. Et geet jo och haaptsächlech drëm, aus verschiddenen Aarbechtsgruppe Kommissiounen ze maachen. Dat ass jo och hei geschitt, an dat ass jo och gutt esou.

Ech hu just eng Fro zur Commission de Surveillance de la Restauration scolaire. Dat ass en neie Moment. Mir hunn déi, mengen ech, nach ni virgestallt kritt.

An, wéi gesot, och do, wat genau déi mécht? Ech froen ëmmer, wa mer beim Budget sinn, wéi dat geet mat der Surveillance vun de Kantinnen. Dann heescht et ëmmer, dat gëtt gemaach. Mee dass dat eng richteg Kommissioun ass, däers war ech mer net bewosst.

An da gesinn ech hei och e Representant des Parents Enfants-crèches. Do ass meng Fro: Dat ass och en neie Moment, well ech weess net, wéi déi gewielt ginn? Ob do Wale sinn? Dat hunn ech bis elo net matkritt.

Ech kennen awer och Leit, déi hir Kanner hei an de Crèchen hunn. Ech hat déi drop ugeschwat, déi hunn awer och nach näischt esou dovunner matkritt. Dofir ass meng Fro, wéi rekrutéiere mer dat?

An zweetens, wéi gesot, déi Commission de Surveillance de la Restauration scolaire, zënter wéini gëtt et déi? Hätte mer déi net och missen eng Kéier aviséieren am Gemengerot, dass et esou eng gëtt? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Ech mengen d'Josiane kann e puer Informatioune ginn. Also et war jo ni eng Kommissioun, et war ëmmer just sou e Gorupe de travail oder informell. Mee d'Josiane ka vläicht eng Rei Erklärunge ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, effektiv war dat ëmmer en Aarbechtsgrupp. Dat sinn, am Fong ënnert der Leedung scho vum Här Zuang. Dat ass eigentlech e Grupp, deen ëmmer erëm kontrolléiere geet an eis Maison Relais, wéi d'Iessen ass, wéi d'Qualitéit vum Iessen ass. An do sinn eebe vill Leit, déi extra, mir hu se elo misste Kommissioun nennen. Mee u sech ass et en Aarbechtsgrupp.

Wéi kënnt de Kontakt zur Crèche? Ma jo, well awer ëmmer erëm Froe kommen iwwert d'Iessen, an do hu mer dann eebe vun der Crèche aus, sou wéi och vum SEA aus, Leit dobäi geholl. Et ass awer a sech en Aarbechtsgrupp. Et ass elo net eng offiziell Kommissioun, mee mir hu jo elo gesot, voilà, ab elo maache mer jo Kommissiounen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Mee just wéi ginn dann d'Representante vun den Elteren do nominéiert?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Do kann ech Iech vläicht äntwerten. Et ass esou, dass déi vun den Elteren vun de Kanner vum Fondamental, dat sinn am Fong geholl d'Representanten, déi och an der Schoulkommissioun sinn. Do si mer jo elo fir de Moment, dofir steet och elo keen Numm fir de Moment dobäi, well dat jo all dräi Joer wiesselt. Fir de Moment ass et d'Madamm Berg, vun den dräi Elteren. Si sollt am Fong geholl déi Missioun iwwerhuelen.

Mee et ass eeben esou, dass si elo fir de Fondamental schafft, dat ass jo ASEP, an dowéinst mussen elo ee vun deenen zwee anere Memberen da gefrot ginn, ob ee vun deenen dat wëllt iwwerhuelen.

Wat d'Crèchenelteren ubelaangt, dach, déi gi gefrot, vläicht huet Der déi falsch Leit am Cabinet gehat. Mee d'Eltere vu Kanner, déi mindestens 1,5 Joer hunn, also déi gi gefrot, ginn ugeschriwwen, dat heescht déi kréie meeschtens och den Ziedel, esou ass et elo gaangen, dass en direkt an d'Crèche komm ass, an dass dann d'Responsabel dat konnte verdeelen. A voilà, an dann hunn do sech der een, zwee, dräi gemellt, oder vläicht nëmmen een, an dann hu mir dann en Tirage au sort gemaach, fir dann do een erauszezéien. Voilà.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà. Villmools merci fir déi doten Erklärungen. Ass de Gemengerot hei mat der Besetzung vun de Kommissiounen averstanen? Dat ass unanime. Da soen ech Iech villmools merci.

Ech mengen, dass och d'Memberen da frou sinn, fir hiert weidert Engagement kënnen en bonne et due forme an ënnert gudde Konditioune kënne weiderzeféieren.

Ech wollt éier mer elo op d'Personal iwwerginn awer dem Gemengerot hei nach eng Info ginn. Vläicht huet deen oder deen aneren et schonn an de Medie gesinn, gelies, wann en den Artikel gelies huet.

Bon, mir waren natierlech deelweis als Schäfferot informéiert. Mee haut ass jo de Planning erausgaangen. Den 3. Oktober kréie mer jo en neie Groussherzog. De 4. Oktober mécht de Groussherzog en Tour duerch d'Ländchen an a

sengem Tour mécht en och en Halt, voilà zu Diddeleng. Dat heescht, do si mer dann an Diskussioun mat den zousätzleche Stellen, fir dat dann deementspriechend ze organiséieren. De 4. Oktober kënnt der Iech da schonn an Ärem Agenda, ob Monarchist oder och net, notéieren.



# 7. PERSONAL

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, da gi mer op den nächste Punkt weider. Personal.

**7.1. Creatioun vun zwee Vollzäit-Poste fir Employé-e communal-e an der Catégorie d'Indemnité C, Groupe d'Indemnité C1, Sous-Groupe éducatif a psycho-social (Éducation et accueil)**

**7.2. Creatioun vun dräi Vollzäit-Poste fir Employé-e communal-e an der Catégorie d'Indemnité B, Groupe d'Indemnité B1, Sous-Groupe éducatif a psycho-social (Éducation et accueil)**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): D'Kreatioun fir zwee Posten an Education et Acceuil. Josiane.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, voilà. Villmools merci. Hei ass am Fong zwou Kreatioune vun engem Aide-éducateur qualifié. Dat ass en C1. Ech hat dat awer scho beim Budget gesot, dat ass elo keen neie Moment.

Ech kann Iech awer soen, C1, do wär ee fir an d'Maison Relais Brill an ee fir an d'Maison Relais Schwämm. Voilà.

An elo kreéiere mer se, well mer jo beim Budget ugekënnegt hunn an elo op sechs Méint budgetiséiert hätten a mir géifen dat elo kreéieren.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Ech fueren da weider.

Dat anert sinn dräi Diploméen, déi mer géifen och eng Création de poste maachen. Dovunner ass eent fir d'Maisonrelais Brill-Lenkeschléi. Eent fir d'Maison Relais Brill an eent fir d'Maison Relais Ribeschpont. Hat ech och beim Budget scho gesot.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass **unanime**. Da soen ech Iech villmools merci.

**7.3. Creatioun vun engem Vollzäit-Poste fir Employé-e communal-e an der Catégorie d'Indemnités A oder B, Groupe d'Indemnité A2 oder B1, Sous-Groupe administratif (Sport)**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dann den nächste Punkt. Sport.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, hei geet et drëm, fir eng Création de poste ze maachen am Statut vun dem Employé communal.

Mir hunn dat virgesi gehat als A2, bezéiungsweis als B1 auszeschreiwen. Dir kënnt Iech drun erënneren, am Budget hate mer schonn doriwwer rieds, fir eeben d'Méiglechkeet ze loossen esou breed wéi méiglech, fir hei eng entspriechend Persoun ze fannen. Ech wëll e bësse méi breet dat Ganzt ugoen, well dat jo awer en neie Moment ass fir d'Stad Diddeleng.

Mir hunn de 27. Februar mam Sportsministère déi Charte ënnerschriwwen „Meng Gemeng lieft Sport". An an deem Kader waren eeben och eng Rei vu Konditioune gebonnen. An de Coordinateur sportif ass eng dovunner gewiescht.

Dir kënnt Iech jo vläicht erënneren, wou mer dat Dokument, wann Der d'Dokument duerchgelies hutt. Hei geet et ëm, jo, good people, good programs and good places. Dat ass am Fong geholl do ronderëm, wou dat sech alles beweegt.

An dorënner versti mer engersäits d'Schoulen, d'Maison Relaisen, d'Crèchen, d'Sportsveräiner, déi Leit, déi am Loisir ënnerwee sinn. Also et geet drëm, d'Leit natierlech nach méi an d'Beweegung ze kréien.

Et gëtt eng ganz Rei vun Offer natierlech schonn hei zu Diddeleng ugebueden. Mir probéieren dat och méi ze promouvéieren a méi mateneen ze verbannen an eeben ze koordinéieren. Dofir och deen Numm.

An dann awer och déi good places, déi ganz Infrastrukturen, déi een huet, déi mer jo och dann hei reegelméisseg thematiséieren oder votéieren, bezéiungsweis Budgeten zur Verfügung stellen.

A fir do an Zukunft dat nach eeben ze optiméieren, fir dass eeben optimal sech ka beweegt ginn, engersäits um Veräinsniveau, awer och um Loisirsniveau.

De Ministère des Sports, deen ënnerstëtzt och deen dote Projet an deen dote Poste finanziell ganz staark. Der hutt och do en Tableau mat dobäi, wou ee gesäit, dass een déi éischt 3 Joer 80 % do subsidiéiert gëtt. Wat wierklech considerabel ass. An dat degresséiert dann bis herno op 20 %. Voilà.

Déi verschidde Missiounen hu mer och am Dossier mat draleien, wat de Coordinateur soll maachen. Dat ass ganz, ganz villfälteg. An d'Missiounen, déi beweege sech dann och eeben ronderëm déi verschidde Sujeten, déi ech virdrun

ugedeit hunn. Deementspriechend wollte mer et nach eng Kéier, wéi gesot, breet ugoen, fir dass mer och hei hoffentlech déi richteg Persoun fannen. An ech hoffen, dass dann och de Gemengerot zumindest emol bei der Kreatioun, dass mer eis elo do mol eens sinn. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, also same procedure as every time. Selbstverständlech ass dat e wichtege Posten, a mir ënnerstëtzen och d'Kreatioun vun engem Poste fir e Coordinateur sportif.

Mee och hei ass et erëm, si mer der Meenung, dass een och hätt mol kënne kucke fir e Fonctionnaire ze fannen. De Poste soll „hautement qualifié dans le domaine sportif et administratif" sinn. Mir wësse net genau, wat dat heescht. Et ass och net kloer, wéi en Diplom gebraucht gëtt. Mir krute vill, vill Kandidaturen eran, dat kann ee soen. Dowéinst menge mer, dass een och hätt kënne probéieren als éischt e Fonctionnairesposten ze schafen. Ech ginn jo net nees an alles an. Mir wëssen dee ganzen Déngens.

Mee aus Kohärenzgrënn wäerte mer eis nees bei dësem Posten enthalen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Den Här Spina huet et scho gesot gehat, et baséiert am Fong op déi Charte, déi d'Gemeng mam Sportsministère gemaach huet. An effektiv do steet jo och dran, dass een innerhalb vun zwee Joer, innerhalb vu sechs Méint, pardon, muss de Poste mol kreéieren. An ech mengen dat hei ass e gudde Moment. Mir brauchen natierlech eng Persoun, déi motivéiert ass de Sport an d'Beweegung zu Diddeleng no vir ze bréngen, déi awer och den intellektuellen an informateschen Know-how huet, fir d'Etüden, d'Analysen op Pabeier ze bréngen, fir Projeten ze begleeden, fir Konzepter auszeschaffen an och d'Liichtegkeet huet, mat deene villen Acteuren zesummenzeschaffen.

Et ass rieds gaange good people, good practices, a wéi war dat anert, good places zesummen ze bréngen. An ech denken dat ass e groussen Challenge, well d'Interessien, déi ginn natierlech largement ausernee vun engem Veräin bis elo engem, deen am Rollstull sëtzt a vläicht iergendwou awer wëll eng Sportméiglechkeet kréien.

An do mengen ech muss de een hunn, deen e gewëssenen Knowhow huet. A mir waren am Fong, hu mer geduecht firwat „just e B", entre guillemets, mee mir hu jo awer Leit, éischtens emol hu mer eng [Lunex 4:30:37 richteg verstanen?] hei, déi promovéierte Management, Sportmanagement am Bachelor. An et si jo och ganz gutt Kandidaturen erakomm, déi och nach doriwwer eraus e Master hunn.

Well ech denken et geet net duer, dass een einfach seet, majo, wonnerbar dat do ass eng schéi Geschicht an da gi mer jiddwerengem d'Hand drécken, mee do mussen och Konzepter ausgeschafft ginn.

An dat ass jo och e Posten, deen eis wäert begleeden déi nächst Joren. Well dat steet jo explizitt dran, säin Input gi bei der Planung vun neie Sportinfrastrukture respektiv beim Ausschaffe vu Sportprogrammer an der Gemeng.

Sport ass eng wichteg Saach. Ech mengen, ech fänken elo net hei bei Adam an Eva un, dass Sport ufänkt bei deene ganz Klengen, Baby-Turnen, Baby-Schwammen an esou wieder. An dat begleet eis e Liewe laang, an dat fanne mer eng gutt Saach.

Wichteg ass effektiv och, wéi den Här Spina et gesot huet, de Ministère geet jo och hei op e ganz neie Wee a mat de Personalfraisen, déi iwwer dräi Joer 80 % iwwerhuelen, vun de Salairen a vun de Chargen, dat ass jo net näischt.

Mee wat awer och wichteg ass, dat ass dass de Ministère och eng complementaire Formatioun ubitt. Ech denken, dat ass och eppes, wat wichteg ass, dass mer dee Coordinateur net am Vide lafe loossen, mee dass deen awer kadréiert gëtt, souwuel vum Ministère an ech huele jo wuel un och hei vun der Gemeng.

A wéi gesot, mir sinn averstane mat deem Posten a mir wënschen eis herno eng spannend Diskussioun an eng gutt Decisioun, wie mer dann herno also op dee Poste setze wëllen. Dat interesséiert d'Leit natierlech nach méi wéi d'Kreatioun vum Posten.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat där heiter Kreatioun averstanen? Dat sinn déi Gréng, d'LSAP, d'CSV an d'DP. Wien enthält sech? Déi Lénk. Okay, villmools merci.

### 7.4. Creatioun vun engem Vollzäit-Poste fir Employé-e communal-e an der Catégorie d'Indemnité A, Groupe d'Indemnité A2, Sous-Groupe administratif (Egalité des Chances)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Das ass de Service d'égalité des chances. René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo, hei geet et drëms, fir eng aktuell Situatioun ze regulariséieren. Dat heescht, am Égalité des Chances schaffen aktuell dräi Mataarbechter, woubäi der zwee „offiziell do sinn", ënner Gänseféisercher. An deen drëtte Posten, deen elo scho laang besat ass, gëtt elo dann offiziell och kreéiert.

Dir wësst, dass mer den Égalité des Chances-Service virun e puer Joer mat engem CDD verstäerkt gehat hunn. Doraus ass dann effektiv en CDI ginn, awer mi-temps. A vu dass déi aner Employée vu 40 op 30 Stonnen rofgaangen ass, wéinst de Kanner, do hu mer dann 10 Stonnen, 10 Stonnen, wou déi Fra rofgaangen ass, do waren dann nach 10 Stonnen iwwreg, Där Madamm dann am CDD gi mer zéng Stonne fir dass si dann och op 30 ass, fir kënnen der Aarbecht nozegoen. An dat ass relativ Kuddelmuddel.

An deen CDD leeft och elo de 14. August aus. Doropshin hu mer dann déi Création de poste à tâche complète gemaach, soudass dann déi Situatioun, wéi se elo aktuell ass, déi dräi

Employéen alleguerten deeselwechte Statut hunn, respektiv och alleguerten déi selwecht Stonnen hunn 40 - 30 - 30.

Woubäi dann déi 10 uewen nach op sinn, mee déi ginn dann herno erëm eng Kéier besat vun deene Leit, wann d'Kanner erëm eng Kéier e bësse méi flügge sinn, da si se dann alleguerten à plein temps do. Soudass mer elo awer elo mol an engem éischte Jet dee Poste kreéieren, fir kënnen herno dann och propper geholl kënnen am Organigramm och ze presentéieren. Voilà.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt och elo mol eng Lanz brieche fir d'Stad Diddeleng als Patron. Ech mengen dat ass och net an all Betrib esou, dass ee ka seng Stonne reduzéieren, wann ee Kanner kritt. Dat ass net iwwerall méiglech. An, wéi gesot, dat begréisse mer explizitt.

Zweetens, et muss ee soen, déi dräi Leit an deem Service, déi leeschten eng onmoosseg Aarbecht, wann ee kuckt, wat déi op d'Been stellen, deenen hire Bilan, dee léisst sech weisen. A wéi gesot, mir ënnerstëtzen dat heiten duerchaus, dass déi Saach hei legaliséiert gëtt. A wéi gesot, mir freeën eis erëm op dee Mount, dee lo kënnt, de Mois du Respect, wou ganz vill Aktivitéite vun hinnen op d'Bee gesat ginn. Villmools merci.

**Vott**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools merci. Nach wieder Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Okay. Wien ass dann hei domat averstane fir zousätzlech Stonnen? Dat ass **unanime**. Da soen ech lech villmools merci.

# 8. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer eriwwer op d'Froen. Da sinn am Fong dräi Froen erakomm. Eng betrëfft den neie Quartier A Bëlleg. An do wäerte souwuel d'Claudia wéi och d'Josiane drop äntwerten. An dat do ass eng Fro vun deene Gréngen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Voilà, da fänken ech un. De Buergermeeschter sot et schon, et sinn eng Partie Froen erakomm zum Parken an zu der Spillplaz am zukünftege Wunngebitt A Bëlleg. An ech géif dann op mäin Deel agoen zum Parken.

Éischt Fro: Gëtt den ëffentleche Stroosseraum am Quartier Bëlleg vun der Police an/oder vun den Agente kontrolléiert?

Also d'Police kontrolléiert scho säit ufanks des Joers dëse Quartier, well si jo och do och aner Problemer mol festgestallt hu wéi elo just onbedéngt Falschparken. An Dir wësst jo och, datt déi Cité nach bis viru kuerzem iwwerhaapt ganz zou war fir de motoriséierten Trafick.

An zënter op ass ginn dann natierlech och eis Agenten doduerch an hunn d'Automobiliste verwarnt. Firwat nëmme verwarnt? Ma well d'Signalisatioun nach net komplett war.

Et ass nämlech esou, den Entreprener, zënter datt deen do ugefaangen huet mat bauen, dat war den 1. Abrëll, hu seng Aarbechter natierlech d'Entrée an d'Sortie bei der Simonstrooss opgemaach, och opmaache missen, well et muss jo een erafueren.

An natierlech hunn dann och souwuel d'Aarbechter vum Chantier, mee awer och Leit an Noperen aus deenen anere Stroossen, déi eventuell keng Parkplaz fonnt hunn, sech an der Rue Triny Bourkel geparkt.

Mir hunn natierlech drop reagéiert, andeems mer den Horodateur gesat hunn an och d'Signalisatioun gesat hunn, zënter datt deen op ass.

Zënter dem 1. Abrëll, wéi gesot, huet den Entrepreneur ugefaange mat schaffen an den 28.4. ass den Horodateur operationell ginn. An zënter deem Datum kënnen dann och réischt Agenten dann opschreiwen. Aktuell ass och just d'Rue Triny Bourkel vun der Simon laanscht d'Spillplaz bis an d'Kéier op fir de Public an duerno ass Baustell, an et kënnt een dann net méi weider.

Wat gedenkt de Schäffrot ze ënnerhuelen, fir dëst onerlaabte Parken a Befuere vun de Stroossen ze ënnerbannen?

Bon, ech mengen dorop hunn ech schonn geäntwert. D'Schëlder an den Horodateur hu mer gestallt. D'Agente kontrolléieren op hirem alldeeglechen Tour. Se protokolléieren och zënter den 28.4.

Awer nach eemol, aktuell ass och just déi Rue Triny-Bourkel vun der Simon laanscht d'Spillplaz bis an d'Kéier eeben op fir de Public. An ech mengen et ass och net verbueden, do ze parken, wann een ageheit respektiv eng Vignette huet. Dat

wëll ech awer och dobäi soen, datt een awer net onbedéngt elo herno net däerf do parken, wann alles fäerdeg ass. Et ass jo ni gesot ginn, datt keng Parkplazen do wären. Voilà, dat war mäin Deel fir d'Circulatioun.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, villmools merci. Ech ginn do op d'Froen iwwert d'Spillplazen an.

Ass d'Spillplaz deelweis schonn op fir de Public?

Do kann ech ganz kloer mat Neen beäntweren. D'Spillplaz ass nach net op, well d'Aarbechten nach net fäerdeg sinn.

Wann net, ginn et keng Virschrëften, wéi dës Spillplaz geséchert misst sinn?

Dach natierlech hu mer ëmmer Virschrëften. Et ass och esou, datt Terragitter an och Bändchen do ass. An et steet och ganz kloer, ech hunn eng Foto hei Här Steffen, do ass e Schëld, do steet datt de Chantier zou ass an datt een net däerf dropgoen.

Ech wollt awer do och ganz kloer soen, dass et esou ass, datt owes do ganz vill Jugendlecher sech ophalen, deelweis souguer iwwert d'Nuecht, a mir net dauernd kënne permanent kontrolléieren, ob si elo d'Terragitter réckelen, well esou eppes léisst sech réckelen an och e Bändche léisst sech futti maachen.

Dann : Wéini ass domat ze rechnen, dass déi ganz Spillplaz fir de Public accessibel ass?

Majo, wa sämtlech Aarbechte fäerdeg sinn, muss nach Sol coulé gemaach ginn. An den Terrain muss nach opgefëllt ginn. An dann, nodeem all d'Aarbechte fäerdeg sinn, muss och nach Luxcontrol kommen. Luxcontrol muss déi Spillplaz ofhuelen. A réischt dann, wann dat geschitt ass, wäerte mir dës Spillplaz kënnen opmaachen an och d'Schëlter vum Reglement vun de Spillplazen, wat fir een Alter, dohinner setzen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ganz genau, et si Prezisiounsfroen, jo, beim Deel Mobilitéit, effektiv, do war mer net bewosst, dass Leit dierften do parken. An effektiv ass dat eng interessant Fro, ob d'Leit elo schonn dierfen do parken, wou just d'Duerchgangsverkéier fir d'Mobilité douce geduecht ass, och wann d'Auere schonn do stinn, ob een dann awer schonn aus dem Quartier kann do parken?

Zousazfro zu der Spillplaz, op de Fotoe wat se gesinn, do sinn eenzel Apparater vun der Spillplaz, déi sti scho prett do. Sinn och déi nach net fir ze benotzen, well déi si jo net ëmzäunt gewiescht? Dat hat ech op de Fotoe gemaach. Oder ass dat ee grousst Ganzt an déi sinn elo ëmzäunt?

Dat wieren déi zwou Prezisiounsfroen, déi ech hätt. Soss soen ech scho mol Merci fir d'Äntwert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Also mir ass u sech net bekannt, dass de elo nach net däerfs do parken, well dofir hu mer jo missen d'Signalisatioun an den Horodateur setzen, fir datt mer dat, wéi soll ech dat elo ausdrécken, dat wëllt Parken u sech an de Gréff kriten. Well soss, wa mer dat net maachen, du kënns jo ran an déi Strooss. An dat Eenzegt, wat der da kéint passéieren ass, dass de entweeder verwarnt gëss oder e Protokoll kriss, well s de net ageheit hues.

An ech mengen, mir sinn eis jo alleguerten eens, datt dat dote ganz no bei engem Zuch-Arrêt ass. A mir wësse jo, wat da géif geschéien, wa mer dat doten net esou a Kraaft setzen, wéi mer dat elo gemaach hunn. Da parkt jiddereen do an hëlt den Zuch fir an d'Stad gratis. Dofir géif ech dofir warnen, fir do elo allze grouss Ausname just op där doter Plaz ze maachen. Voilà!

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, voilà, also et ass nach guer keent vun de Spiller ofgeholl. Et ass net vu Luxcontrol ofgeholl. An ech hunn och Fotoen. Et ass awer alles entweeder mat Terragitter oder mat Bändchen ofgespaart ausser et hëlt een et elo ewech. Mee et ass guer näischt ofgeholl, et ass keen Accès fir de Public, et ass net op.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Also eppes, wat nach zou ass, Här Steffen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà. Okay. Merci fir déi doten Äntwerten. An da gi mer op d'nächst Fro iwwer. Dat ass och vun deene Gréngen. Zu de Vëlostänneren. An da ginn ech den Claudia d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, da si mer erëm bei de Vëloen. Déi Gréng hunn e Froekatalog betreffend d'Sécherheet vun de Vëlo-Stänneren eraginn. Et ginn anscheinend kriminell Persounen, déi d'Bigelen duerchschneiden an zoupechen oder Muffe lassdréine fir d'Vëloen ze klauen, déi do ugestréckt sinn.

An da froen déi Gréng:

Ass de Schäfferot sech dëse Gefore bewosst? Wéi oft gi Kontrollen un de Vëlosstänneren duerchgefouert, ob se net béiswëlleg manipuléiert goufen? Kontrolléiere vu Stickeren a Kontrolléieren och dann eebe vun deene Muffen.

Bon, dem Schäfferot an och eise Servicer war bis elo nach keen esou e Fall bekannt, wéi vun de Grénge beschriwwen. Och d'Police zu Diddeleng krut hiren Aussoen no nach keng Reklamatioun iwwert esou manipuléiert Bigelen.

Se soten eis awer, si géifen natierlech deen Trick kennen. Et waer hinnen awer esou e Fall hie zu Diddeleng nach net bekannt gewiescht.

D'Police sot awer, si krit reegelméisseg Plainten, datt Vëloe geklaut goufen. Mee dat waren da Vëloen, déi entweeder net ugestréckt waren oder souguer aus Privatraim eraus géife Vëloe geklaut ginn.

D'Agenten an d'Personal vum technesche Service, déi kontrolléieren natierlech reegelméisseg, ob déi Bigelen nach fest ugezu sinn an ob näischt futti ass a muss gefléckt ginn. A wa Stickeren drop kliewen, bon, da ginn déi natierlech

erofgeholl, sou gutt et natierlech geet. Well dat ass net ëmmer evident. Ech mengen dat wësst Der.

Gëtt bei de mat Muffe verschrauftene Stänneren iwwert en alternative Sécherheetsmodus, zum Beispill abetonéieren, nogeduecht? Wa jo, ab wéini ass domat ze rechnen, datt all Stänneren esou geséchert sinn?

Bon, wéi virdru scho gesot, gouf et hei nach iwwerhaapt keen esou en Fall. An déi do Bigele mat Muffen, déi sinn och extra geholl ginn, well se a) méi einfach anzebauen sinn a b) awer och eng gewësse Flexibilitéit eis bidden. Zum Beispill wa Bigelen am Kader vun enger Manifestatioun, engem Event, mussen ewechgeholl ginn, da geet dat dote vill méi einfach. Wa mer ufänken déi Bigeelen do all anzebetonéieren, da stinn déi natierlech fix do a kënne just nach mam Hilti oder enger Trennscheif ewechgeholl ginn. An éischtens ass dat ganz, ganz vill Aarbecht. An zweetens kann dat och en deieren Agrëff ginn.

Bon, elo alleguerten déi bestoend Stänneren anzebetonéieren, wéi gesot, ass e groussen Aarbechtsopwand an en héije Käschtefacteur. Do wäerte mer dat am Moment elo mol net maachen. Virun allem och net, well eis bis elo nach keen esou e Fall hei zu Diddeleng bekannt ass.

Zweet Fro. Wéi vill Stännere sinn heivu betraff?

Bon, aktuell ass de gréissten Deel vun de Stännere betraff. Just d'Bigelen a Shared Space sinn abetonéiert, well hei dee Muffesysteem net funktionéiert.

An nach eng Fro. Wann dëst plazeweis net méiglech sollt sinn, wéi kënnen d'Leit vum Schäfferot op déi Méiglechkeet opmierksam gemaach ginn, datt eeben de Vëlo kéint geklaut ginn?

Bon, déi eenzeg Method, d'Leit op esou eng Gefor opmierksam ze maachen, dat wär zum Beispill, Schëlter bei deene concernéierte Vëlostänneren opstellen, Informatiounen och vläicht iwwer Sozial Medien, Internet.

Mee ganz éierlech, ech froe mech awer lo, ob mir nach sollen drop opmierksam maachen als Gemeng, wéi iergendeen eigentlech kéint e Vëlo klauen, wann et bis elo jo nach guer kee Problem war. Ech mengen da géife mer vläicht e Problem draus maachen. Ech loosse mech allerdéngs gären eppes Besseres beléieren. Mee mir hunn et op alle Fall elo mol net geplangt.

Wat mer awer kënne maachen als Gemeng, dat ass d'Kontrollen nach verstäerken, déi wou mer souwisou scho maachen, fir ze kucken ob näischt futti ass.

D'Police, vu datt mer mat deene geschwat hunn, wäert sécherlech dann elo och nach eng Kéier méi e grousst A oder zwee Aen op déi Geschicht do halen an da mengen ech hu mer jo och eise Report-it, wou dann och d'Biergerinnen an d'Bierger kënne mellen, wa se géife feststellen, datt e Vëlostänner endommagéiert wär. Voilà, dat wär et vu menger Säit.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Okay. Merci och fir déi doten Äntwerten. Dann bleiwe mer bei der Mobilitéit. Do ass eng Fro vun deene Lénken, Madamm Thoma, iwwert den TICE.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Der gitt mech haut net lass. Voilà, da sinn et awer net déi Gréng, mee déi Lénk.

D'Madamm Thoma stellt Froen zum TICE. Se seet, se wär iwwerraschtgewiescht, am Tageblatt ze liesen, datt 50 inapte Buschauffere solle vun de Membergemengen iwwerholl ginn an datt d'Schëffleng elo hei Virreider wär.

Laut dann ëmmer deem Tageblatt-Artikel do soll eng Konventioun mat alle Membergemenge gemaach gi fir zäitlech begrenzt dat Personal opzehuelen, wat inapte ass a beschtefalls no Oflaf vun där Konventioun ze iwwerhuelen.

Bon, ech mengen do muss ech ganz am Ufank mol munches richtegstellen an och soen, datt dat glat a guer näischt mat där neier Konventioun ze dinn huet, déi soll ausgeschafft ginn.

Et geet eigentlech hei drëms, Leit, déi reclasséiert sinn an déi net méi kënnen an hirem Beruff als Buschauffer schaffen, eventuell op enger Gemeng eng sënnvoll Beschäftegung ze ginn.

Well Dir kënnt Iech sécher selwer virstellen, datt e Betrib wéi den TICE net fir jidderee vun deene Leit eng sënnvoll Beschäftegung huet an datt en dat och net ka bidden an datt do eenzel Leit sech och langweilen. Dat muss ee sou soe wéi et ass.

Wann eng Membergemeng also ee ka gebrauchen, dat heescht wa Membergemenge Plazen ophunn, wou da Leit mat deem Krankheetsbild drop passen. Dir wësst wann ee reclasséiert ass, da kann ee vläicht net Buschauffer sinn, mee och aner Aarbechten däerf ee vläicht net maachen, well een eppes um Réck huet, well een eppes um Been huet, well een net gutt gesäit.

Dann, awer och just dann, wär dat doten iwwerhaapt méiglech an dann nach misst déi Persoun, déi reklasséiert ass beim TICE, misst déi sech och fräiwëlleg op esou eng Plaz mellen, déi eng Gemeng ausgeschriwwen huet. A wéi gesot, dann, a just dann, kéint dat dote gräifen.

Et goung och ni rieds, datt all déi 50 Leit do misste bei de Gemengen ënnerdaach kommen, mee eebe just wa Gemenge sech melle mat Plazen déi fräi sinn, da kann eng Persoun ënnerdaach kommen oder och déi 50 kéinten ënnerdaach kommen.

Dat mengen ech wär awer elo relativ utopesch, wann ech Iech alleguerten d'Krittären opgefouert hunn, déi eigentlech mussen erfëllt ginn, fir datt een iwwerhaapt kéint esou ee bei enger Membergemeng astellen.

Wann d'Gemenge fräi Plazen hunn, wou eventuell een drop passt, da muss déi Persoun, wéi gesot, sech och nach fräiwëlleg drop mellen. Dat heescht, et gëtt hei keen iergendwouhi

versat, wéi dat e bëssen esou den ënnerschwellegen Toun war an deem Artikel, an et gëtt och kee gezwongen, seng Aarbechtsplaz ze wiesselen. Mee et wär dann e commun Accord tëschent dem TICE, dem TICE-Mataarbechter virun allem mol deen, well dee mellt sech jo fräiwëlleg, an där Gemeng, déi eng Plaz oder méi Plazen ausgeschriwwen huet, enger Membersgemeng also.

Dat mengen ech emol allgemeng.

An da vläicht nach zu de Froen, déi opstinn.

De Schäffrot kann also net confirméieren, datt 50 Leit vun 9 Gemenge sollen iwwerholl ginn, an et ass och keen Ofkommes an deem Sënn zustan komm.

Mee wann eng Gemeng, wéi gesot, interesséiert ass, wéi elo eebe Schëffeleng et war, a wéi gesot alles, awer wierklech och alles passt, da kann eng Konventioun tëschent dem TICE an eeben där Membersgemeng gemaach ginn. D'Betonung läit ëmmer op kann, ni op muss.

Wéivill an ab wéini Leit bei eis sollen iwwerholl ginn zu Diddeleng.

Dat kann ech Iech elo nach net soen, aus all deene Grënn, déi ech virdrun opgezielt hunn. Et muss wierklech alles passen, fir datt dat dote méiglech ass.

Wéi ass de Statut, wa se géife bei eng Gemeng wielen?

Bon, dee bleift nämmlech, well den TICE bleift jo ëmmer de Patron vun der Persoun. Se ginn, komm mir soen ënner Gänseféisercher „ausgeléint“. De Salaire bleift dann natierlech och dee selwechten. An och d'Aarbechtskonditiounen, dat wäerten déi vun der betraffener Gemeng si vun där Plaz, déi eebe fräi ass a wou déi Persoun sech jo dann och fräiwëlleg an en connaissance de cause drop mellt.

Komm mir soen emol iwwerspëtzt, wann ech net gär moies um sechs Auer ufänke mat schaffen, bon, da mellen ech mech einfach net op déi Plaz. Et ass éischter esou. An da bleiwen ech eebe beim TICE.

Wat wär d'Dauer vu sou enger Konventioun?

Bon, dat soll maximum zwee Joer sinn, wou een da kann ausgeléint ginn. An u sech war och net ugeduecht, datt déi Leit solle vun der betraffener Gemeng onbedéngt iwwerholl ginn. Wann eng Gemeng dat awer wéilt maachen an dann erëm eng Kéier déi Persoun d'accord wär, an dann natierlech och nach eng Kéier den TICE, wann déi Persoun d'accord wär de Patron ze changéieren, da muss ee kucken ob dat méiglech ass.

Ech perséinlech weess elo net onbedéngt, ob dat eng gutt Saach fir déi betraffe Persoun wär, wa se vun engem neie Patron géif iwwerholl ginn, well do kënnt eventuell en anere Statut a Fro.

Dat si lauter Buschaufferen. A beim TICE sinn dat Fonctionnairen. Dofir weess ech elo net, ob dat eng gutt Saach wär, wann déi géifen de Patron wiesselen. Do spillt net nëmme Statut mat. Do kéint dee Moment och vläicht de Salaire matspillen, d'Anciennetéit.

Mee bon, wéi gesot, wann eng Kéier esou ee Fall do wär, da muss ee kucken dat mat eise Ministère de Tutellen an och vläicht mam Ministère de la Fonction publique ze kucken, wat do iwwerhaapt méiglech ass.

An da vläicht och nach eng Info, respektiv eng Richtegstellung zu den Zuelen.

Op en Dënschden am Nomëtten hate se um TICE definitiv inapte Persounen, well do muss een och nach den Ënnerscheed maachen. Definitiv inapte, dat heescht, do huet den Dokter gesot, hei deen doten, dee wäert ni méi a sengem Liewe kënne Bus fueren. Där waren der do 33. Temporär inapte, dat si 14 Stéck. Total 47.

Woubäi also déi 14 Stéck duerchaus erëm kënnen an hirem Beruff schaffen, wann den Dokter de Go gëtt. Wéi laang dat dauert, dat kënne mir Iech natierlech net am viraus soen. An dat ass och net um Schäfferot vun enger Gemeng respektiv um Bureau vum TICE ze decidéieren.

Et ass nach gefrot ginn, sinn dat alles Buschaufferen? A wéi ee Statut hunn déi?

Jo, dat sinn alles Buschaufferen. Et sinn also keng aner Membere vum TICE hei betraff an déi si, wéi gesot, och alleguerte Fonctionnaire.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà, merci dem Claudia och fir d'Äntwerten op all déi Froen, déi hei gestallt goufen. Ech stelle fest, dass mer zum Schluss vun der Séance publique ukomm sinn. An da géife mer eriwwer switchen an den Huis clos. •

Michèle Kayser – Wengler

CSV - Faktioun Diddeleng
127, rte de Luxembourg
L-3515 Dudelange

Diddeleng, de 25. Mäerz 2025

Un den Här Buergermeeschter

An un de Schefferot vun der Stad Diddeleng

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schefferot,

Am Numm vun der CSV-Fraktioun bieden ech Iech am Kader vun der nächster Gemengerotssitzung zu folgende Froë Stellung ze huelen:

SOURRIRE ASBL / Haus 43, rue Ribeschpont

De 24.3.2023 gouf am Gemengerot ee Contrat de bail commercial tëscht der Stad Diddeleng an der Sociétéit SOURRIRE a.s.b.l. fir d'Haus op 43, rue Ribeschpont approuvéiert. Hei sollt eng "Maison de thérapie psychologique" mam Numm "JuMa House" opgoen.

Et huet dofir missen eng Autorisatioun ugefrot gi fir e "Changement de destination" vierzehuelen : eng Maison unifamiliale, déi der Gemeng gehéiert, krut op eng Entscheedung vum Buergermeeschter d'Autorisatioun fir an ee "Cabinet thérapeutique" ëmgewandelt ze ginn.

D'CSV-Fraktioun hat sech géint de Projet ausgeschwat

- Well mir net averstane waren dass en Eefamilienhaus mat enger Wunnfläch vun 120 m², wou d'Gemeng Propriétaire ass, an wou een hätt kënnen enger Famill matt 3-4 Kanner een Doheem ginn, einfach net méi als Wunnhaus genotzt gëtt.
- Well mir net averstane waren dass Transformatiounsaarbechten an a ronderëm d'Haus laut Contrat de bail commercial vum Locataire sollte gemaach ginn an ënger Valeur vun 36.000.- €, an doduerch de Locataire vu Mee 2023 bis Dezember 2023 kee Loyer huet brauchen ze bezuelen (woubei d'A.S.B.L. laut Kontrakt scho säit dem 1.1.2023 d'Gebai konnt notzen ).
- Well d'A.s.b.l beim Ënnerschreiwe vum Contrat de bail nach keen Agrément mat kengem Ministére hat.

D'CSV- Diddeleng hat am Juni 2024 verschidde Froen zur Notzung vum Haus an zur Ausriichtung vun dem "Cabinet thérapeutique" gestallt.

De Schefferot huet erkläert dass " de Projet sech entwéckelt huet: De Projet heescht "Maison SOURRIRE " a gëtt vun enger ASBL gefouert. Objet ass d'Bedreiwe vun engem Therapiehaus, an awer och en oppent Haus fir all Kulturen, all Nationalitéiten an all Generatiounen."

Laut Schefferot géif dës Aktivitéit sech an d'Politik vum interkulturellen Zesummeliewen aschreiwen," wat eng Ouverture um finanzielle Plang kann duerstellen".

**1) Heescht dat dass de Schefferot eng finanziell Ënnerstëtzung vu SOURRIRE viergeholl huet ? Ënnert wéi enger Form ? Gouf de Loyer, deen am Contrat de bail 2023 festgehal gouf, awer bezuelt ?**

Et huet geheescht dass Maison SOURRIRE Démarchen ënnerholl hätt fir mat den Office sociauxë vun Diddeleng, Beetebuerg an Esch zesummenzeschaffen an integrativ Atelieren fir Demandeurs de protection internationale unzebidden.

**2) Wié eng Atelierë goufen a wéi enger Frequenz ugebueden ?**

**3) Koum die ugekënnegt Zesummenaarbecht mat der Diddelenger Schoul a mam SEA zustan ?**

Et huet geheescht dass 20 verschidde Sproochecouren, Kachcouren, Informatik a Sportaktivitéiten am Haus MAISON SOURRIRE ugebuede gi sinn, an dass an der Moyenne 150 Persoune pro Woch géifen empfaang ginn.

**4) - Huet d'ITM d' Autorisatioun ginn fir dass esou vill Leit am Haus circuléieren resp. esou vill Aktivitéiten an deem Haus stattfannen ?**

**5) - Wéi eng Transformatiounen resp. Adaptatiounen hunn am Haus misse viergeholl ginn ?**

De Schefferot wollt de Projet " aktiv begleeden".

**6) - Wéi huet dës Begleedung ausgesinn ?**

**7) - Wou ass dee Projet drun ?**

**8) -Si mëttlerweil Konventioune mat verschiddene Ministèren zoustan komm ?** (wat der ASBL jo och eng finanziell Sécherheet gëtt, an si dann och d'Méiglechkeet huet fir eng aner Localitéit sichen ze kënnen).

De Contrat de bail tëscht der Gemeng an der Société SOURRIRE A.S.B.L. leeft den 30.4.2025 aus.

**9) - Wéi stellt de Schefferot sech eng zukünfteg Notzung vum Haus 43, rue Ribeschpont vir ?**

**10) - Ass den Häer Buergermeeschter bereet, gegebenefalls eng "autorisation de changement de destination" vum Haus virzehuelen, fir dass et nees als Wunnhaus ka genotzt gin ?**

Mir soen am viraus Merci fir d'Äntwerten.

Mat beschte Gréiss,

Michèle Kayser-Wengler

am Numm vun der CSV-Fraktioun

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

CSV Fraktioun Diddeleng
Madame Michèle Kayser-Wengler
127, route de Luxembourg
L-3515 Dudelange

Diddeleng, den 22. Abrell 2025

Betrefft : Fro vun der CSV Fraktioun Diddeleng – Sourrire a.s.b.l. / Haus 43, rue Ribeschpont

Madame Kayser-Wengler,

D'CSV Fraktioun Diddeleng huet de 25. Mäerz 2025, am Virfeld vun der Gemengerotssitzung vum 31. Mäerz 2025 a gemiess dem internen Uerdnungsreglement vum Gemengerot vun der Stad Diddeleng, dem Schäfferot Froen zoukomme gelooss zum Thema "Sourrire a.s.b.l. / Haus 43, rue Ribeschpont".

Wéi an der Gemengerotssitzung vun der Ressortschäffin Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ugekennegt, huet eise Schäfferot decidéiert, am Aklang mam Gemengegesetz a mam internen Uerdnungsreglement, schrëftlech op dës Ufroe Stellung ze huelen.

Nofolgend fannt Där dann d'Äntwerte vun eisem Schäfferot op Är Froen.

*FRO 1) Heescht dat dass de Schäfferot eng finanziell Ënnerstëtzung vu SOURRIRE viergeholl huet ? Ënnert wéi enger Form ? Gouf de Loyer, deen am Contrat de bail 2023 festgehal gouf, awer bezuelt ?*

De Schäfferot huet keng finanziell Ënnerstetzung vun der a.s.b.l. Sourrire iwwert de Budget vun der Stad Diddeleng getätegt.

Sourrire a.s.b.l. leescht um Terrain eng immens waertvoll Aarbecht, déi, a Synergie mat ville besteeënde soziale Servicer, déi d'Stad Diddeleng ubitt, dem Wuel vun der ganzer Bevelkerung zum Gudde kennt.

Sourrire a.s.b.l. leescht bemierkenswäert sozial Aarbecht an agéiert ëmmer nach am Benevolat. Kee vun den intervenantë kritt iergend eng Rétributioun finanzieller Natur. Leider ass et bis haut der Associatioun nach net gegléckt eng finanziell Ënnerstetzung vun engem ministeriellen Departement iwwer eng Konventioun ze kréien, wat eise Schäfferot zudéifst bedauert a wat et onméiglech mécht de Loyer ze begläichen.

*Et huet geheescht dass Maison SOURRIRE Démarchen ënnerholl hatt fir mat den Office sociaux vun Diddeleng, Beetebuerg an Esch zesummenzeschaffen an integrativ Atelieren fir Demandeurs de protection internationale unzebidden.*

*FRO 2) Wéi eng Atelieren goufen a wéi enger Frequenz ugebueden ?*

Hei de Verweis op eis Äntwert vum 8. Juli 2024.

D'Maison Sourrire bitt aktuell eng 20 Atelieren un. Lëtzebuergesch a franséisch Sproochecoursë, Sport, Kichen an Informatik Coursë fir Persounen, déi Problemer hu fir u klassesche Coursen deelzehuelen, well se net déi psychologesch oder logistesch Méiglechkeeten hunn.

Et ass ze bemierken dass elo schonns d'Maison Sourrire an der Moyenne eng 150 Persoune pro Woch empfänkt. Persoune gi mat hire Kanner empfaangen an dest ass just méiglech well aktuell 15 Benevollen, dovunner 8 ënnert dem Statut vum "TUC" (Travaux d'utilité collective)(ONIS) sech allgemeng em d'Persoune mat hire Kanner bekemmeren.

Moieskaffi, Mettesiessen an eng Collatioun am Nomëtte ginn offréiert duerch d'Ënnerstëtzung vun der "banque alimentaire".

Aner Aktivitéite vun der Maison Sourrire si Sproochegruppe fir Fraen déi Traumaen hunn a fir Familljen déi Rotschléi an Ënnerstetzung brauchen am familiare Beräich, therapeutesch Photographiesatelieren, Jardinageatelieren, Gesellschaftsspiller, therapeutesch Mol- a Schreiwaktivitéiten fir de Fraen a Männer et ze erlaben zesumme mat hirer Famill ze agéieren. Männer kenne vun engem Coiffer, deen op benevoller Basis schafft d'Hoer geschnidde kréien. Ausserdeem bitt d'Haus de mëttellosen Familljen d'Méiglechkeet no hirer Hygiène ze kucken.

Schliisslech bedreift Sourrire och nach di solidaresch Waschkichen an 2X pro Woch de solidaresche Vestiaire, dee ganz vill vun de Spende vun de Awunner vun Diddeleng profitéiert.

Sourrire a.s.b.l. bidd deemno eng Vilfalt vu psycho-soziale Aktivitéiten un, déi Menschen a schwierege a soziale Situatiounen ze gutt kommen.

*FRO 3) Koum die ugekennegt Zesummenoarbecht mat der Diddelenger Schoul a mam SEA zustan ?*

Wéi schonns an eisem Bréif vum 8. Juli 2024 bemierkt, koum et net zu enger Zesummenaarbecht mat de Schoule respektiv dem SEA, well dës Zesummenaarbecht Bestand war vum initiale Projet (Therapiehaus), deen, opgrond vun der neier Orientéierung an der Integratioun vum Projet an eng aner Struktur, huet missen iwwerduecht ginn. Mir verweisen an desem Zesummenhang och op d'Antwert zur Fro 9.

*Et huet geheescht dass 20 verschidde Sproochecouren, Kachcouren, Informatik a Sportaktivitéiten am Haus MAISON SOURRIRE ugebuede gi sinn, an dass an der Moyenne 150 Persoune pro Woch géifen empfaang ginn.*

*FRO 4) Huet d'ITM d' Autorisatioun ginn fir dass esou vill Leit am Haus circuléieren resp. esou vill Aktivitéiten an deem Haus stattfannen ?*

De Service de prévention et de planification vum CGDIS huet, mat sengem Avis vum 16. Mäerz 2023 d'Aktivitéiten, esou wéi se am Haus, mat den Ariichtungen am Haus, an am beschriwwenen Emfang, ugebuede ginn, ofgenoll.

Désen Avis baséiert sech op déi gemeinsam Virschrefte vum CGDIS a vun der ITM am Kader vun der Brandvirbeugung. Eng Geneemegung vun der ITM ass net néideg, well d'ITM sech op den Avis vum CGDIS bezitt.

*FRO 5) Wéi eng Transformatiounen resp. Adaptatiounen hunn am Haus misse virgeholl ginn ?*

Der Schäfferot verweist fir dës Fro op de Contrat de bail vum 24. Februar 2023.

*De Schefferot wollt de Projet "aktiv begleeden".*

*FRO 6) Wéi huet des Begleedung ausgesinn ?*

Ënnerstëtzung gouf et vum Schäfferot mat der Begleedung vun den Demarche bei de verschiddenen Ministèren an dem Austausch mat den interne Servicer vun der Stad Diddeleng respektiv dem Office social, ARIS, an dem mat der Stad konventionéierte Partner Inter-Actions a.s.b.l..

*FRO 7) Wou ass dee Projet drun ?*

No rezenten Échange mat Sourire a.s.b.l. an Inter-Actions a.s.b.l. ass e Projet "service thérapeutique destiné aux personnes socialement défavorisées" ausgeschafft ginn, deen och dem Gesondheetsministère präsentéiert ginn ass fir 2026 eng Konventioun ze kréien.

Des Weideren ass Inter-Actions a.s.b.l. bereet warend der Iwwergangszait d'Fonktionnement an d'Weiderféiere vu verschiddenen Aktivitéite vu Sourire a.s.b.l. ze superviséieren an z'encadréieren, fir d'Dauerhaftegkeet vun de Mesuren ze garantéieren.

Hei geet et konkret em

- d'Garantéieren an den Ausbau vun de Sproochecoursen, Workshops zu de Sproochen an en zousatzlechen "Café des langues"
- de Betrib vun der Wäschkichen an dem soziale Vestiaire ofzesécheren, wessend dass de Vestiaire an engem grousse Moss vun de Spende vun den Diddelenger Awunner profitéiert;
- d'Gespréichsgruppen an d'Computercourse weiderzeféieren an an desem Zesummenhang och d'Zesummenaarbecht mat den Agents régionaux d'inclusion vun der Stad Diddeleng ze verstäerken.

Am Kader vun dëser Zesummenaarbecht ginn d'Servicer an d'Leeschtunge vu Sourire a.s.b.l., déi am Haus 43, rue Ribeschpont ugebuede ginn, an d'Leeschtunge vun Inter-Actions agebonnen.

D'Opléisung vum Kontrakt mat Sourire a.s.b.l an eng zukünfteg Mise à disposition vum Haus 43, rue Ribeschpont un d'a.s.b.l. Inter-Actions ginn dann och dem Gemengerot ënnerbreet.

*FRO 8) Si mettlerweil Konventioune mat verschiddene Ministèren zoustan komm ?*

Leider ass festzestellen, dass bis elo d'a.s.b.l. Sourire vu kenger Konventioun mat engem vun de Ministère ka profitéieren.

Dëst ass zuéierst ze bedaueren, dëst émsou méi well d'Stad Diddeleng och bei den zoustännege Ministeren intervenéiert huet an hinne bestätegt huet dass de Schäfferot de Projet ennerstetzt.

*FRO 9) Wéi stellt de Schefferot sech eng zukünfteg Notzung vum Haus 43, rue Ribeschpont vir?*

Des Fro eriwwregt sech op Grond vun der Äntwert zur Fro 7.

*FRO 10) Ass den Hoer Buergermeeschter bereet, gegebenefalls eng "autorisation de changement de destination" vum Haus virzebuelen, fir dass et nees als Wunnhaus ka genotzt gin ?*

Des Fro eriwwregt sech op Grond vun der Äntwert zur Fro 9.

Falls et awer néideg wier, kann de Buergermeeschter eng "autorisation de changement de destination" ausstelle vir dass Haus nees zu Wunnzwecker oder aneren Zwecker ka genotzt ginn.

Ze bemierken ass awer dass duerch de Projet wäitaus méi Familljen an hirem schwieregen Alldag ka geholl ef ginn, wéi wann d'Haus just als réng Wunnzwecker benotzt géif ginn.

Mat beschte Gréiss,

Fir de Schafferot vun der Stad Diddeleng,

de Buergermeeschter,

Dan Biancalana

de Gemengesekretär,

Patrick Bausch

# Poesie am Park

## 14.8.

**17:00-23:00**
Fräien Entreé

## Park Emile Mayrisch
## Diddeleng



**Liesunge fir Grouss a Kleng • Musek • Iessen & Gedrénks**

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

Commission
de la Culture

UEFA women's euro
SWITZERLAND 2025

# PUBLIC VIEWING FINALE



## Di/So 27.7. • 18:00
## Pl. Hôtel de Ville

à partir de / ab 17:00
## ANIMATION
## FOOD & DRINKS

FREE

Entrée gratuite
Freier Eintritt
Free entrance


# maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

Eng Welt. Eng Mënschheet.
gender equality
Zesumme wuessen.

UEFA women's euro
SWITZERLAND 2025